



GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL
DU 17.12.2021

maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN



COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP



Romain Zuang,
conseiller LSAP



Bob Claude,
conseiller LSAP



Alain Clement,
conseiller LSAP



Walter Berettini,
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Sylvie Andrich-Duval,
conseillère CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Jean-Paul Friedrich,
conseiller CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Monique Heinen,
conseillère Déi Gréng



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Thessy Erpelding,
conseiller Déi Lénk



Victor Haas,
conseiller indépendant

SOMMAIRE



RAPPORT SOMMAIRE EN FRANÇAIS	4
PRISES DE POSITION DES CONSEILLERS COMMUNAUX, AUX RÉPONSES DU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS ET AUX VOTES DU BUDGET RECTIFIÉ 2021 ET DU PROJET DE BUDGET 2022	5
RÉPONSES DU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS	36

RAPPORT SUCCINT



Présents : Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina, René Manderscheid ; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Mesdames Semiray Ahmedova, Sylvie Andrich-Duval ; Monsieur Walter Berettini ; Madame Martine Bodry-Kohn ; Messieurs Bob Claude, Alain Clement ; Madame Thessy Erpelding ; Messieurs Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler ; Mesdames Monique Heinen, Michèle Kayser-Wengler ; Messieurs Claude Martini et Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal. Absent : Monsieur Vic Haas, conseiller, excusé.

Début de la séance à 8.00 heures.

Le budget rectifié de l'exercice 2021 et le projet de budget de l'exercice 2022 ayant été présentés par le collège des bourgmestre et échevins durant la séance du conseil communal du 10 décembre 2021, la présente réunion est réservée uniquement aux prises de position des conseillers communaux par rapport aux projets de budgets, ainsi qu'aux votes du budget rectifié 2021 et du budget initial de l'exercice 2022.

Ainsi, le budget rectifié de l'exercice 2021 est approuvé avec 10 voix contre 5 et 3 abstentions et le budget initial de l'exercice 2022 est approuvé avec 10 voix contre 3 et 5 abstentions.



GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 17. DEZEMBER 2021

STELLUNGNAME VUN DE GEMENGECONSEILLEREN ZU DEN ÄNTWERTE VUM BUEGER- MEESCHTER- A SCHÄFFEROT AN ZUM VOTT VUN DEM BUD- GET RECTIFIÉ VUM EXERCICE 2021 A VUM BUDGET INITIAL VUM EXERCICE 2022

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, ech géif lech ganz häerzlech de Mueren hei begréisze bei der Gemengerotssëtzung. D'Hauptthema vun den Diskussiounen wäert de Budget rectificié 2021 an de Budget 2022 sinn. Do ass et virun allem un de Conseillëren an de Conseillere Stellungnam ze huelen. Entschëllegt huet sech fir haut den Här Haas. Mat där Entschëllegung si mer haut als Gemengerot komplett, vu dass d'Madamm Ahmedova nach wäert nokommen. Domat ass jo dann de Kader gesat, an da géif ech proposéieren, dass mer ufänken. An traditionell ass et jo ëmmer e Member vun der Oppositoun, dee fir d'éischt d'Wuert kritt, fir Stellungnam ze huelen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schaffen- a Gemengerot, als CSV erlaben ech mer dem Här Pull a sengem ganze Service villmools Merci ze soe fir seng gutt Aarbecht dat ganz Joer iwwer. Et ass jo net nëmmen deen Dossier hei, deen hie préparéiert an eis zoukomme léisst. Mee et ass einfach flott, wann een eng Fro huet, dann ass hie ganz onkomplizéiert, da kann een ëmmer bei hien a seng Mannschaft higoen an eppes nofroen an dofir e grouse Merci, och fir seng Ouverture.

2020 an 2021 krute mir als Diddelenger Gemeng 15 Milliounen manner Dotatiounen vum Staat wéi an de Previsiounen virgesi war. A mir wësse firwat. An awer geet en Opootmen duerch d'Land. D'Relance huet 2021 awer besser ugefaangen, wéi mer nach virun engem Joer - net heibannen, mee am Centre Culturel opderschmelz - gefaart haten. Déi ganz moros Previsiounen sinn net agetraff. Iwwert de Fonds de Dotation globale ass eis

Dotatioun am Rectifié 2021 awer besser ausgefall an och den Impôt commercial huet eng liicht Reprise gewisen. Dofir ass am Rectifié d'Recette ordinaire awer ëm bal 5,6 Milliounen op 108 Milliounen ugewuess. Mee eis Depense ordinaire sinn, op 43,7 Milliounen liicht gefall. Sinn awer trotzdem nach héich. An an de Previsiounen vun 2022 klamme mer erop op Depense vun iwwert 106 Milliounen. Dat ass schon enorm.

Chance hate mer, dass och fir 2022 d'Dotatiounen vum Staat wäerte weider eropgoen. Mir hoffen dat jo. A schreiwen 8 Milliounen méi an. Recettë vun 116,6 Milliounen. Doran ass awer och nees eng Zomm vu 4 Milliounen dran, déi mer gegebenefalls aus eise Reserven eraushuelen, déi mer dëst Joer net hu missten zéien. Virun der Corona-Kris hate mer eng gutt Mouk ugeluecht. De Boni am Ordinaire war z.B. 2019 ëmmerhin 21 Milliounen. De Boni geet erof. Als logesch Konsequenz vun deem, wat ech virdru gesot hunn. 2020 hate mer nach 15,5 Milliounen kënnen aschreiwen. 2021 14,2 Milliounen a fir 2022 schreiwe mer da „just“ e Boni vun 10,4 Milliounen an. Den Apel fir den Duuscht, dee gëtt e bësse méi kleng. Mee mir brauchen awer déi Reserven, fir eise Verpflichtungen nozekommen, virun allem, fir eise Verpflichtungen am Extraordinaire nozekommen.

D'Depensen am Extraordinaire rectificié 2021 si 5 Milliounen méi héich ausgefall wéi am Initial. Mir hunn Depense vun 52,1 Milliounen. Mir hunn hei bannen ëfters misse Kreditter nostëmmen. A mir hunn och misse Kreditter iwwerschreiwen, fir Projeten, déi votéiert sinn, awer nach net fäerdeg sinn. Mir sinn awer, an dat ass jo eng grouss Chance, laanscht deen Emprunt komm vun 20 Milliounen, dee mer virsuerglech d'lescht Joer ageschriwwen haten. Fir 2022 hu mer och en Emprunt ageschriwwen, dës Kéier vun 30 Milliounen, an den Extraordinaire bei de Recetten. Wann d'Relance am Land 2022 net weider kräfteg unzitt an doduerch d'Dotatiounen vum Staat un d'Gemengen och weider klammen, da gëtt et enk. Mir hoffe jo alleguer, dass de Kont 2021 och nach méi eng favorabel Bilanz opweist, an dass mer awer mat engem gudde finanziellen Polster an d'Joer 2022 an doriwwer eraus plange kënnen. Et ass vill „wann“ an dësem Saz. Villes ass Spekulation, Hoffnung, Optimismus. Dofir heescht et, virsiichteg plangen an eis Finanzen am A behalen. Seriö, en „bon père de famille“ soll de Schäfferot d'Planung vum Budget opsetzen a suivéieren. Vill Inconnuen an Imprevue kënnt dir net virausgesinn: Wéi geet et weider mat der Relance économique? Wéi geet et weider mat de Sozialtransferten? Ginn déi duer? Wéi geet et weider mat der Aarmut? Déi awer trotzdem faassbar ass, wa mer de Chiffere vun eise Office social nolauschteren. Wéi geet et weider mat der Klimakris? Logementskris? Wéi geet et weider mam Corona? Maachen nach vill Betriber hir Dieren zou? Ginn et nach vill méi Leit, déi no un d'Aarmut erukommen? Dorop huet kee vun eis eng Äntwert.

Wat mer awer elo scho wëssen: den Depassement vun den Devisen, vun de Projeten am Extraordinaire, deen op eng allgemeng Hausse vun de Präisser fir Baumaterial an och eng Penurie u Material zeréckzeféieren ass. Dës wäert eis awer och 2022 a vläicht och nach 2023 begleeden. D'Erhéijung vum Gas, vum Brennes, awer



och vum Waasserpräis weist sech definitiv och an eise kommunalen Depensen um Enn vum Joer. 2021 hu mer 1,26 Milliounen missen nostëmmen. Heiansdo waren d'Haussen net previsibel. Mee mir fuerderen de Schäfferot awer op, och scho bei den Devisen, déi am Gemengerot virgestallt ginn, méi akribesch drop opzepassen, ob wierklech all Poste scho mat agerechent gouf an dat och akkurat berechent gëtt. De Sproch, „mir hunn dat Pi mol Handgelenk estiméiert“, deen däerf heibannen an deem Kontext net méi falen. En seriö Finanzpolitik verlaangt eng seriö Kontroll vun allen Devisen duerch de Schäfferot als lescht Kontrollinstanz. An doriwwer eraus muss och mat Rigueur d'Anhale vun den Devisen kontrolléiert ginn an duerchgezu ginn.

A wann Depassementer ufalen, dann erwaart de Gemengerot och eng transparent Presentatioun mat allen Detailer, firwat muss nogestëmmt ginn, firwat et zu deem Depassement komm ass. Luewenswäert ervirhiewe kann een do just d'Presentatioun vum verantwortbelen Architektbüro, deen eis ganz genau, ganz akribesch erkläert huet, firwat den Depassement an der Crèche, an der Struktur Italien sou néideg war. Dat war exemplaresch. A mir géifen drop halen, dass dat och an Zukunft sou gehandhaabt sollt ginn, an net dass mer dann einfach Chifferen dohinner geluecht kréien, wou mer dann net wëssen, wou komme mer un déi Depassementer drun? Mee wéi gesot, un alleréischter Stell geet et drëm, d'Devisen, eier se lancéiert ginn, ganz genau ze kontrolléieren, ob och alles dran ass, net dass nach Extraen herno dra stinn, wou mer dat net kënne chiffrieren. Wéi gesot, viles ass onkloer wéi et weidergeet.

Aner Realitéite begleeten eis awer konsequent. Wéi all Joer maachen eis déi alljärech substantiell Haussé vum de Personalkäschte Suergen. Déi normal Evolutioun vun de Karriären, dat ass e Fix an inevitabel. Och wann d'Personalfraisen 2021 manner héich ware wéi virgesinn, huelen ech un, dass dat dorunner läit, dass mer, wéi et och am Kommentar vum Budgetsdokument steet, 2020 nei Poste virgesinn haten, déi mer awer net besat haten. Am Ufank, wou ech dat gelies hunn, duecht ech: Jo, den Audit – Audio – Audire – nolauschten – hören – erfahren – den Audit vun der Consultingfirma dréit hir Friichten. D'Ressources humaines gi jo erëm ëmstrukturéiert, besser agesat, Synergië gi geschaf. Dee Plan d'Action, deen déi Consultingfirma zum Motto hat: Structurer – centraliser – communiquer – proposer – gouf gehéiert an a Musek ëmgewandelt. Et war ee gudden Usaz, deen ass do och ze erkennen. A mam Här Patrick Bausch an dem Här Nosbusch hu mer jo och mat kompetenten an engagéierte Leit ze dinn, déi

och nogelauschtert hunn, och den Audit gelauschtert hunn an eis och scho verschidde Pisten opgezeechent hunn, wou Verbesserungsméiglechkeete sinn. Wéi gesot, 2020 sinn nei Poste virgesi gi gewiescht, déi awer net besat goufen, doduerch koum et zu enger lichter Descente vun de Personalfraisen. Dofir geet awer 2022 eis Masse salariale substantiell erop, well mer 2021 awer vill Poste geschaf hunn, déi dann 2022 besat ginn an dann och an de Kont erakommen.

Ech hunn do eng Fro bei „Engagement temporaire de personnel afin de pallier aux postes vacants de l'administration“, do ass eng Zomm agesat ginn an do froen ech mech, wat ass dat, wéi eng Leit sinn dat? Sinn dat Leit am Enseignement oder an der Maison Relais? Wou goufen déi Leit gebraucht? Mir wënschen eis eng konsequent Weiderféierung vun de Beméiungen, eis Servicer fit ze maachen. Fit fir de Bierger. Fir deenen eng gutt Qualitéit un Déngschtleeschungen unzebidden, ouni awer de finanzielle Kader ze vill ze sprengen. Jo, och d'CSV ass fir gutt opgestallte Servicer, fir all Servicer. Net nëmmen d'Schoulen an d'Maison Relais, net nëmmen do, wou mer Salaren deelweis och bezuelt kréie vun de staatlechen Institutionen, mee mir sinn och do fir, dass d'Administration an d'Service Technique solle gutt opgestallt sinn. Awer, et soll och engmascheg, natierlech am Dialog mat de Beträffenen, d'Personalpolitik reegelméisseg hannerfrot an optiméiert an adaptéiert ginn. Dass dat net zum Nulltarif ass, ass eis och kloer. Mee wann ech awer liesen, dass 2022 d'Hausse vun de Käschte vun der Masse salariale op 5,9 Milliounen ugesat ass, da geet z.B. de Grëff an d'Reserve vu 4 Milliounen, dee mer vläicht tätege musse mol net duer, fir dës Zomm ze bezuelen. A wann een da weess, dass ca. 50% vun den Depense ordinaires am Brutto op d'Salairë falen, da gëtt de Sputt beängschtegend dënn. Zemoools well Mëtt 2022 warscheinlech nach eng Indextranche op eis duerkënnt, déi mer hei nach net konnten aberechnen.

E Wuert och zu den Taxen. Mir hunn d'lescht Woch decidéiert, d'Waassertaxen ze erhéien. Mir als CSV hunn dat matgedroen, nom Prinzip Pollueur-Payeur a fir dem Kostendeckungsprinzip vum Gesetz Rechnung ze droen. Et gouf d'lescht Woch gesot, eng gutt Kommunikatioun no baussen, mat eise Bierger, ass wichteg. Jo, mir wëlle jo och sensibiliséieren, dass d'Waasser net verbëtzt gëtt. Grad als Klimapakt-Gemeng ass dat enorm wichtig. An awer wäert dës Erhéijung déi Leit treffen, déi et schwéier hunn, d'Enner mateneen zesummen ze kréien. Eise Restanten-Dekont weist eis all Joer, dass et fir vill Stéit net einfach ass, eis Taxen ze bezuelen. Mee dat muss awer sinn an dat gëllt einfach fir jiddereen. An do brauch et och eng gewësse Rigueur vun der Kontroll, déi mer jo bis elo erfollegräich gemaach hunn, wat sech doranner weist, dass eise Restanten-Etat ëmmer erofgeet. Dat solle mer och och jiddwer Fall weidermaachen. Et muss awer och sinn dass de Wee an d'Maison Sociale, fir sech eventuell Hëllef ze sichen, wann een d'Enner net zesummekritt, dass dee Wee einfach ëmmer nach op ass fir jiddereen. Mir haten d'lescht Woch dem Personal aus der Maison Sociale e grousst Luef ausgeschwat. Mir ënnersträichen ëmmer erëm, wéi accessibel, wéi sensibel se sinn. An dat wäert och an den nächste Jore sou sinn, dass hir Aarbecht net ofhëlt.

D'Hëllef vun der Allocation Vie chère, déi vum Staat op 200.- Euro pro Stot eropgesat ginn ass, ass sécher eng Drëps op de waarme Steen, awer ëmmerhin eng Drëps. An och mir als Gemeng huelen do eis Responsabilitéit, dat begrëisse mer explizitt, an erhéijen och eise Beitrag. Vlächcht kann een Enn nächst Joer Bilan zéien, ob eventuell méi Demanden erakomm sinn an ob ee vlächcht de Budgetsposten insgesamt dierf hiewen, oder vlächcht kréie mer souguer vum Staat gesot, dass mer e mussen hiewen, mee dat ass de Solidargedanken, do ass guer net drun ze fréckelen, dat ass eppes, wat mer absolut agesinn a virun allem och ënnerstëtzen.

Eng aner Depense, déi och substantiell an d'Luucht geet, ass de Beitrag un de CGDIS. Ech hat, wéi mer iwwert de PNOS geschwat hunn erkläert, dass mer selbstverständlech all Investissementer an d'Sécherheet droen. Awer déi dach substantiell Hausse vun 840.000.- Euro op 1,04 Milliounen fir eis Gemeng ass net näischt. An an eise Diddelenger Avis zum PNOS, den Här Buergermeeschter hat et och gesot, ware mer e bësse méi kritesch, wat de finanziellen Deel ugeet, dass een Donnéeën an Dépense muss am A behalen. Mir als CSV haten alt gehofft, dass den Avis vum PNOS net nëmmen eisen, mee och de ganz pointéierten Avis vum Syvicol, als Denkestouss genotzt géif ginn, fir am Interieur nach vlächcht Verbesserungen an Adaptatiounen an de Berechnungen ze maachen. Ech mengen, do ass awer net vill geschitt. Mee da mussen mer eeben en A drop hunn, wéi den Dossier sech an Zukunft weider entwéckele wäert.

Am Extraordinaire heescht et, d'Investier steigen. Jo, och schon am Budget 2021 si se vum Initial op de Rectifié geklommen, well vill Projete méi deier gi sinn, respektiv, well vill Saachen iwwerschriwwen goufen op dat nächst Joer a well och verschidden Delaien net konnten agehale ginn a verschidden Dossierer dofir geschleeft hunn. Ganz deier Depassementer hu mer dëst Joer misse schlécken. Ech schwätze just vum Floater, dee vun 990.000.- Euro op 1,3 Milliounen eropgesat ginn ass. D'Struktur am Quartier Italien mat der Crèche, wou mer och hunn 1,1 Milliounen misse noschéissen. Mir hunn e Changement de Projet gemaach bei der Lokomotivhal. Mir si vun enger Renovatioun Minimum+ op eng komplett Renovatioun gaangen. Och dat ass e substantielle Méi-Invest gewiescht, an dat kascht eis elo 3,2 Milliounen. Am Budget steet och nach eng zousätzlech Ausgab fir de Vestiaire Wagonnage, do kommen nach 450.000.- Euro op eis dier. Dat wäerte mer am Laf vum Joer nach gesinn. Dofir, vill substantiell Depassementer hu mer misse schlécken, hu mir och praktesch matgedroen, well mer déi Projete gutt fanne fir Diddeleng. Déi Projete si wichteg fir Diddeleng. Virun allem all Invest op Neischmelz, deen och eise Patrimoine architectural an industriel schützt, ass en Invest, dee wichteg ass.

Wou mer net sou ganz frou waren, dat war mam Déierenasyl, mam Ausbau vum Déierenasyl-Neibau. Virun allem wann ee kuckt am Plan pluriannuel 2020 an och nach 2021, waren do 4,8 Milliounen ugesat ginn. Am Juli krute mer dunn en Devis virgeluecht vu 5,9 Milliounen an 2,7 Milliounen Infrastrukturearbecht. En plus – an dat ass dat, wat eis virun allem schockéiert huet,

firwat mer absolut net konnten averstane sinn – huet et geheescht, dass verschidden Dossierer an deem Dossier nach guer net berechent sinn. D'Fraise vum der CREOS, d'Fraise vum Gas, déi kommen nach derbäi. Wéi héich déi chiffriert ginn, dat ass net gesot ginn. Doriwwer ware mer ganz onzufrieden. Dat ass dat, wat ech virdru gesot hunn: et soll ee seng Devise ganz genau duerchkucken, éier ee se an de Gemengerot bréngt an och kucken, den Dossier ze completéieren a komplett virstellen. An net nach verschidden Saachen, déi dann eebe sou en Suspens sinn, wou mol net kënne chiffriert ginn.

Deen aneren Dossier, deen eis och vill méi deier ginn ass, dat war den Dossier vum de Gemengenatelieren. Do sinn Etüde schon ageschriwwen ginn am Juni 2019, an do war och am PPF vum 2020 e Chiffer vun 19,8 Milliounen ugesat ginn an am Plan pluriannuel vum 2021 22,5 Milliounen. An elo si mer awer bei 25 Milliounen. Jo, och dat ass e wichtige Projet, mee och hei ass an eisen Aen den Dossier net bis zu Enn preparéiert ginn. De CGDIS soll jo an déi global nei Ateliere mat afléissen, mee do haakt et mam Plënnere, Dir wësst firwat, well d'Pompjeeshal op Wolser, do ass nach näischt Konkretes geschitt. Mir sinn net dergéint, dass eng Pompjeeshal op Diddeleng kënnt, mee da muss een och déi verschidden Punkte wëssen, firwat mir fannen, dass vlächcht eng aner Lokalitéit besser wär. D'Planungswäitsicht feelt eis leider och a verschiddenen aneren Dossierer. Z.B. an der Schoul Balzeng. Lo hu mer hei am Budget e Poste stoen, wou iwwert en neit Gebai, mat enger Maison Relais oder eng Reconstructioun geschwat gëtt. Et huet geheescht, mir müssen dat elo sou séier wéi méiglech maachen, wéinst de Projets d'Habitation, déi geplangt sinn. Jo, dat ass eppes, wat mir och scho säit zwee Joer hei soen, a wa mir dat soen, da si mer ëmmer déi Béis. A lo gesi mer awer och, dass dat vlächcht ukomm ass, an dass mer dat endlech an Ugrëff huelen. Well déi Projets d'Habitation, dat ass jo och net näischt. Mi hu gesi gehat, de Projet A Bëlleg, dee gëtt e bëssi hypothequéiert mat der zweeter Phas, wa mer keng Schoul prett do stoen hunn, fir déi Kanner an d'Schoul ze schécken. An, et muss ee jo awer och soen, eise PAG, deen ass praktesch duerch d'Instanzen. An dann dierf een z.B. och op der Lëtzebuerger Strooss all Eefamilljenhaus ersetzen duerch eng Residenz, mat 8, 10, 12 Appartemen. Dat gi sou vill méi Kanner. Bref, um Site Eck Rue de l'Abattoir gesitt Der, wéi ee Riseklotz dohinner kënnt amplat vum deem Eefamilljenhaus dat virdru do stoung, a sou wäert et weidergoen. D'CSV ass also frou, dass Beweegung an deen Dossier Balzeng kënnt, mir hätten eis just virgestallt, dass een dat hätt kënne éischer ugoen a vlächcht ouni Hetz. Mir wënschen eis natierlech och eng Presentatioun, mat wéi engem Timing a wéi enge Prioritéite mir och déi nächst Schoulgebaier an Ugrëff huelen.

Ech hunn och do eng Fro: am Dossier ass e Posten „Ecole Däich – Etude technique“ vu 60.000.- Euro. Do ass meng Fro: Wat studéiere mer dann do? Da kommen ech zu de Schoulen a Maison Relais. Also gutt, Lenkeschlei ass opgaangen. Décke Succès. D'Leit si frou, d'Kanner si frou, all Mënsch ass frou, de Minister ass frou. Kann et besser goen? All Mënsch ass och frou op Ribeschpont, d'Maison Relais geet op, et kommen

170 Still dobäi. D'Madamm aus dem Précoce ass frou, dass se net méi ganz eleng wäert sinn an hirem Gebai ab Januar. A mir sinn immens, immens frou, an dat kréien ech och all Dag gesot, dass eis Crèche an Italien endlech kann opgoen. An do ass nach eng Kéier mäin Uleies, dass mer och nach eng Kéier iwwert d'Konzept vun alle Crèchè schwätzen. Dat hat d'Josiane eis och versprach, dass mer dat mer dat kënne virgestallt kréien. An do sinn ech iwwerzeegt, dass mer e ganz coolt Konzept kréien. Wann ech kucken, wien elo responsabel ass allgemeng vun eise Crèchen, do läit dat an enger ganz gudder Hand.

D'Digitaliséierung an de Schoulen. Dat war eppes, wou mir all Joer eng Remark gemaach hunn, dass dat e bैसे schleefend wier. Mir begréissen awer och, dass endlech Neel mat Käpp gemaach ginn an dass d'Joer 250.000.- Euro investéiert ginn. D'nächst Joer och nach eng Kéier. Dat ass e substantiellen Invest. An do hu mer och gesinn, wéi wichteg et ass, e performanten informatésche System an informatéscht Material an de Schoulen ze hunn, virun allem, wéi mer hu misse mat Homeschooling eis Kanner betreien. Wat mer och explizitt begréissen, dass och do e Grupp gegrënnt gouf mat eise Informatiker vun der Gemeng, mam Personal vun de Schoulen, mat de Maison Relais, a virun allem och mat Educdesign, wat en exzellente Partner ass, deen eis sécher gutt beréit. Mee mir hunn eng nei Mediekommissioun, a mir hunn eis gefrot, ob et net vläicht flott gewiescht wär, och an där Kommissioun all déi Innovatiounen virzustellen an och vläicht ze diskutéieren, ob nach aner Propose sinn, well mir hu jo awer och kompetent Leit do an déi Mediekommissioun geschéckt, déi och do nach vläicht hätte kënne hire Pfefferkär bäileen.

En externe Bureau d'Etudes, huet et geheescht, huet e Bordereau ausgeschafft fir d'Restauration ze optiméieren. De Rapport goung un de Schafferot. Dat hat de Conseiller Zuing eng Kéier hei gesot, a mir sinn e bëssen erstaunt doriwwer, well mir dee Bordereau guer net kennen. Mir kruten deen net virgestallt. Mir wëssen och guer net – weeder an der Schoulkommissioun, nach am Gemengerot – wat dann elo an deem Bordereau ganz genau drastoung. A mir géifen eis do méi eng transparent Berichterstattung vun alle Servicer wënschen. Déi Rapporte sollen net nëmmen un ee Conseiller goen, mee vläicht och un all Conseillere weidergeleet ginn, souwäit se da verfaasst ginn. Dat soll och automatesch erfollegen, net just op Nofro. Och mir heibannen droe Verantwortung fir dass déi Suen, déi an eise Budget stinn och richteg responsabel verdeelt ginn. Idem mat de Rapporten aus de Kommissiounen. Heiansdo ass do e gudden Usaz. D'Hygiëneskommissiounsrapporte kréie mer ëmmer, d'Sportskommissiounsrapporten heiansdo. Dofir en Appell un d'Presidente vun de Kommissiounen: Haalt eis och alleguerten au Courant, wat an de Kommissiounen leeft. Dat war mol eng Kéier uitgemaach ginn a mir géifen et begréissen, wann dat konsequent géif duerchgefouert ginn. Soss musse mer ëmmer eise Leit nolafen, déi an de Kommissiounen sinn, fir eis de Rapport ze ginn. Mee et wär jo méi einfach, wann de Gemengerot och beim Dispatching vum Rapport dobäi wier.

Ganz interesséiert si mer och, weider de Schoulbuert ze kréien. D'Newsletter Maison Relais, déi kënnt och dräi Mol am Joer eraus, déi hu mer och nach ni presentéiert kritt. Och do wäere mer frou, wa mer dat awer géife virgestallt kréien. Dann hunn ech nach e puer allgemeng Froen zu Schoul, Jugend, Famill. De Kannergemengerot leeft lo nees un. Dat ass eng ganz flott Saach. Dat ass eng wichteg Saach. Mee et ass virun allem och wichteg, dass de Gemengerot net nëmme bei der éischter Sitzung invitéiert gëtt, mee och bei der Ofschlosssëtzung. Fir dass de Kanner de Message vermëttelt gëtt: Mir huelen är Propose seriö, mir lauschteren op iech, mir diskutéiere mat iech, a mir kucken zesummen, wéi mir wat kënne ëmsetzen a mir erklären iech och, firwat z.B. eppes net ëmgësat gëtt.

De Jugendgemengerot. 2021 waren am Initial 2000.- Euro virgesinn, am Rectifié 500.- Euro Frais de Réception. 2022 stinn erëm 2000.- Euro dran. Mir hunn e bëssen den Androck, wéi wann de Jugendgemengerot kënnschlech um Liewe gehale gëtt. Wéi vill Memberen huet deen? Wéi gëtt dee gewielt? Wéi oft sinn déi Sitzungen? Bon, d'lescht Joer ware vläicht Corona-bedéngt keng Aktivitéiten. Mee och déi Jore virdrun. Mir hunn eis gefrot, ob déi Responsabel vum Jugendhaus net et bैसे krampfhaft probéieren, iergendwellech Memberen dran ze kréien. A wat mer eeben net verstinn, dat ass awer wann d'Frais de Réception praktesch op Null erofgesat gi sinn, d'Indemnités de Personnel encadrant bei 5.000.- Euro bliwwen sinn. Wat awer wierklech e substantielle Chiffer ass. Do musst Der eis dann erklären, firwat da 5.000.- Euro ausgi sinn, wa kee Jugendgemengerot getaagt huet? Vläicht muss ee mol en Appell lancéieren am Lycée, bei de Kanner aus dem 6. Schouljoer, déi z.B. och am Gemengerot sinn, bei de Veräiner, fir vläicht e Jugendvertrieeder ze wien, dee bei eis am Jugendparlament kéint mathëllefen. Dass Jonker sech engagéieren, dat gesi mer op ville Plazen. Z.B. bei der Eegendynamik vun de Leit, déi um Streetball-Terrain op NeiSchmelz aktiv sinn, déi hunn en eegene Veräin gegrënnt. Si hunn zesumme probéiert, hir sportlech a kollegial Interessen ze vertrieeden, no baussen, och vis-à-vis vum Schafferot. Also wéi gesot, d'Jugend ass bereet, sech ze engagéieren. Ech mengen et muss ee se einfach e bësse bei der Hand huelen. Am Juli 2020 gouf en nei Projet Service Jeunesse, Koordinatioun Jugendarbecht fir Diddeleng geschaaft, mat engem Poste besat. Et sollt e Pilotprojet ausgeschafft gi fir eng besser Vernetzung vun de Servicer fir d'Jugend an Zesummarbecht mam Ministère de la Famille, mat der Uni auszeschaffen. An do ass meng Fro: Wou si mer lo drun? Ech war e bëssen erstaunt, d'Frais de Fonctionnement, déi sinn 12.500.- Euro, den Traitement, deen ass awer elo vun 78.000.- Euro op 63.000.- Euro erofgaangen, do heescht et, et ass eng Réduction de Tâche. Dann ass awer meng Fro: Ass dann dee Service Jeunesse nach aktiv? Solle mer do dann net vläicht eng Paus maachen an deen nach eng Kéier lancéieren, wa mer da Leit hunn, déi sech do mat vollem Asaz, mat engem Temps plein, kënne engagéieren?

Mir vermessen och e bësse Chiffere vun de Projeten, z.B. BabyPlus. Do gëtt de Montant vun 32.500.- Euro op 42.500.- Euro fir 2022 eropgesat. Senior Plus, Outreach, do ass och de Chiffer an d'Luucht gesat ginn.

Dat ass och e Chiffer vun zweemol 50.000.- Euro, eng Kéier d'Gemeng an eng Kéier de Ministère. D'Fro ass, wéi vill Leit ginn do betreit? Eltereschoul. Déi sollt eng Permanence an der Gare hunn. Wéi vill Entretien mat Elteren haten se? Mir wärend frou, wa mer méi oft e Rapport géife kréien, wat déi Posten, déi mer hei stëmmen, wat déi dann och leeschten. Well dat alles kléngt gutt, mee wéi ass de Succès?

Ech sinn och iwwer 60 Joer, ech krut awer nach ni eppes vum Senior Plus matgedeelt, also ech krut nach net gesot, dass dee Service elo zur Verfügung stéing. Dofir ass dann awer d'Fro, déi Poste sinn awer relativ héich, fir awer net all Mënsch ze erreechen. Also mir géifen eis insgesamt eng méi transparent Berichterstattung wënsche vun alle Services. Déi Rapporte sollen och un all Conseillere weidergeleet ginn, souwäit se da verfaasst sinn. Dat hunn ech jo scho gesot.

Dann hunn ech nach vereenzelt Froen. Z.B. beim Report-it. Do ass gesot ginn, et si 425 Meldungen ergaangen. Mee leider sinn och vill Leit frustréiert, wa se z.B. eppes mellen, eng ofgestallte Camionnette ouni Vignette, se ruffen do un, se maache Mailen, an et geschitt awer näischt. Et geet net duer, wa mer 425 Meldungen erakréien, da muss een och kucken, dass een deem e Suivi gëtt, a wann et nëmmen ass, de Leit eng SMS ze maachen: Jo Merci, mir hunn Äre Message kritt a mir kucken duerno. Ech hunn och nach eng Fro zu deem ominéise Punt vum „Park Le'h Installation technique – raccordement des infrastructures et des réseaux dans le cadre des extensions“ – lo kënnt et – „de l'asile pour animaux et de la station pour animaux sauvages“. An do steet awer elo näischt dra vun der Waldschoul. Et huet ëmmer geheescht, dat wier och fir d'Waldschoul. Dat steet awer och dës Kéier net an deem Artikel dran. Dofir ass meng Fro: Ass et dann och elo eppes, wat bis bei d'Waldschoul geet oder gëllt dat just fir déi Klengdéierenzichter, fir d'Asyl a fir d'wëll Déierestatioun? An – wou ech och e bësse paff war – mir hunn 1 Millioun vun deem 2,7 Milliounen déi virgesi sinn an de Budget 2021 dra gesat an 0.- Euro am Budget 2022. Dofir musst Dir mer dann awer erklären, firwat mir eng Paus maachen, well wa mer et lo scho lancéiere mat 1 Millioun, da wär et jo awer sënnvoll, dee ganze Projet och duerchzezéien.

En anere Posten, wou ech net weess, wat dat heescht: 4-520 „Diddelenger Baach, Etude sur la capacité hydraulique“, 23.000.- Euro. D'lescht Joer 18.200.- Euro. Do kann ech mer guer näischt drënner virstellen. An, en anere Punkt, dat ass de 4-590 „Masterplan Développement durable, Covenant of Mayors“. Dat ass e Projet d'Etude deem iwwer 3 Joer geet. Mir hunn deem 2019 ulafe gelooss, deem ass dann elo fäerdeg. An do wärend mer och frou, wa mer e Bilan géife kréien. Dir gesitt, ech froen ëmmer e bëssen dat selwecht. Ech hätt gär, dass mer gesinn, wat do dobäi erauskënnt an dass mer dat och matgedeelt kréien. Schoul Eecherdall. Eis Iddi war et gewiescht, eng Crèche do opzerichten, mee et ass eng Etude de Faisabilité am Budget dra fir do eventuell Logement ze schafen, dat ass natierlech och ze begrëssen. Mir ginn eis gutt drun, méi Logementer an de Service Logement ze integréieren, fir abordabele Wunnraum unzebidden. D'Demande ass immens grouss, och fir eenzel Bierger. Jonker? Jo, mee

och eventuell fir eeler Matbierger. Déi, déi net méi eleng an engem groussen Haus wëlle bleiwen a sech wëlle verklengeren, awer kee Budget hu fir deier ze lounen, och dat si sécher Demandeuren. Do ass dann eng Fro, déi mer och schonn e puer Mol gestallt hunn: Wéi eng Krittäre ginn et da ganz genau, fir Locataire oder Keefer ze ginn? Wéi héich d'äerf de Revenu sinn? Wéi maache mer et, fir eng Mixitéit ze kréien? Souwuel am Alter wéi an der Nationalitéit? Ech hat et scho gefrot, déi Konvention, respektiv déi Kontrakter eng Kéier virgestallt ze kréien. Dat wär wichteg och fir eis, fir och no baussen de Leit ze soen, ob se iwwerhaupt ënner d'Krittäre fallen, fir kënnen eng Demande ze maachen.

Soziale Logement, abordabele Logement schafen. Absolut noutwendeg. D'Rapiditéit, wéi de Centre St. Martin ofgerappt ginn ass a Wunnenge geschaaft gi sinn, dat war innerhalb vun 3 Joer an dat war exemplaresch. Ech si gespaant, ob mir och op deem Tempo herno op NeiSchmelz virukomme mat engem Promoteur public wéi de Fonds de Logement. A voir. A propos NeiSchmelz: Infrastrukturaarbechte sinn néideg. Et stoung en Artikel an der Zeitung, an den Här Buergermeeschter hat et de leschte Freide scho gesot, d'Regierung huet zwee Finanzéierungsgesetzer op den Instanzewee bruecht, de Käschtepunkt vun enger hallwer Milliard, fir NeiSchmelz. Dat éischt Gesetz „Sanierung und Aufwertung des Geländes“, 2,35 Milliounen, an dat zweet Gesetz, 272 Milliounen, Bau vun deene 575 Wunnengen. „In 15 Jahren sollen die Arbeiten am neuen Stadtteil abgeschlossen sein.“ Da musse mer mol kucken, ob dat dann och sou klappt. 50 Milliounen sinn en plus virgesi fir de Patrimoine industriel, eis klasséiert Gebaier ze sanéieren an ze renovéieren. Dat krute mer zougesot vun der Madamm Tanson. A mir kruten och zougesot, dass de Centre National des Collections publiques soll um Areal entstoen. En Depot fir kulturell Objeten, Konschtwierker, soll op Diddeleng kommen. Bravo! Dat huet jo da geklappt, dass mer e Projet d'Envergure nationale op Diddeleng konnten zéien. Am Pressebericht steet awer, dass dat am Stol- a Walzwierk sollt installéiert ginn an do ass meng Fro: Hutt Dir do schonn e konkrete Projet gesinn, wéi dat soll ausgesinn? Well ech denken, dat verlaangt jo awer och dann eng ganz aner Struktur. Well et si jo awer wäertvoll Konschtstécker, déi mussen dann och temperaturméisseg richteg gelagert ginn. Dat gëtt jo awer e risegen Invest. Ech huele jo un, dass dat de Ministère wäert maachen. Mee ech denken, dat ass awer och wichteg ze wëssen, wéi mer da mat der Sanéierung vum Stol- a Walzwierk sollen ëmgoen.

D'CSV begrëisst de Projet NeiSchmelz an och déi fest Zousou vun der Regierung andeems se déi Finanzéierungsgesetzer op d'Schinn gesat huet. Mee et ass elo un der Gemeng, um Schäfferot, seng Hausaufgab ze maachen. D'Infrastrukturkäschtchen um Site, dat ass eis Aufgab. Geothermie: do ass meng Fro, wou si mer do dru mat der Planung, Bohrung? Et musse jo och do sou lues Neel mat Käpp gemaach ginn, well dat ass jo awer eng Prämiss an dat ass jo am Fong en Highlight vun deem neie Quartier, well mer do jo wëllen op Geothermie eriwergoen. Wéi wäit si mer lo do? Wéi ass et mat den Infrastrukturkäschtchen um Site? Dat musse mir jo och an Ugrëff huelen. An do hunn ech just e Poste gesi vun der Route de Thionville, do ass meng Fro, wat dat genau

heescht „Etude Route de Thionville“?. Da kommen ech zum Thema Éffentlech Gebaier um Site NeiSchmelz. Et gëtt eng Etüd vun engem Complexe scolaire gemaach op NeiSchmelz mat 150.000.- Euro. Jo, dat ass wichteg. Mir mussen awer och hei transparent kommunizéieren an dat och bei eis presentéiert kréien. Mee, an da kënnt eng Propos vun der CSV, wär et net sënnavoll an engems eng Etüd fir alternative Site fir eis Servicer aus dem Spidol ze sichen anzeplangen? Eist Spidol muss fréier oder spéider nei gemaach ginn, respektiv ofgerappt ginn a mir brauchen en alternative Site fir d'Médecine de Proximité duerchgeeënd zu Diddeleng unzebidden. Dat hu mer allegueren hei bannen ëmmer erëm versprach. Och wann d'Südspidol nach net sou séier seng Dieren opmécht an eis geriatresch a Post-Stroke-Servicer dohinner plënnere, musse mer awer elo scho plangen, wou mer eis Poliklinik, Radio, Labo, an eis Servicer vun enger Médecine de Proximité usidelen.

Firwat net e Gesamtkonzept maache vun engem Deel vun NeiSchmelz, wou mer déi éffentlech Gebailechkeeten, wéi gesot eng Schoul, e Site médical, firwat net eng Structure médicale mat verschidde Praxissen, vläicht och nach mat eiser Apdikt, elo scho plangen a virstellen? D'Planunge sinn ëmmer laang, a wann een dat vläicht elo schonn am viraus e bëssen zesumme géif ugoen, wär dat sécher eng ganz flott Saach. A wann ech da kucken, wéi streng och d'Oplage si bei eise Schoulen, fir d'Mise en Sécurité an d'Mise en Conformité ze maachen, da fäerten ech, dass wann d'ITM mol an eist Spidol kucke geet, vläicht och do méi wéi een Hoer an der Zopp fonnt gëtt. A mir riskéiere vläicht scho virum Opmaache vum Südspidol eist Spidol mussen ze sanéieren. Ob mer dat zesumme mam CHEM da wëlle maachen, kënne maachen, finanziell packen, dat ass eng grouss Fro. Dofir, wéi gesot, komm mer denken e bësse méi prospektiv a komm mer kucken, ob mer net schonn op NeiSchmelz eppes op d'Bee stellen oder weinstens eng Etude de Faisabilité am Tirang hunn, wou mer dann awer kéinten eventuell auswäichen an awer eis Médecine de Proximité garantéieren.

Wa mer vun NeiSchmelz schwätzen, mat ca. 3700 neien Diddelenger Bierger, komme mer awer net do-laanscht, de Schäfferot nees ze froen, wéi eng Visiounen en huet, wat de Verkéier an de Quartier, respektiv aus dem Quartier eraus, ubelaangt? D'CFL-Streck vu Beetebuerg gëtt ausgebaut. Jo. Se sollt awer schonn Enn 2022 a Betrib geholl ginn. Dësen Termin ass awer elo laut Minister Bausch net anzehalen an op eng Question parlementaire äntwert de Minister ganz einfach: „En neien Datum gouf net matgedeelt“. Also hie wéisst dat net. Dat fannen ech e bësse lamentabel, well hie muss jo och e bësse sai Planning maachen. Quitt dass e ka soen, et kënnt nach vläicht en halleft Joer hannendru mat allen Imprevuen. Mee mir kruten dann ëmmer gesot: Wéi geet et zu Diddeleng weider? Mir hunn ëmmer gesot gehat, mir hänken eis drun, soubal d'Zuchstreck dräigleiseg ass a soubal d'Gare zu Beetebuerg ausgebaut ass, da fanne mer schonn eng Léisung. Neen, sou einfach ass dat net, well d'Gare zu Beetebuerg, déi krut elo eng Foussgängerbréck an e weideren Ausbau - dat steet och an engem Artikel - ass réischt ab 2025 geplangt. Jo, a wa mir schonn 2030 déi éischt Leit op NeiSchmelz solle wunnen hunn, da gëtt et awer e bësse

knapp. Dofir wiere mir ganz frou wann och de Schäfferot schonn eng Positioun géif anhuelen, wéi si sech dat da virstellen, wéi eng optimal Verbindung si da gären hätten tëschent Diddeleng an der Stad an a wéi eng Richtung dass mer ginn. Ech denken, et geet net fir ze waarden, bis den Här Bausch sech vläicht awer eng Kéier op Diddeleng beweegt, fir eng Kéier och mam Public iwwert d'Mobilitéit ze schwätzen. Mee ech denken, do sidd Dir gefuerdert, fir den Dossier scho virzubereeden. Da kommen ech op eppes wat guer net schéin ass, guer net schéi war. Ech schwätzen iwwert de Greisendall.

Do ass eppes virgefall, wat net hätt däerfe sinn. Den 12.11. hu mer verschidde Gebaier vum Site Greisendall am Gemengerot als schützenswäert aklasséiert. Op d'Nofro, wat mat deene Gebaier sollt geschéien, huet den Här Buergermeeschter sech ganz vag ausgedréckt, et komme keng Wunnengen dohinner, mee Kultur a Shopping wier ugeduecht, awer et léich keng kloer Virstellung vir, wéi genau dat sollt ausgesinn. Dee selwechten Owend op RTL steet eisen Här Buergermeeschter mam Proprietär vum Site, mam Architekt, mam Romain Schmitz virum Mikro, an et gëtt e fäerdege Projet mat enger detaillierter Skizz virgestallt. Dass mir als Oppositoun dat do net lëschtég fannen, éischens mol iwwert déi Aart a Weis, wéi mer moies am vage gehale ginn an op eis Froe keng konkret Äntwert kréien an zweetens owes am RTL-Journal méi eng detailléiert Äntwert kréien, dat fanne mer en Zeeche vun Non-Respect vis-à-vis vum Gemengerot, an domat si mer wierklech net ganz happy. Sou eppes mécht een einfach net! An iwwer déi onbefriddend Kommunikationspolitik vum Schäfferot hu mer eis hei schonn ëfters opgereeegt. Heiansdo ass e gudden Usaz do. Wéi deen informelle Gemengerot, wou mer z.B. d'Resultater vum Audit zum Personal virgestallt kritt hunn an och déi ganz flott Entrevue, wéi mer d'Presentatioun vum Projet Butschebuerger Strooss, souguer zesumme mat der Verkéierskommissioun, virgestallt kritt hunn. Wou mer zesummen diskutéiert hunn. Wou mer och nach verschidden Doleancen zesummen ausgeschafft hunn, wou mer gesot hunn, dat muss zesummen nach eng Kéier op de Leescht geholl ginn. Wéi gesot, gutt Usätz sinn do, mee heiansdo musse mer awer de Kapp rësele.

Wa mer z.B. de Projet Gemengenatelier an enger Gemengerotssëtzung presentéiert kréien an erwaart gëtt, dass mer, ouni eis mat engem immens wichtigen Dossier, deen ëmmerhi 25 Milliounen beinhalt ze beroden, ouni mat eise Sektione Réckspreech ze halen, wann dann erwaart gëtt, dass mer dee Projet duerchwénken an e Vott ofginn, dat ass net seriö. Mir wäer wierklech frou wann, wéi de Schäfferot ëmmer ervirstäicht, hir Bereetschaft, participativ ze handeln och konsequent an der Zesummenaarbecht am Gemengerot a Musek géif ëmgemat ginn. Als CSV géife mir proposéieren, Projeten, déi iwwert eng Enveloppe vu 5 Milliounen erausginn, déi misste virum Vott am Gemengerot dem Conseiller propper virgestallt ginn. An enger Finanzkommissioun souwisou och behandelt ginn oder, nach besser, an engem informelle Gemengerot. Oder weinstens, dass wann d'Presentatioun an der Gemengerotssëtzung ass, de Vott an och d'Diskussioun driwwer op den nächste Gemengerot reportéiert gëtt,

wou een awer och dierf kuerz Stellung huelen, firwat d'Fraktioun sech sou oder sou dofir oder dergéint positionéiert. Dëse waarmen Appell géife mer lech gäre mat op de Wee ginn.

D'Biergerbedeelegung. Mir huelen de Bierger eescht. Ma sou soll dat jo och sinn. Ma mir froen eis heiansdo, ob déi Bierger, déi sech mellen an de Biergerrot, wou déi fräiwëlleg Meldunge ganz bescheide waren, muss ee jo och soen, wou d'Leit hu missen e bëssen erbäi zitéiert ginn. Mee awer och virun allem déi Leit – an dat waren der méi – déi sech an de Biergerpanel gemellt hunn a sech an eis Kommissiounen als Beobachter gemellt hunn, ob déi all sou zefridde si wéi et leeft? Ob de Schäfferot wierklech op d'Iddien an den Dialog mat de Bierger richtig ageet? Biergerpanel, dat krut ech och gesot vu verschidde Leit, déi do dobäi sinn, e bëssen eng onbefriddend Aart a Weis gewiescht. Do hunn d'Bierger einfach online e Froebou ausgefëllt zum Thema Mobilitéit. Se krute Merci gesot. An dann heescht et einfach: Mir wäerten dat dann aus an et fléisst an eise Mobilitéitsplang SUMP eran, mir halen lech au Courant. Do ass awer bis elo nach näischt geschitt. An ech denken, dat ass e bësse schued, well et ass net dat, wat de Bierger wëll.

Mir géifen eis méi konkret Ausernanersetzungen, Diskussiounen, méi Kommunikatioun an zwou Richtunge wënschen. Méi Nolauschteren, Argumentéieren, Conclusiounen zesummen zéien. Et ass e Geben und Nehmen. Dat ass participativ Handeln. D'Akzeptanz vum Géigeniwwer senger Meenung, de Mutt zum konstruktiven Dialog, dee muss do sinn. An do denke mer, do ass awer nach Loft no uewen. Mir wësse jo och, dass et ëmmer méi schwéier ass, fir benevole Leit ze mobiliséieren, fir an den Aarbechtsgruppe matzeschaffen. Mee mir däerfen se dann awer net vergraulen, wa se dann awer net richtig seriö geholl ginn. Wat an eisen An awer leider heiansdo och geschitt. Mir vermëssen awer och an deene Gruppen d'Internationalitéit, déi jo awer hei bei eis ass. Déi Mixitéit an deene Gremien, déi feelt. Do musse mer kucken, dass mer nach méi international, oder soe mer mol Net-Lëtzebuurger Memberen och an d'Boot kréien, fir wierklech eng representativ Meenung zu engem Sujet ze kréien. Net dass déi gutt Virsätz vun der Biergerbedeelegung, déi mir jo och absolut ënnerstëtzen, net dass dat net just e Particitainment gëtt a just eppes ass, wat mer eis op eise Fändelche schreiwen, awer keng Substanz huet. Et gëtt geplangt, e Budget participatif op d'Been ze setzen. Wéini dat soll sinn? Wéi dat soll lafen? Dat ass sécher eng interessant Diskussioun, déi eis nach an Zukunft wäert begleeden.

E Budgetsposte vu 65.000.- Euro steet dran. Ech huelen un, dass dat ass fir déi Persoun, déi eis wäert begleeden am Ausschaffe vum deem Budget participatif. Zu Recken un der Mess gouf dëst Joer de Budget unanime ugeholl. An enger Aarbechtssëtzung gouf all Conseiller invitéiert, sech mam Budget auserneen ze setzen, hir Remarken ze maachen, Iddien afléissen ze loossen a sou gouf den definitive Budgetsprojert zesummen ausgeschafft vum Schaffen- a vum Gemengerot. Jiddereen huet sech dran erëmfonnt. Wéi gesot, de Vott war unanime. D'CSV, an ech denken och déi aner

Parteien heibannen, mir 19 Conseillere, mir sinn och prett, zesummen de Wee ze goen, eis Käpp zesummen ze strecke fir dat Bescht fir Diddeleng auszuschaffen. Mir géifen eis wënschen, dass och bei eis d'Diskussiounen am Virfeld vun allen Dossiere géife méi konsensuell a méi am Dialog geschéien. Ech hat et schonn d'lescht Joer gesot. Am Sënn vun der demokratescher Participatioun hätt mer et och normal fonnt, wann z.B. d'Präsidenteposte vun de Kommissiounen, wann déi vakant ginn, dass déi och opgemaach gi fir Conseillere vun aner Parteien zouzeloossen. E gemeinsamt Ausschaffe vum Subsideschlüssel vu Veräiner war ugeduecht, mee de Gemengerot krut awer kee richtegen Abléck an d'Demande vun de Veräiner a keng kloer Äntwert op hir Fro no de Bewäertungskrittären. Och do ass nach Loft no uewen.

Gemeinsam solle mer e Mobilitéitskonzept fir Diddeleng ausschaffen. Gemeinsam solle mer de Planning, den Neibau an den Ausbau vun eise Schoulen a Crèche organiséieren. Komm, mir gi wierklech eng Vorzeigegegeng, wou déi 19 Leit hei bannen offen an demokratesch mateneen ëmginn. Ech hat d'lescht Joer scho proposéiert fir de Budget offen, am Dialog, an a voller Transparenz zesummenzestellen. E bësse sou, wéi et dunn zu Recken geschitt ass. Dat wär innovativ. Dat wär basisdemokratesch. Dat wär eng ganz gutt Übung och gewiescht fir duerno an enger zweeter Phas de participative Budget mat alle Bierger vun Diddeleng unzegoen. Ech hat d'lescht Joer scho gesot, wa mir e gemeinsame Budget zesumme géifen opstellen an e Budget vun eis all géif Zoustëmmung kréien, dat wär en immens gudde Message och no baussen. Da kriterien d'Leit do baussen och nees méi Vertrauen an d'Politik. Well mir 19 hei bannen, mir sinn all gewielt fir Diddeleng no vir ze bréngen. Komm mir maachen dat, awer zesummen! Komm mir probéieren, méi offe mateneen am Virfeld d'Dossieren auszuschaffen! D'CSV stëmmt jo och ëmmer vill Decisiounen vum Schäfferot mat. Vill Propose sinn exzellent. Decisiounen, déi mer och gutt fir Diddeleng fannen. Bei aneren Dossiere fanne mir awer och onausgeräiften a kontradiktoresch Elementer, déi een z.B. an engem konstruktiven Dialog am Virfeld hätt kënnen ausraumen. Dat ass dann awer net geschitt. Dofir musse mer eis dann och ëmmer e bëssen iergeren an e bëssen opreegen an eis dann och enthalten oder dergéint stëmmen. Mee et ass ni ze spéit, fir eppes besser ze maachen, fir eppes ze änneren. Méi Dialog am viraus, d'Dossiere besser ausschaffen, d'Meenungen an d'Propose vun de Conseillere respektéieren, duerchdiskutéieren an zesummen ëmsetzen, sou stelle mir eis d'Aarbecht an engem Gemengerot vir. Mir si prett, fir den Exercice matzegoen. Recken un der Mess huet et virgemaach. Diddeleng kéint dat och hikeréien. An dat wär de Scoop, wann och heibannen de Budget mol kéint unanime ugeholl ginn. Dëst Joer vläicht nach net. Mee awer vläicht d'nächst Joer. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BIERGERMEESCHTER): Merci der Madamm Kayser fir déi éischt Stellungnam par Rapport zum Budget. An da geet et weider. Nach ëmmer Oppositioun – Majoritéit wiessele mer dann.



MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, mir hunn hei schonn eng Partie Remarken héieren, wat de Budget ubelaangt, an et sief mer och erlaabt, hei nach op e puer Eckdaten anzegoen. Dëse Budget ass op der Einnamesäit kaum nach gepräägt duerch d'Pandemie. D'Ekonomie huet sech 2021 gutt erkritt: + 7% Wuesstem an och d'ëffentlech Finanzen sinn dëst Joer erëm am Equiliber. Dat an engem Joer virdrun, wou mer just 1,8% haten, ass dat schonn eppes, wat eis optimisteschem ka stëmmen. D'Einnahme sinn also beim Staat wéi bei de Gemengen 2021 méi héich wéi erwaart ausgefall. An och fir d'nächst Joer gëtt mat engem Wuesstem vun 3,5% gerechent. Iwwert de Fonds de Dotation globale des Communes konnte mer also eng 7,8% méi verzechnen a Relatioun zum Budget initial 2021, dat entsprécht also 4,6 Milliounen méi. Zum Budget rectifié 2021 sief hei nach eng Kéier drun erënnert, dass mer den Exercice 2021 ofschléisse mat engem Boni propre vu 14,27 Milliounen, ouni – an ech betounen ouni! – müssen eis Reserven unzezapen an ouni op den Emprunt zrëckzegräifen, dee mer d'lescht Joer am Budget virgesinn haten. Fir eis war et keng Optioun, op iergendwelch Projete ze verzichten, well et keng iwwerflësseg Projete ginn. Dës Majoritéit huet – trotz Kris – weiderhi grouss Zommen an d'Schoulen investéiert, an d'Entwécklung vun de Quartieren, an de Logement social, an den Ëmweltschutz. Mir hunn antizyklesch gehandelt a couragéiert an d'Zukunft vun eiser schéiner Stad investéiert. An d'Zuele ginn eis Recht. Wa mir wëlle prett si fir d'Erausforderungen, déi op eis duerkommen, da mussen mer haut d'Weiche stellen.

Déi grouss Investissementer fir 2022 bedeuten eng Depense vu ronn 43,435 Milliounen. Duvunner ongeféier 12,7 Milliounen nei Projete. An dat nodeems de Budget rectifié 2021 Investissementer vu souguer 52 Milliounen virgesäit. Dat sinn historesch gesinn absolut Rekordinvestissementer fir d'Stad Diddeleng. Och ginn eng Rei Projete weidergefouert, bezéiungsweis ofgeschloss. D'Maison Relais Ribeschpont, d'Moderniséierung vun der oppener Schwämm, d'Crèche am Quartier Italien, de Sportkomplex um Strutzbiérg, oder och nach d'Sozialwunnengen direkt niewendrun. Kommen elo dobäi déi 3. Phas vum Shared Space, d'Erneuerung vun der Butschbuerger Strooss a vun der Rue Mont St. Jean, d'Verbanne vun dem Kanal tëschent dem Quartier Neischmelz an dem Opfangbecken zu Biereng. Déi sougenannten – wéi d'Madamm Kayser et gesot huet – „Hausaufgaben“, déi mer musse maachen. Gesitt Der, si si schonn ugefaangen oder mir hu se scho gemaach. Do gëtt dann déi grouss Connectioun gemaach tëschent deem neie Quartier an dem Bassin de Réten-

tion zu Biereng, deen och muss ausgebaut ginn. De Kaf vu Containeren, fir dass d'Mise en Conformitéit vun der Briller Schoul ka gemaach ginn, deen alen Deel vun der Schoul Gaffelt muss energetesch op den neiste Stand bruecht ginn, de Kaf vun uni- a bifamilialen Haiser op Lenkeschlei an an der Rue Nic Bodry, den Ausbau vum Déierenasyl an d'Renovéierung vun der viischter Face vun der Kierch an och déi nei Gemengenatelieren. Meng Kollege wäerten nach op deen een oder aneren Dossier agoen.

Dës Depense gi bezuelt, duerch éischters, de Boni, dee mer gemaach hunn, zweetens duerch d'Subside vum Staat am Beräich Logement social, Shared Space, dem Floater oder dem Sportkomplex Strutzbiérg. Ausserdeem rechnen mer mat 500.000.- Euro 2022 am Kader vum Pacte Logement. Drëttens hu mer da Reserven, déi sech op den 31.12.2021 op insgesamt 12.829.415.- Euro belafen, dovun 9 Milliounen, op déi d'Gemeng schnell zrëckgräife kann. Ausserdeem gi mer nach eemol, wéi schonn dat Joer virdrun, op de Wee fir en Emprunt opzehuelen iwwer 30 Milliounen, fir sou engem eventuelle Manktem u Liquiditéiten am 2. Semester virzebeugen. Wéi gesot, d'lescht Joer hu mer weeder missen d'Reserven untaaschten nach op den Emprunt zrëckgräifen. An och fir 2022 ass et jo warscheinlech, datt net fir de ganze Montant muss geléint ginn. Vergläiche mer lo mol déi zwee Budgete mateneen: de Budget rectifié 2021 an de Budget initial 2022, da falen eis e puer Saachen op: Bei de Recette ordinaires hu mer bal e Status quo, wat déi prozentual Opdeelung vun de Recetten ubelaangt. Et ginn also keng grouss Verschibunge vun engem Exercice zum aneren. Dat selwecht op der Säit vun den Depensen. Obwuel mer, wat d'Zuelen ubelaangt, méi en héijen Niveau erreecht hunn, ass den Equiliber dee selwechte bliwwen. Dat ass ëmsou méi interessant, well mer jo ëmmer virgeworf kréien, mir géifen net genuch spuere beim Personal. Mir hätte jo genuch Leit, fir déi Aarbecht ze maachen etc. an etc..

Wéi mer awer an der Finanzkommissioun schonn erkläert kritt hunn, bleift d'Masse salariale stabil. Ech zitieren hei: „A l'instar des années précédentes la croissance de la masse salariale de près de 6 millions s'explique par l'occupation des nouveaux postes créés en 2021 et la création de nouveaux postes en 2022. L'engagement temporaire de personnel afin de pallier aux postes vacants de l'administration, l'évolution des carrières biennale et la tranche d'index du 1er octobre 2021, à noter que le taux net de la masse salariale par rapport aux dépenses ordinaires reste stable à un niveau de 44,6.“ Jo, mir müssen och am 2. Semester 2022 erëm mat enger Indextranche rechnen. Ma mir sinn eis jo awer hoffentlech eens, dass mer den Index net heibannen diskutéiere müssen. Hei ass mengen ech och de Moment, fir och vun eiser Säit aus, dem Pascal Poull a senger ganzer Ekip ee ganz waarme Merci auszadrécken. Ech denken ëmmer, wann ech an der Finanzkommissioun setzen: Wat géife mer ouni hie maachen? An dat ass och sou. Dat heescht villmools Merci un dee ganze Service, deen eis ëmmer kompetent ënnerstëtzt an eis dat och sou presentéiert, datt och een, deen net an deem Beräich schafft et och versteet. An dat ass ganz, ganz wichteg. Villmools Merci. Also bei den

Depense extraordinaires, also eise Projeten, sou kann een hei beobachten, datt dës Majoritéit d'Ausgabe fir de Logement social, abordabelen, konstant héich hält. Investissementer vun iwwer 4 Milliounen sinn 2022 geplangt. En Investissement dat, wann een dat vergläicht mam Kont 2020, sech souguer versechsfacht huet.

D'LSAP wäert natierlech och weiderhin an de Logement investéieren. Hei ass dann och de Moment fir och vun eiser Säit, ech mengen dat fält kengem liicht, wann een da gesäit wéi schwiereg d'Dossieren de Moment realiséier sinn. Déi Penurie un de Matières premières maachen eis d'Liewe schwéier, d'Präisser sinn allgemeng ëm 30% an d'Luucht gaangen an dat huet och net wierklech ee gesi kommen. Datt mir déi Saachen schonn an deenen Devisen, déi elo komme berécksiichtegen, dat rennt och hei oppen Dieren an, well dat maache mer jo schonn. D'Architekten wësse sou gutt wéi d'Ingenieurbüroen, wéi mir heibannen alleguer an de Schafferot ganz sécher och, datt mer anescht mussen un déi Saachen erugeen an datt mer eis do Margé musse loosse an den Devisen, an dat ass och geschitt. D'LSAP stoung och ëmmer fir eng kontinuierlech Erneuerung vum Kanalsystem. Et kann ee keng modern Stad bauen an den Ënnerbau ass a schlechtem Zoustand. Wéi all Joer huele mer eis och 2022 erëm a puer Stroosse vir a moderniséieren si, fir datt mer och ënnert dem Buedem um neiste Stand sinn a sou dem Wuesstem an der Verdichtung vun eiser Gemeng Rechnung droen.

Da si mer beim Waasser. Jo, de Syndicat des Eaux du Sud huet decidéiert, de Waasserpräis ëm 25% an d'Luucht ze setzen. Eppes, iwwer dat mir natierlech net frou sinn. Mee mer si per Gesetz dozou verpflichtet, käschendeckend ze funktionéieren, dat heescht, mir mussen eis Erhéijung un de Consommateur weiderginn. Dat wäert da leider och déi mannerbemëttelt Stéit ëmsou méi haart treffen. Op där anerer Säit hu mer duerch d'Allocation de Vie chère en Instrument, fir dat erëm sou gutt wéi méiglech auszegläichen. De Staat huet och reagéiert a seng Allocation 200.- Euro an d'Luucht gesat a well mir eis do ëmmer drunhänken an nach eng Kéier 90.- Euro dropleeën, hu mir dofir och am Budget ronn 75.000.- Euro virgesinn.

Mir hunn haut hei vill iwwer grouss Projete geschwat. Ma et ginn och aner Initiativen, déi vläicht net Milliounen kaschten an trotzdem immens wichteg sinn. D'Integratioun ass sou een Thema. Eis Populatioun bedréit momentan 21.725 Persounen, mat wäit iwwer 100 verschidden Nationalitéiten. Datt dat Zesummeliewen ouni gréisser Schwierigkeeten hei zu Diddeleng geléngt, läit och un deene villen Efforten, déi gemaach ginn, fir d'Integratioun ze fërderen. Der Projet Ensemble mat senge villen Initiativen, de Café des Langues, den Tandem de Langues, d'Zesummenaarbecht mam Flüchtlingsteam an och déi super Zesummenaarbecht mat den Interesseveräiner an de Quartieren. Als Presidentin vun der Integratiounskommissioun ass et ëmmer flott, eng Fête des Cultures ze organiséieren, a mir wäerten eis ëmmer erëm nei Initiativen afale loosse, fir d'Zesummeliewe méi harmonesch ze gestalten. Vun hei aus e grouss Merci un all déi, déi um Terrain schaffen. De Projet Ensemble besonnesch. Eng aner Commissioun där ech virstinn ass d'Kulturkommissioun. Diddeleng

huet säit jeehier Kultur grouss geschriwwen. De Centre culturel, d'Museksschoul, eis Galerien a Muséeën, eis Bibliothéik, de Service culturel, de Service Fêtes et Manifestations si méttlerweile net méi ewechzededenken. E groussen Deel vun eisem Budget geet an d'Kultur an dat ass och gutt esou. Ob een d'Kultur elo aktiv bedreift oder se einfach nëmme genéisst, ass eigentlech egal. Kultur gehéiert zum Liewen, op alle Fall zu engem guden. An dat soll hei zu Diddeleng méiglech an zougänglech si fir jiddwereen, och wann een dat net ëmmer mat Suen opweie kann. Also Kultur dréit sech net. Kultur ass eppes wat d'Allgemengheet muss de Leit zur Verfügung stellen. An och fir d'Kulturjoer 2022 huet sech Diddeleng prett gemaach. 17 Projete wäerten hei realiséiert ginn op déi mer eis all freeën. Fir d'Koordinatioun vun dëse Projete geet en décke Merci un den John Rech a seng ganz Ekip. An de Kader vun Esch2022 gehéiert och d'Renovéierung vum Hall Lokomotiv a vum Vestiaire Wagonnage, de Bau vum Floater um Waasserbaseng beim Waassertuerm, de Red Rock Trail an de Vëlo Trail... Op d'Detailer wäert dann de Kolleg Walter Berettini sécher nach agoen. Mir hunn elo d'Renovéierung an och de Floater. Dat si sou Imprevuen déi virkommen an der Politik. Ech mengen awer datt mir do déi richteg Jalone gesat hunn, datt mir lo d'Renovéierung an engem Stéck maache vum Hall Lokomotiv – Vestiaire Wagonnage, well dat wäert ee vun deenen Unzéiungspunkte ginn am Kulturjoer, an dat soll dee Moment funktionéieren. Mir hate scho virun enger Woch driwwer geschwat, datt dat net gutt ass, wann dat sou en hallwe Chantier ass, a mir wäerte sou oder sou renovéieren a bezuelen, a mir hunn dës Decisioun elo besser fonnt. Dat konkretiséiert sech oft réischt am Laf vum Dossier, a sou wéi och den Dossier Esch2022 sech entwéckelt huet, mengen ech ass dat hei déi richteg Decisioun. Mir freeën eis also op alle Fall op déi Extraportioun Kultur d'nächst Joer.

Zu Diddeleng gétt och Demokratie groussgeschriwwen. Jo, et fënnt ee sécher heiansdo och nach eppes de meckeren, dat hu mer jo och schonn héieren, an dat ass mengen ech kengem heibannen net bewosst. Wéi sot mäi Papp ëmmer: „Wo Mënschen sind, da menschelt es.“ Dat heescht, Biergerbedeelegung, och am groussen Krees diskutéieren, zesumme kommen, dat ass ëmmer eng grouss Erausforderung. Do komme ganz individuell Virstellungen, Iwwerzeegungen, Valeuren zesummen, an dat ass a bleift keen einfachen Exercice. Trotzdem ass dat eis ganz wichteg. Mir haten dat an eisem Walprogramm stoen, a wéi all déi Saachen, déi mir do dra geschriwwen hunn, hu mir och dëse Punkt ëmgesat. Och wann een nach hei oder do kann u Schrauwen dréien, an dat wäerte mer och maachen. Déi Diddelenger Leit mat abannen, mat hinne schwätzen, hinnen nolauschteren, Biergerrot, Biergerforum, Spriechstonnen etc. Hei muss vläicht och gesot ginn, datt et a Pandemiezeiten net sou einfach ass, den direkte Kontakt ze sichen. An dat war och sécher bei der Biergerbedeelegung de Fall. Dat war alles net sou einfach, huet gelidden. An och grouss Versammlungen ofhalen, an deem Stil, wéi mir dat virdru gewinnt waren an och geplangt haten, ass a bleift net wëschenswäert an och net méiglech. Dat heescht awer net, datt dat sech net alles erëm wäert apendelen, soubal mer dat erëm däreffe maachen. An ech maachen och mol hei en Opruff un déi Diddelenger Leit. Wann der iergendeng Beobachtung maacht oder

eppes melle wëllt, da kënnt der dat per Telefon, Mail oder App maachen. Oder der kommt laanscht op d'Gemeng. Wann der e Problem hutt oder eng Fro, dann diskutéiert dat net op Facebook, mee sicht de Kontakt direkt. An de Social Media ass nach ni e Problem geléist ginn, ma héchstens méi grouss gemaach ginn.

En immens grousst Engagement hält dës Majoritéit och a punkto Ëmweltschutz a Klimaschutz. Mir sinn net nëmmen eng Klimaschutzgemeng, dat ass eis net duergaangen. Och de Pacte Climat ass eis net duergaangen. Mee mir sinn och nach dem Covenant of Mayors bägetrueden an hunn deen ënnerschriwwen. Dës Gemeng war an ass Virreider, wat den Ëmweltschutz an de Klimaschutz ubelaangt. Dat säit gefillten honnert Joer, also säit Joerzéngten. Säit eis am Fong als Gesellschaft bewosst ginn ass, dass mer eis musse verännern, dass mer eis mussen ëm Ëmwelt a Klima bekëmmern, ass Diddeleng direkt aktiv ginn. Säit kuerzem besteet dann och d'Team Klima, wou sech d'Bierger zesumme mat politesche Vertrieeder a Vertrieeder vu Wirtschaft an Handel zesummesetzen, fir konkret Léisungen ze fanne fir déi Problemer, déi eis beschäftegen. E weidere Schratt an déi richteg Richtung. Well näischt geet ouni den Dialog an näischt geet, ouni sech zesummen ze beméien. Sou gi mir d'Problemer an d'Erausforderungen un. Am Dialog zesummen, fir da realistesch a realisierbar Léisungen ze fannen. Realpolitik am beschte Sënn vum Wuert. D'Klimakris kënnt net, si ass schonn do. Mir mussen eis all ëmstellen. Mee dat muss net onbedéngt bedeuten, datt mir dobäi verléieren. De Privatmënsch an d'Wirtschaft, d'Gemengen an de Staat, si alleguer musse sech verännere fir dass eis Gesellschaft eng Zukunft huet. Manner Waasser an Energie verbrauchen, manner Auto, eng propper Wirtschaft, méi Qualitéit a manner Quantitéit. Eis war et wichteg, an déi Politik verfolge mir scho säit Joerzéngten, datt mir als Gemeng eng Virbildfunktioon hunn. Wéi mir als Gemeng mat Ressourcen ëmginn. Wéi mer bauen. Wat mer de Bierger un Hëllefstellungen ubidden. Wéi mer d'Mobilitééit douce ënnerstëtzen.

Dir Dammen an Hären, léif Kolleegen, de Budget initial vun 2022 weist aus, datt pro Kapp d'Verscholdung op 1851.- Euro géif klammen - wa mer da missten op den Emprunt zrëckgräifen. Mir dierfen eis elo awer net aus der Rou bréngen loossen. Wa mer méi genee kucken: wat nämlech vill méi wichteg ass wéi de Montant vun der Pro-Kapp-Verscholdung ass de Rapport tëschent den Annuitéiten, also dat, wat mer all Joer op eis Schold mussen zrëckbezuelen an de Recette ordinären. Dëse Quotient weist eis dann, wéi héich de Verscholdungsgrad ass. De Ministère de l'Intérieur seet, et dierft een 20% net iwwerschreiden. Diddeleng huet e Quotient vun 1,77% fir 2022 a läit domat, wéi mir gesot ginn ass, ënnert den Top10 hei zu Lëtzebuerg. Do ass och fir déi nächst Joren nach Sputt no uewen. Also genuch Marge fir weider Zukunftsinvestissementen. Et kann een also eise LSAP-Schäfferot nëmme felicitéiere fir déi exzellente Haushaltsféierung. Diddeleng war, ass a bleift a gudden Hänn. Ech soen iech Merci.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci dem Martine Kohn.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Léif Kolleginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, ech maachen eng kuerz Analys zu de Finanzen a schwätzen dann zu e puer Aspekter vun der Gemegepolitik, d'Madamm Ahmedova iwwer anerer. E grouse Merci och vun der grénger Fraktioun un den Här Pull an d'Ekip vum der Comptabilitéit. Dat selwecht gëllt fir déi Leit, déi mat um Budget geschafft hunn. Mir haten och de Bericht vun der leschter Finanzkommissioun virleien. De Covid-19 huet nach ëmmer Auswierkungen op de Budget, grad sou wéi d'lescht Joer, wann och manner wéi gefaart. Ech géif dann zum Budget rectifié 2021 kommen.

Am uerdentlechen Deel sinn d'Einnahmen ëm 5,7 Milliounen méi héich, wéi ursprénglech agesat. Déi uerdentlech Ausgabe leien ëm 1,4 Milliounen méi déif, wéi virgesinn. Et bleift en Iwwerschoss vu 14 Milliounen als Sputt fir den ausseruerdentleche Budget rectifié unzefänken. Beim ausseruerdentleche Budget gëtt et och den Ënnerschied tëschent dem Initial an dem Rectifié. Bei den Ausgabe waren am Initial 47,8 Milliounen. Lo stëmme mer iwwer 52 Milliounen of, well verschidde Projekte méi deier gi sinn. De Mali vu 34,2 Milliounen, deen am Budget extraordinaire rectifié 2020 entsteet kann opgefaange gi vum Boni aus dem uerdentlechen Deel a vun de Bonie vun de viregte Joren. A mir hunn net grad 2 Milliounen, fir de Budget 2022 unzefänken. Wat eis Ofstëmmung zum Budget rectifié betrëfft, sou bleiwe mir bei eiser Logik: mir enthalen eis. Dat well mir den Initial net matgestëmmt haten. Mir hunn awer mat der Ausféierung keng gréisser Schwieeregkeeten. Dann zum Budget 2022. Am uerdentlechen Deel, bei den Einnahmen, stinn 116,6 Milliounen. Hei sinn och déi 4 Milliounen aus eiser Reserve erëmfannen, wou mir dëst Joer dunn awer net drugaange sinn. D'Ausgaben am Budget ordinaire ginn op 106,2 Milliounen Euro ageschat, wat 12,5 Milliounen méi héich ass wéi am Rectifié dat Joer virdrun. Hei ass eis am Tableau vun der Evolutioun vum Service ordinaire den héije Montant vun de Biennalen opgefall, mat 2,2 Milliounen. Gëtt et eng Erklärung hefir? Mee och d'Recetté ginn ëm 8 Milliounen erop, sachant datt am Rectifié déi 4 Milliounen net méi drastinn.

Et gëtt da weider gerechent mat engem Iwwerschoss vun 10,4 Milliounen Euro. Zesumme mat de knapps 2 Milliounen aus dem Rectifié, kann dat de Mali vu 7,2 Milliounen aus dem Extraordinaire opfänken. Dobäi gëtt mat Einnahmen an Héicht vu 36,2 Milliounen Euro gerechent. Hei ass den Emprunt vun 30 Milliounen dobäi. Et géif deemno en definitive Boni vu 5,1 Milliounen bleiwen. Mat 43,4 Milliounen Euro bei den Ausgabe vum ausseruerdentleche Budget leie se ënnert deene vum Joer virdrun an déi waren zimmlech héich am Verglach mat de Joren nach virdrun. Et war kaum unzehuelen, dass wann iwwerall Aarbechten ausfalen duerch d'Pandemie alleguer d'Projete kënnen zügeg duerchgefouert ginn. Dobäi koum de Problem, deen am Fong net sou previsibel war, well mir dat an eise Länner hei och net gewinnt sinn, datt d'Baumaterial net erbäikënnt. An datt do och nach d'Präisser explodéiere vum Baumaterial. Dofir ass dës Budget net e Budget vu groussen neie Projeten, ausser Butschebuerger Strooss, wou Ponts & Chaussées involvéiert ass, mee e Budget fir kënnen weiderzefuere mat deene grouse Projeten, déi d'lescht Joer

ugekënnegt goufen. Déi eng sinn endlech am Gaang, anerer hu mol nach guer net richtig ugefaangen, wéi z.B. de Floater oder den Hall polyvalent oder den Déierenasyl. D'lescht Joer sot d'Madamm Goergen op dëser Plaz, si géif zweiwelen, ob op den Emprunt vun 20 Milliounen géif zréckgegraff ginn. Mee si hat Recht. Dëst Joer hu mer manner Zweifel, mee ob den Emprunt da sou héich ausfale muss, wäerte mir dann d'nächst Joer em dës Zäit wëssen.

An eisem Stadzentrum ass déi 3. Phas vum Shared Space am Gaang. Et huet eis gefreet, datt de Schäfferot e liicht Alenken hat betreffend eisem Beharren op eng Foussgängerzon, an am Kader vum Vëlossummer ee Mount laang den Zentrum fir den Duerchgangsverkéier gespaart hat. An et huet eis och gefreet, datt vill Mënschen dat genoss hunn, ouni Ofgasen a Kaméidi gemittelt ze flanéieren, ze shoppen an op enger Terrass ze setzen. Mir bleiwen och nach ëmmer bei eiser Meenung, datt déi Parkplazen an der Niddeschgaass net néideg sinn. Dee Raum kéint z.B. mat Spillelementer fir Kanner, mat Blumenarrangementer oder mat Konschtwierker méi attraktiv genotzt ginn an och fir méi Sécherheet suergen. Ervirzehiewen ass den alternative Maart op der Plaz am Duerf all drëtten Samschdeg am Mount vun Abrëll bis Oktober. Dofir stinn 10.000.- Euro am Budget. Et sinn 100.000.- Euro virgesi fir déi 4. Phas vum Shared Space ronderëm d'Gemengeplaz, fir Etüden. Hei hätte mir eng Fro, ob et méiglech wier an där Etüd och ze präiwen, d'Verbindung vun der Gemeng bis bei de Wee laanscht d'Baach fir d'Mobilité active. Da kéinte mer endlech dat Stéck vum Zentrum bis bei de Centre culturel a weider op NeiSchmelz, wou mer jo lo e flotte Vëloswee hunn, fir de Vëlo hikerien.

Et si 70.000.- Euro ageplangt fir déi Passagé Route de Zoufftgén a Route de Luxembourg. Dat krute mer viru knapps engem Joer an der Verkéierskommissioun virgestallt. Dat wier jo och gutt, wann dat geschwé géif ëmgesat ginn. De provisoiresche Vëloswee an der Rue Madame Mayrisch de St Hubert war net gutt ukomm. Well et ass keen eens ginn - ech och net - wéi een do genee sollt fuere mam Vëlo. 20.000.- Euro gi mir lo aus fir eng Etüd. Mir hunn eis gefrot, ob een net kéint d'BiergerInnen froen, an zwar déi, déi all Dag mam Vëlo ënnerwee sinn. Et gëtt Vëlo Diddeleng, et gëtt och nach ProVëlo, déi eis kéinte beroden. Mee warscheinlech brauche mir eng Etüd fir eis kënnen op eng offiziell Expertis ze stäipe wa Parkplaze musse wechgeholl ginn oder aner urbanistesche Ännerunge verlaangt ginn. Am leschte Gemengerot huet d'Madamm Dall'Agnol gemengt, ech wier d'Sprochrouer vu Vëlo Diddeleng. Zwar net! Vëlo Diddeleng an ech verfolge just dat selwecht Zil.

Zanter méi wéi 30 Joer setze sech déi Gréng Diddeleng a fir de Vëlo. Wéi ech virun 10 Joer an d'Verkéierskommissioun koom, krut ech vun engem LSAP-Member gesot: „D'Leit fuere souwisou léiwer mam Auto.“ An et ass och net vill Konkretes fir de Vëlo gemaach ginn. Ech si frou, datt déi engagéiert Membere vu Vëlo Diddeleng bei lech Gehéier fannen. Anscheinend méi wéi d'Politiker vun der Oppositioun. Den Här Demuth huet op jiddwer Fall ëmmer en oppent Ouer. Et stellt ee fest, datt endlech en Ëmdeanken och hei zu Diddeleng ukomm ass. Fir de kommunale Fuerpark gi mer 617.000.- Euro aus.



Sinn do och Vëloen dobäi? Hunn eis Agents municipaux d'Méiglechkeet, sech mam Vëlo ze deplacéieren? Well si si jo lo awer a ganz Diddeleng am Asaz. Dat géif och bestëmmt sympathesch eriwuerkommen.

Zum ëffentlechen Transport soen ech net vill. Et steet am Initial 2022 e Montant vu 20.000.- Euro an am Rectifié net grad e Montant vu 50.000.- dra fir „Etude suppression des passages à niveau“. Mir waarden nach ëmmer op d'Resultat vun där Etüd an d'Informationsversammlung an de participative Prozess mat Ministère an CFL. Wéi ass do de Wëssensstand vum Schäfferot? Dat huet d'CSV jo och schonn ugeschwat. Biergerbedeelegung gëtt jo grouss geschriwwen. Ugefaange bei de Kanner: Jugend, SUMP, Klimateam, Biergerrot, Biergerpanel, eng Konventioun mat der Uni a fir d'nächst Joer de Budget participatif vu 65.000.- Euro stinn am Budget. Hei hu mir eis och gefrot, wéi eng BiergerInnen da gefrot ginn zum Budget participatif? Ass dat de Biergerrot? Biergerbedeelegung bedeit, Mënschen zesummebréngen, déi hir Meenung kënnen anere Matbierger a -biergerinnen an de Responsabele matdeelen an am Team Léisunge sichen an diskutéieren. Den Defi läit dodran, dëst Zesummekomme gutt ze encadréieren, ze moderéieren an de Leit och d'Gefill ze ginn, datt eppes dobäi erauskënnt, fir datt se net ënnerwee d'Loscht an d'Motivatioun verléieren.

Ëm de ganze Volet Biergerbedeelegung huet sech bis elo de Service écologique gekëmmert. Den Här Manderscheid sot de leschte Freideg, dat géif elo lassgëlleist gi vum Gréngen Haus. Oder war dat just fir de Budget participatif gemengt? Wéi ee Service behandelt eigentlech de Biergerrot an de Biergerpanel? Am Gréngen Haus schaffen dräi Persounen. Nodeems den Här Morbé fortgaangen ass, ass d'Madame Cloos engagéiert ginn. Bei der Resultance ass zwar elo net erauskomm, datt hiren Aarbechtswolumen ze héich wier, dat kënn mir vun hei aus och schwéier aschätzen. Den informelle Gemengerot huet eis awer gewisen, wéi en administrativen Opwand verlaangt gëtt, eleng bei de Mesurë vum Klimapakt a vum Covenant op Mayors. A wann ee bedenkt, datt elo och nach den Naturpakt dobäi kënnt, gréisser Changementer bei der Offallgestioun solle kommen, wier et an eisen An eng lwwerleeung wäert, ob de Service écologique sollt personalméisseg verstärkt ginn. Wuelwëssend datt de Patrick Hoss iergendwann an den nächste Joren a Pensioun goe wäert. Déi gréisst Erausforderung an Zukunft ass nu eemol d'Klimakris, wéi och elo gesot ginn ass vun der LSAP, an d'Biodiversitéitskris. An dofir gëllt et, am Gréngen Haus gutt opgestallt ze sinn.

Eis Gemeng ass dëst Joer méi visibel ginn a punkto Klimapolitik an huet besser kommunizéiert. Et ass a bleift e schwieregt Thema. Mir wäerte beim nächsten Audit vum Klimapakt Enn Januar bei ongeféier 62% leien. Dat ass net terribel vill. Natierlech sinn d'Krittäre vum Klimapakt 2.0 méi streng ginn. An der éischter Versammlung vum Klimateam war flott ze gesinn, datt eng 14 Diddelenger sech fräiwëlleg engagéiere wëllen. Si hunn all dat selwecht Zil: Eise Planéit, eis Ressourcen, eis Natur schützen an d'Klimaerwärmung stoppen. Hei passt en Zitat vum Roman Herzog: „Wir haben kein Erkenntnisproblem. Wir haben ein Umsetzungsproblem.“ D'Gemeng soll an allen Hisiichte mam gudde Beispill virgoen. Jo. Leider ass eis a leschter Zäit bei verschidde Geleeënheeten opgefall, datt sougenannt Heizpilzer agesat gi sinn, déi mat Gas bedriwwen ginn an 2 Kilo CO2 pro Stonn verbrauchen. Am Budget hu mir kee passende Poste fonnt, wou déi vermierkt sinn. Dofir eis Fro: Sinn dat effektiv der Gemeng hir Heizstraler? Mir fannen op jiddwer Fall, datt mir dorop verzichte kéinten. Fir de Bassin de Rétention Rue Père Thiel si 70.000.- Euro am Budget. Dat ass déi Strooss, wou Problemer ware bei den Iwwerschwemmungen am Juli, a wou mir eng Fro gestallt haten. Eis Fro haut: Gëtt et Aussicht, datt mir den Terrain kafe kënne fir dat Rückhaltebecken ze bauen? Et sinn och 50.000.- Euro ageschriwwen fir de Konzept beim Risiko vu Staarkreen. Dat fanne mir wichteg an et gëtt jo och e Subsid dofir.

En neie Projet, deen e Freideg hei kuerz ugeschwat ginn ass, heescht hei Tiny Forest. Hei hu mir am Jugendhaus nogefrot. D'Iddi ass, zesumme mat Jonke kleng Oasen ze schafen mat Beem a Sätzgeleeënheeten, Bänken, déi déi Jonk selwer sollen zesummebauen. Eng Zesummenaarbecht mam DKollektiv war uviséiert, wann déi dann am Kulturjoer Zäit fannen. Mir kënnen dat nëmme begrëssen. War et dann och emol eng Iddi am Walprogramm vun deene Gréngen, eng intergenerationell Kreativfabrik op NeiSchmelz ze schafen, just emol sou als Erënnerung. Eis Jugend huet et net einfach an dësen Zäiten. Hei solle keng Sue gespuert ginn. Mir haten am Klimateam och d'Iddi opgeworf, net vum Tiny Forest, mee vum Projet Miawake. Dat ass eng Iddi aus Japan, e Member aus eiser Lokalsektioun huet Kontakt zu engem Belsch, dee schonn an e puer Stied sou Mini-Bëscher ugeplanzt huet an eng Gemeng sicht fir e Pilotprojet hei zu Lëtzebuerg. Konkret brauch een en Areal vun ca. 150 m² fir vun engem Profi an déi Technik agewisen ze ginn. D'Käschte wiere vu Rainforest Lëtzebuerg gedeckt. Ech hunn der Madamm Malano aus dem Jugendhaus an dem Här Hoss aus dem Gréngen Haus schonn Dokumentatioun zoukomme gelooss. Dat wier e Vorzeigeprojet fir Diddeleng an et géif eis näischt kaschten. Just den Terrain an der Stad misst fonnt ginn. Eventuell um Strutzbiërg oder A Bëlleg. Et ass natierlech erwënscht, datt dat mat breeder Biergerbedeelegung stattfënnt a ganz gären och mam Jugendhaus. Dat geet och an déi Richtung vu SICONA, déi och Terraine siche fir Blummewise fir Insekten. Haut ass en interessanten Artikel am Tageblatt iwwer Stadökologie. Wat méi Gréngs wat besser. Ze begrësse sinn dann och déi nei Bushaisercher mat begrëngtem Daach. Dat neit Bushaischen op der Gemeindeplaz huet dat awer net. Ech wollt mol just froen firwat? Dat ass eng Detailfro.

D'Kommunikatioun mat der Bierger a Biergerinne leeft haut iwwer vill Kanäl. Wann een am Budget déi ganz Relations publiques zesummerechent, ouni Paien, da kënnt een iwwer 1 Millioun Ausgaben. 100.000.- Euro fir Videoen, Spots fir Internet, Facebook, Bloggen. Fir dee Chiffer kéint awer och eisen Internetsite besser à jour gehale ginn. Net alleguer d'Diddelenger sinn op Facebook a Co. permanent ënnerwee. Ee Beispill ass den Agenda vum kulturellen Deel vum Chrëschtmaart. Dee war néirens ze fannen. Op der Säit vum Service écologique stoung am Ufank vun der Woch nach den Här Netgen. Lo hunn ech gëschter gekuckt, lo ass den Internetsite erneiert ginn a lo steet och den Här Rassel do. Hei elei! Ech hu meng Ried missen änneren. An eiser Stellungnam zum Forstplang vum eisem neie Fierschter hate mir gefrot, fir eng ëffentlech Versammlung ze organiséiere fir d'Bierger an d'Biergerinnen iwwert den Zoustand vun de Beem an de Securiséierungsmaassnahmen an der Le'h ze informéieren. Dat kéint jo och ënner der Form vun enger Begeegung sinn, sou wéi mat der Ëmweltkommissioun. Ass sou eppes geplangt? Mir hunn elo näischt direkt fonnt am Budget.

E positiven Aspekt vun der Kommunikatioun mat de Gemengeservicer, dat ass och schonn hei geschwat ginn, dat ass d'App mam Report-it. Dat hu mir ausprobiert, d'M-Box war nämlech ganz zougewuess am Summer, an du hu mer dat gemaach, an du ass dunn effektiv geméit ginn. Dee Report-it ass wierklech e flott Instrument. Och eisem Wonsch fir bei Invitatiounen fir Manifestatiounen op den ëffentlechen Transport an d'Mobilité douce opmierksam ze maachen ass gréisstendeels Rechnung gedroe ginn. Et kommen och nach ëmmer Invitatiounen, wou näischt drop steet, mee bei deene meeschte steet awer elo eppes.

Da kommen ech zur Schoul a Bildung, ugefaange mat der Formation des Adultes. Virun engem Joer hat ech op dëser Plaz gesot, datt mer géife riskéieren, d'Formateure vun de Sproochecoursen ze verléieren, well aner Gemenge besser bezuelen. Dee Message war awer leider net ukomm oder en ass net weidergaangen. Nodeems dann erëm eng Formatrice fort war an aner Drock gemaach hunn, ass dunn de Budget gehuewe ginn. Dat gesäit een och am Rectifié, an am initial ass en och méi héich ugesat wéi d'lescht Joer. Enfin, dat hätt awer och méi en einfache Wee kënne goen. 150.000.- Euro sinn ageschriwwen fir Etüde fir d'Schoul Baltzeng. Et wäert awer nach e puer Joer daueren, bis déi Schoul fäerdeg ass. Et soll vun der Gréisst hir eng Schoul wéi Lenkeschléi ginn. Hoffentlech dann awer mat méi Klassesäll wéi just engem Sall pro Joergang. Wa Klassen deedoubliéert musse ginn, wär et scho gutt, eng Reserv ze hunn. An nach eng Kéier: 150.000.- Euro si virgesi fir Etüde fir eng nei Schoul op NeiSchmelz. Déi wäert dann awer warscheinlech nach musse méi grouss gebaut ginn. An de Projet „Energiesparen macht Schule“, dee gëtt dann elo ersat duerch „Nachhaltigkeit macht Schule“. Dat steet mat 30.000.- an den Depense ordinaires, awer just fir 4 Schoulen. 2 Froen dozou: Wat beinhalt dee Projet, a firwat maachen déi aner Schoulen net mat? A punkto Restauratioun am SEA fanne mir datt mer, datt mer an déi richteg Richtung gi mat vegetareschen Deeg a gesondem lessen.

Och d'Aktioun mam Uebst verdeelen an der Schoul ass tipptopp. An der Restauratioun kéinten nach éifers Liebensmëttel aus dem biologeschen Ubau ugebuede ginn. Vum Ministère sinn 2 Nouveauté geplangt: Gratis lessen an Hausaufgabenhëllef. Do wäert dann awer och nach e Surplus vun Aarbecht op eis Servicer duerkommen.

„Réaménagement aires de jeu – 2ième phase » - 50.000.- Euro am initial, ass dat fir d'Spillplaz am Wolkesdall, déi d'lescht Joer och ugekënnegt gouf? Hei hate mir och d'lescht Joer proposéiert, bei dësem konkrete Projet eng Biergerbedeelegung ze maachen, well an engem klengen Krees ass dat heiansdo méi einfach. Ech hat och schonn eemol nogefrot fir eng nei Oplag vum Kannerstadplang. Dat ass wierklech e flotten Outil, och fir de Science-Unterrecht an der Schoul. Orientéierung ass och an Zäite vun Navi nach néideg. Ausserdeem kéint déi Kaart och digital genotzt ginn. Op der Récksäit kéint een eng Aart Fotosrallye maache mat enger Visite guidée vu wichtege Gebaier zu Diddeleng. An der Stad Lëtzebuerg hu Kannerstadféierungen e groussen Succès. Mir hu jo och e Büro vum Syndicat d'Initiative, deen dat organiséiere kéint zesumme mam ORT. Ech schloen esou de Bou zum Tourismus.

Esch2022 steet virun der Dier a mir freeën eis op vill flott kulturell Eventer am neie Joer. De Minett Trail, de Minett Cycle Tour si sou gutt wéi fäerdeg. De Floater steet op senge Stelzen an de Startlächer. Geschwënn. De leschte Samschdeg hu mer Gebuertsdag gefeiert vum Minett Unesco Biosphere. Et gëtt e schonn e Joer laang. Domat ass de Minett op d'Weltkaart gesat ginn an och Diddeleng. Dëse Programm vun der Unesco steet ënner anerem fir en nohaltegen Tourismus. Besonnesch eist Naturschutzgebitt Haard gëtt en Valeur gesat. Mir freeën eis och besonnesch op d'Acoustic Picnics, Concerten an aner kulturell Veranstaltungen, déi am August geplangt sinn. De Wee gëtt zu Fouss gemaach oder mat der Päerdsch. Et gëtt ouni Verstärker Musek gespillt, ganz am Aklang mat der Natur. Ganz anescht wäert et dann e Mount méi spët kléngen, wann an der Carrière Cloos d'Motorrieder erëm op an ofrennen. E Paradox, deen net ze verstoen ass fir eng Klimabündnisgemeng. Mir géifen eis wënschen, Diddeleng géif nach en Titel weider kréien, sou wéi Stad vun der Kultur, Stad vum Sport och Stad vun der Nohaltegeket. Beim Sport wollt ech nofroen: et stinn 200.000.- Euro fir eng Hal Tennis CAD. Do war de Problem, datt mir den Terrain net hunn. Gëtt et do gutt Nouvelen? Eis Zäit ass begrenzt, mir kënnen net all Posten ënnert d'Lupp huelen.

Fir eise Chancegläichheetsservice e groussen Luef wéi d'lescht Joer. Zum Thema Soziales hate mer de leschte Freideg geschwat. Just eng kuerz Fro dozou: Um STEP, mécht de CIGL elo de Second-hand? Bleift dat op där selwechter Plaz oder gëtt dat nach ausgebaut? Zum Thema Economie an Aarbecht huele mer zur Kenntnis, dass sech eppes op Koibestrachen deet. Mir kommen eng aner Kéier drop zrëck. Fazit: Mir kënnen viles matdroen an dësem Budget 2022, deen eis vum Schäfferot virläit. Nawell stëmme mer dergéint, well mir verschidden Akzenter anescht géife setzen, notament an der Klimapolitik, an der Mobilitéit an am Logement.



Déi weider Stellungnam mécht d'Madamm Ahmedova. Merci fir d'Nolauschteren.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Här vum Schäffen- a Gemengerot. Dës Sitzung vun haut steet ganz am Kader vum Budget rectificié 2021 an den initial 2022. De Budget ass dat wichtegst Dokument, iwwer dat all Joer ofgestëmmt gëtt, well en d'Richtlinien an de Wee ugëtt, wou d'Gemeng histeiert, wéi se sech entwéckelt a wou d'Prioritéite leien. Mir hunn d'lescht Woch hei déi Pläng a Projeten, déi weidergefuert ginn, souwéi déi, déi d'nächst Joer ulafen, vum Buergermeeschter a vum Schäfferot virgestallt kritt. D'Budgetsdokument ass ganz déck a mir hunn nach zousätzlech Dokumenter am Virfeld vun der Finanzkommissioun kritt. Ech wëll dofir dem Pascal Poull a senger ganzer Ekip e groussen Merci soe fir déi vill Aarbecht, déi do dohanner stécht, fir déi gutt Erklärungen an der Finanzkommissioun an och fir d'Beäntwerte vun all de Froen, déi ech hat. E klengen B-Mol erlabe ech mir awer direkt, an dat ass, dass ech fannen, dass mir déi Dokumenter net an engem raisonnablen Delai kréien. Wann een Donneschdes owes ëm hallwer néng de Budget an aner Informatiounen réischt kritt, a Méindes ëm 5 Auer d'Finanzkommissioun ass, da bleiwen engem nëmmen déi 2 Deeg vum Weekend, fir sech do duerchzeschaffen, fir kënnen seng Froen an der Kommissioun ze stellen. An et geet ee jo och nach schaffen. Ech hat et jo schonn a menger Untrëttsried gesot, fir eis gehéiert et och zur Transparenz, dass mer d'Dokumenter mat Zäit zur Verfügung hunn, fir kënnen eng anstänneg Aarbecht ze maachen.

Ech fänken da mam Budget rectificié vun 2021 un, ech ginn do awer net an den Detail. Ënner dem Stréch waren am Ordinaire méi Recetten a manner Dépenses wéi virgesinn. Den Emprunt vun 20 Milliounen, deen am Extraordinaire geplangt war, ass net gezu ginn. An awer konnt oder wäert nach praktesch all Projet, dee virgesi war, realiséiert ginn. Dat ass ze begrëssen, grad well d'Situatioun ronderëm d'Pandemie keng einfach war. Mir hunn awer och vill Kreditter missen nostëmmen. Dat läit zum Deel drun, dass viles méi deier ginn ass. Trotzdeem sollt opgepasst ginn, dass d'Devise ganz detailléiert a fondéiert opgestallt ginn, och wann een net alles ka virausesinn. Wéi d'Madamm Kayser hei scho sot: „Pi mol Handgelenk“ ass eng Ausso, déi hei net ze akzeptéieren ass an déi mech immens erschreckt huet. Dann zum Budget initial 2022, wou ech och net op all Posten aginn, mee wäert duerleeën, wéi déi Léink eenzel Positiounen gesinn. Als éischt muss natierlech gesot ginn dass d'Finanzsituatioun vun der Gemeng Diddeleng

ganz gutt ass, wéi och déi lescht Joren. Et ass aktuell eng Schold do vun 12,2 Milliounen awer gläichzäiteg och Reserve vun 12,8 Milliounen. Et ass en Emprunt vun 30 Milliounen virgesinn am Budget, deen awer net muss gezu gi, sot de Buergermeeschter. Allerdéngs ass d'Situatioun um Finanzmaart am Moment esou, dass et ganz gönschteg ass, eng Schold ze maachen. D'Verscholdung pro AwunnerIn war och mat deem Emprunt nach ëmmer zimmlech niddereg, ausserdeem ass Verscholdung net per se eppes Schlechtes. Wann et fir Investissementer an d'Zukunft vun der Stad ass, dann ass et eng gutt Entscheedung, z.B. de bezuelbare Wunnraum. Mee do kommen ech méi spéit drop zréck. Mir begreifen ausdrécklech dass och 2022 d'Investissementer weiderhin héich bliwen.

Et gëtt vill a Schoulen a Maison Relais investéiert, an dat ass och wichteg. Déi nei Schoul op Lenkeschléi ass grad fäerdeg, lo gi schonn déi éischt Iwwerleeungen zu der Schoul op NeiSchmelz un. De Brill muss renovéiert ginn a Baltzeng gëtt vergréissert. Et ass also an deem Beräich nach genuch geplangt. Wat d'Maison Relais ugeet, sou kënnt eng nei Struktur op Ribeschpont, ausserdeem ass och ze begreifen, dass op eng Consultance diététique an der Restauratioun zréckgegraff gëtt. Am Quartier Italien geet déi nei Crèche op a mir si frou, dass Diddeleng elo endlech och an deem Beräich um gudde Wee ass. Trotzdeem si mer der Meenung, dass et nach ëmmer net genuch ëffentlech Crècheplazen zu Diddeleng ginn. Do ass op alle Fall nach Loft no uewen. D'Kulturpolitik bleift weiderhin op engem gudden Niveau an et ass ze hoffen, dass et an deem Beräich erëm Biergop geet an déi geplangten Evenementer kënne stattfannen. Et war eng gutt Decisioun, dass d'Kënschtler, déi net konnten optrieden duerch d'Pandemie, trotzdeem zu engem Deel entschiedegt gi sinn. Am Kader vun Esch 2022 si vill flott Projete geplangt a mir freeën eis drop. Et kënnt ganz vill Aarbecht op de Service culturel duer a mir wënschen hinne lo scho vill Courage a Kraaft dofir a soe Merci fir den Asaz. Et wäert sech lounen. Kultur bezilt sech net, ass hei gesot ginn. Jo, dat stëmmt. Mee et gëtt, wéi bei allem, eng Schmäerzengrenz, an déi ass fir déi Lénk beim Floater, wat kee Floater ass, bei engem Budget vun 1,3 Milliounen iwwerschratt.

Ech géif dann op d'Taxe kommen. Als éischt wëll ech soen, dass déi Lénk ganz kloer, den 1. Oktober am Gemengerot dofir waren, dass den Taux vun der Grondsteuer, an zwar de B6 fir eidelstoend Terrainen, vu 600% op 15000% sollt gehuewe ginn, sou wéi dat och zu Dikrech gemaach ginn ass. Leider ass keng vun deenen anere Parteie mat op dee Wee gaangen. Een Argument war, dass zu Diddeleng d'Situatioun vun de Besëtzerhältnisser speziell war, wat net wierklech en Argument ass. Eng aner Begrënnung war, dass wéinst der Dikrecher Situatioun am Ament eng Affär um Verwaltungsgericht am Gaange war. Jo dat stëmmt. Mee dat kënne mer net gëlle loossen, well kee weess, wéi déi ausgeet. Et ass also schlussendlech eng ganz zögerlech Erhéijung op 800% gestëmmt ginn. Et felt einfach u Courage, fir richtig aktiv ze ginn. Als zweet wëll ech dann op d'Taxe fir d'Dränkwaasser agoen, déi am leschte Gemengerot erhéicht gi sinn. Dëst well d'Waasser beim Akaf bei der SES méi deier ginn ass an d'Gemeng gesetzlech gebon-

nen ass, fir käschtedeckend ze schaffen. Mee fir dat ze erreechen, ginn et verschidden Approchen. De gestaffelte Waasserpräis kéint duerchaus eng Méiglechkeet sinn. Den Zougang zum Waasser ass e Mënscherecht, an dofir schloen déi Lénk vir, dass e Basisverbrauch, z.B. déi éischt 50 Liter gratis sinn, duerno eng gewësse Quantitéit zum aktuelle Marchépräis, an dat wat driwwer geet, soll da méi deier sinn. Wie méi verbraucht oder verschmotzt soll och méi bezuelen. Iwwregens huet en eehemolegen LSAP-Buergermeeschter dat scho viru ville Joren zu Monnerech agefouert. Déi Lénk wëllen, dass eng genee Analys vum Waasserverbrauch gemaach gëtt. Op Basis dovu kéint e Modell fir e gestaffelte Präis ausgeschafft ginn.

Iwwert d'Taxenerhéijung si mer dann direkt beim sozialen Beräich. D'Allocation de Vie chère vum Staat geet d'nächst Joer ëm 200.- Euro erop, wat awer sécher net duergeet. A vu dass d'Gemeng all Beneficiaire nach 45% bället, geet dee Montant am Budget och erop. Et ass wichteg, de Leit ze hëllefen, déi Hëllef brauchen an deenen, deenen et net sou gutt geet. Dat hu mer och schonn d'lescht Woch gesot am Kader vun der Presentatioun vum Budget vum Office social. Eng demokratesch a solidaresch Gesellschaft kann et nëmme ginn, wann no jidderengem gekuckt gëtt. Am Beräich vun der Aarbecht an den Aides au Ré-emploi ass eis Gemeng gutt opgestallt. Dat mécht am Budget bal ëmmerhin 2,4 Milliounen aus. Et ass déi eenzeg Gemeng, déi en eegene Service d'Aide à l'Emploi huet, wou d'Leit op der Sich no enger Aarbecht begleet an ënnerstëtzt ginn. An der Initiativ CIGL sinn 22 Persounen voll beschäftegt mat engem CDI an et ginn 10 Poste fir Chômeurs de longue durée. D'Zuel vun de Jeunes chômeurs, CAE, geet erof a war just nach bei 2. Do war et interessant ze wëssen, firwat dat sou ass. Vum sozialen Thema ass et dann och net wäit, bis mer beim Thema Logement ukommen, en Thema wat déi Lénk immens um Häerz läit. Sozialen a bezuelbare Wunnraum felt am ganze Land an och Diddeleng ass do keng Ausnam. Eis Gemeng huet an deem Beräich an de leschte Joren Efforte gemaach, an d'Zuel vun de sozialen Wunnengen, déi zur Verfügung stinn ass op 73 eropgaangen. Et ass decidéiert ginn 10 Haiser ze kafen, 5 op Lenkeschléi a 5 an der Rue Nic Bodry. Dat geet awer net duer. Am Eecherdall soll eng Etüd gemaach gi fir erauszefannen, ob, a wat do kéint gebaut ginn. Dat dauert also nach. De Buergermeeschter sot, et géife Verhandlung mat engem Proprietär lafe fir Terrainen ze kafen, mee do musse mer ofwaarden, bis mer méi Geneeës gewuer ze ginn.

Am Hierscht 2019 huet d'Gemeng an der Albert Schweizer Strooss en Terrain kaaft, deen awer mol nach bis 2022 verpacht ass. Wéini gëtt do eng Decisioun geholl, wat gebaut gëtt? Et zitt sech leider alles an d'Längt an de Courage, fir als Gemeng selwer Bauhär ze ginn, schéngt ganz ze feelen. Et geet net duer, fir eis Stad flott ze maachen, mee et muss och adequate Wunnraum geschaf gi fir all d'Leit. All Alter, all Nationalitéit, all Akommes. E bëssi hu mer den Androck, dass dat awer net sou gewollt ass. Virun allem, wat déi finanziell Situatioun ugeet. Et leeft jo gutt mat den deiere Quartieren. D'Haiser an d'Appartementer verkafe sech all. Wéi z.B. op Lenkeschléi. D'Gemeng keeft dem Promoteur e puer Haiser of a mengt, si hätt dann domat

hir Aufgab erfüllt. An ëmmer erëm gëtt sech op NeiSchmelz beruff. Mee éischstens dauert dat nach eng Rei Joren éier et do ugeet. An zweetens ass dat e Projet vum Fonds de Logement an entbënnt d'Gemeng net vun hire Verflchtungen an deem Beräich. Et ass, wat de Wunnengsbau ugeet, keen neie Projet am Budget 2022 virgesinn. Et klénkt zwar gutt, wann de Buergermeeschter seet, mir maachen en Invest vun 43,5 Milliounen an dovun sinn 38% fir de Logement an den Equipements collectifs. Am Detail heescht dat awer, dass grad emol 5,6 Milliounen an de Logement social investéiert ginn. Dat sinn 12,98% vun den Dépenses extraordinaires. Wéi gesot, als eenzeg neie Projet wär d'Acquisitioun vun engem Terrain, déi awer nach net sécher ass. De Rescht ass fir déi 10 nei Haiser, déi schonn 2021 am Budget stoungen, also op 2 Budgeten opgedeelt waren. Wat och wierklech feelt hei zu Diddeleng ass bezuelbare Wunnraum, net nëmme sozialen. An do misst d'Gemeng hir Verantwortung iwwerhuelen an als Bauhär aktiv ginn. Jonk Leit, déi hei zu Diddeleng wëlle wunne wa se bei den Elteren erausplënnere, kënnen sech dach hei praktesch näischt leeschten. Also op Lenkeschlei mat Sécherheet net. Mee och soss net. Kuckt dach emol wat d'Haiser am Wolkeschdall oder um Brill kaschten. Déi Jonk mussen sech also extreemst iwwerschelden, wann dat iwwerhaupt méiglech ass, oder fortplënnere. Ass et dat, wat mer zu Diddeleng wëllen? Eng flott Stad mat zum groussen Deel Leit, déi sech et leeschte kënnen? Et ass wichteg, eng grouss Mixitéit an der Stad, an de Quartieren ze hunn. Déi kréie mer net, wann net genuch bezuelbare Wunnraum do ass. Déi Verantwortlech mussen sech wierklech a Fro stellen. Et ass am Wunnengsbau duerchaus nach vill Sputt no uewen an dat wär e Beräich, wou en Emprunt z.B. gutt ugeluecht wär. Sait dem leschte Joer huet d'Gemeng endlech e Service Logement. Déi Lénk begrëssen dat. An et wär interessant, wa mer do kéinten am Laf vum nächste Joer e Bilan, respektiv en Aktivitéitsbericht virgestallt kréien.

Op d'Mobilitéit ginn ech net ze vill an. Do ass jo nach ëmmer den Aarbechtsgrupp am Gaangen un engem Gesamtkonzept ze schaffen an et bleift ofzewaarden, wat dobäi erauskënnt. De Busservice fonctionéiert relativ gutt. Allerdéngs wär et héich Zäit fir sech anzesetzen, fir dee schnelle Bus oder Tram op Rieder, wéi e scho genannt gouf, hei am Süden. Virun allem d'Verbindung mat Belval ass mat 40-50 Minutte vill ze laang. Och bei der CFL dierf net nogelooss ginn. Do si mer wierklech d'Stéifkand, an de Service ass net gutt. D'Gemeng bekëmmert sech lues a lues ëmmer méi ëm d'VelosfuererInnen, an dat ass och richtig esou, och wann an deem Beräich nach genuch ze maachen ass. De Parking résidentiel ass a ganz Diddeleng agefouert ginn an et mussen nach nei Horodateure kaf an installéiert ginn. Vum Prinzip hir war et déi eenzeg Méiglechkeet, d'Parksituatioun an de Grëff ze kréien, och wann et net optimal ass. En éischte Schrëtt an déi richtig Richtung ass gemaach ginn andeems d'Niddeschgaass am August an och Samschdes eng Foussgängerzon ginn ass. Iwwregens eng Propos, déi mäi Virgänger, de Jos Thill, hei am Dezember 2020 gemaach huet. Déi Lénk bleiwen awer ëmmer nach bei hirer Meenung, dass et dauerhaft eng Foussgängerzon sollt sinn, well dat einfach eng aner Liewensqualitéit ass an de Stadkär géif beliewen. Mir hoffen nach ëmmer, dass déi Verantwortlech sech

dat nach eemol duerch de Kapp goe loosse. Et ass keng Schan an ni ze spéit, seng Meenung ze änneren.

Wa mer dann awer am Stadkär bleiwen, da muss ech awer kuerz eppes soen zum Rôle, deem d'Gemeng am Beräich Geschäftswelt hält. Et ass am Prinzip ze begrëssen, dass Efforte gemaach gi fir nei Geschäfte op Diddeleng ze bréngen an dat och aktiv ze ënnerstëtzen, doduerch dass d'Gemeng Lokaler lount a se da weider verlount. Dobäi gëtt de Loyer net ëmmer 1:1 iwwerholl, mee d'Gemeng kann engem neie Bedreiwer finanziell entgéintkommen. Am leschte Gemengerot ass erëm en neit Geschäft ugekënnegt ginn, och an engem Lokal, wat vun der Gemeng gelount gëtt. Déi Lénk hu sech do awer enthalten, well mir net d'Accord sinn, dass eng gestane Geschäftsfra, där eng grouss Surface commerciale gehéiert, vun der Gemeng ënnerstëtzt soll ginn. Eis ass ëmsou méi onverstandlech, dass e Geschäft wéi den Ouni, dee vun enger Kooperativ gefouert gëtt, vill méi Loyer bezuele muss wéi déi Leschtgenannten. D'autant plus dass den Ouni a finanzielle Schwierigkeeten ass. Mir sinn der Meenung dass do d'Gemeng awer iwwer de Loyer misst differenzéieren. Dann d'Kierch, dat leidegt Thema. Et ginn nach eemol 750.000.- Euro an d'Fassad vun der Kierch investéiert, an do bleift d'Positioun vun déi Lénk nach ëmmer déi selwecht. D'Gebai gehéiert wuel der Gemeng. Mee et bleift weiderhin déi Situatioun, dass vill Suen dragestach ginn, mee d'Gemeng absolut näischt ze decidéieren huet, wat dra geschitt. Mir sinn net domat averstanen, dass nëmme e minimale Loyer vu 1.500.- Euro d'Joer un d'Gemeng bezuelt gëtt an d'Gemeng och nach d'Ënnerhaltskäsche vu ronn 25.000.- Euro bezilt.

Ech kommen dann zu der Ëmwelt- an Energiepolitik. Mäi Virgänger, de Jos Thill, ass es hei net midd ginn ëmmer erëm, bei all Projet, wou et ubruecht war, un d'Photovoltaik ze erënneren an ze fuerderen dass méiglechst vill Installatiounen an Diddeleng sinn. Ech denken et ass och zum Deel säin Asaz, deem dozou gefouert huet, dass dat elo bei all Neibau en Thema ass. Den Här Manderscheid sot eis, dass op all bestoend a geplangte Gebai vun der Gemeng eng Photovoltaikanlag ass oder wäert kommen. Dat ass ze begrëssen. Leider ass et awer net iwwerall zu eiser Zefriddenheet, well net all Flächen esou komplett genotzt gi wéi et kéint sinn. De Klimapakt 2.0 ass ënnerschriwwen, déi éischt Reunioun vum Klimateam huet stattfonnt, wou vill interesséiert an engagéiert BiergerInnen dobäi waren. Et sinn eng Rei flott an interessant Iddien ernimmt ginn. E bëssi schued war, dass op guer näischt agaange ginn ass, mee d'Sitzung relativ séier eriwwe war. Et ass ee mat engem e bësse verluerene Gefill heemgaangen, zemoos well gesot gouf, déi nächst Versammlung wär réischt am Februar, well virdru keng Zäit wär wéinst dem Audit. Ech hoffen, dass do den Enthusiasmus bei verschidde BiergerInnen net scho gebrach ginn ass. Mee losse mer mol ofwaarden, wéi et do weidergeet.

D'Altbausanéierung wär e wichtegt Thema, wat misst an Ugrëff geholl ginn. National gëtt dru geschafft, dat verhënnert awer net, dass d'Gemeng och aktiv gëtt. Mir kennen den Zoustand vun den ëffentleche Gebaier, déi der Gemeng gehéieren. Mee wéi ass et mat de private Wunnhaiser? Bei den Neibauten ass et kloer, an

do hu mer den Energiepass. Do misst een iwwerlee-
ën, wéi ee kéint virgoen, fir sech kënnen en Iwwerbléck
och iwwer déi méi eeler Haiser ze verschafen. Klima an
Ëmwelt ass e grousst an e wichtegt Thema, an et bleift
nach genuch ze dinn.

Ee vun de gréisste Poste bei den Ausgabe sinn d'Per-
sonalkäschten. Domat hu mir allerdéngs kee Problem.
Et ass wichteg an eng sozial Aufgab vun der Gemeng,
genuch Leit ze beschäftegen an dat och zu engem an-
stännege Gehalt. An deem Sënn ass och ze begrëssen,
dass rezent den Accord fir de Kollektivvertrag vun de
Südgemengen ënnerschriwwen ginn ass. A mer hoffen
dass an deenen neie Verhandlungen am Sënn vun de Sa-
lariéen agéiert gëtt.

Wat d'Administratioun ugeet, sou si jo nawell vill Suen
an eng Berodungsfirma investéiert ginn an et gëllt dann
och, dat eescht ze huelen an ëmzesetzen, wat bei deem
internen Audit erauskomm ass. Ech wëllt awer och e
Wuert zu de 715.000.- Euro soen, déi d'Gemeng un
de SIGI, also den Interkommunale Syndikat vun informa-
tescher Gestiou, bezilt. Ganz rezent, den 1. Oktober
dëst Joer, hunn déi Lénk eng Motioun am Gemengerot
agereecht mat enger Rei Froen zu der Personalsituati-
oun beim SIGI. Et ass drëm gaangen, dass d'Vertriebe-
rin vun eiser Gemeng an deem Syndikat, déi souguer
Vizepresidentin do ass, dem Gemengerot sollt e puer
Kloerheete ginn zu den Aarbechtskontrakter an de Be-
dëngungen, zu deenen intern an extern Mataarbechter
do schaffen. Leider ass d'Motioun net ugeholl ginn an
et schéngt, wéi wann déi Äntwerten, déi mer am Ge-
mengerot kritt hunn, net all der Realitéit entsprach
hätten, wéi et an engem Bréif vum OGBL un de Schäf-
fen- a Gemengerot steet. Déi Lénk sinn der Meenung,
dass eis Gemeng als Member an deem Syndikat eng
Verantwortung ze droen huet an e Recht drop huet,
d'Personalpolitik am Aan ze halen an dozou soll bäidro-
en, dass d'Aarbechtskonditiounen anstänneg a korrekt
sinn. Ëmmerhi bezuele mer e Beitrag vu ronn 715.000.-
Euro, wouvun der 379.000.- fir d'Participatioun un den
Exploitatiounskäschte sinn. Mir wäerten un deem Dos-
sier drubleiwen.

Last but not least wëllt ech dann och nach op d'Bier-
gerbedelegung agoen, well déi zimmlech vill genannt
ginn ass an och am Budget erëmfannen ass. Den
Här Spina sot d'lescht Woch an deem Thema wä-
re mer „stramm ënnerwee“. Bon, dat gesi mer e bes-
sener. Et sinn zwar deelweis Iddien do, et gëtt och
geplangt. Eng Zesummenaarbecht mat der Uni Lëtze-
buerg soll ulafen asw.. Mee eigentlech gëtt méi dovun ge-
schwat, wéi wierklech gemaach gëtt. Als éischt Beispill
nennen ech déi vill berodend Gemengekommissiounen.
Och dat ass Biergerbedelegung. Positiv wëll ech ervir-
hiewen, dass all Partei an all Kommissioun vertrueden
ass an iwwerall mindestens ee Bierger oder eng Bier-
gerin dran ass. Verschidde Kommissiounen funktionéiere
gutt, anerer manner gutt. Et gëtt der, déi haten net
eng Reunioun am Joer. An dat läit net nëmmen un de
Restriktiounen vun der Pandemie. D'Ufankszäite sinn an
deene meeschte Fäll iwwerhaupt net gënschteg a vill ze
fréi fir déi schaffend Leit. Rapporte ginn zum Deel guer
net geschriwwen oder si ginn iwwerhaupt net zäitno un
d'Membere verschéckt, oft souguer réischt no Méint.

Et ass och haut scho gesot ginn dass och d'Gemege-
rotsmembere keng Rapporte kréien, oder meeschtens
net. An deem Beräich bleift also nach vill ze dinn, mee
mir hunn net den Androck, dass et vun der Majoritéit
gewollt ass, doraus méi ze maachen. Ech huelen dann
nach d'Beispill vum Budget participatif, deen déi Lénk
schonn 2011 an 2017 an hirem Walprogramm sto-
en haten. Et ass schonn d'lescht Joer am Kader vum
Budget 2021 iwwert dat Thema geschwat ginn an elo
gëtt erëm dovun geschwat. E Poste steet am Budget
mat 65.000.- Euro. Mee firwat déi Sue geduecht sinn
ass net ganz kloer. Et ass nämlech gesot ginn, elo géif
emol eng Kommunikatioun kommen an dann en Appell
an dann e Jury an dann e Vott. An dann eréischt, da si
mer schonn 2023, géif dann eppes realiséiert ginn. Fir
dat alles ze organiséieren an ze koordinéieren gëtt eng
Persoun mat Hallef-Tâche agestellt. Vlächtt sinn dat déi
65.000.- Euro. Prinzipiell begrëssen déi Lénk d'Scha-
fung vun neie Posten. Mee en hallwe Posten, just fir
de Budget participatif? Mee vlächtt hunn ech dat och
falsch verstanen an et kënnt do méi vu Beräicher an
Tâchen dobäi bei dee Posten. Dat alles kléngt och zimm-
lech schwéierfällg an dat kéint ee sécher méi einfach a
séier maache wann een dat wëllt, z.B. an engem Quar-
tier. Dat war iwwerens schonn 2011 e Virschlag vum
Marcel Lorenzini vun déi Lénk a mir haten et och an
einem Programm.

Am Budget sti 75.000.- Euro fir Etudes de faisabilité
vun der Place Gymnich an der Place de la Résistance.
Ma géifen dann net grad déi zwou Plaze sech gutt eeg-
ne fir e Budget participatif? Da géif d'Gemeng d'Plaz
virginn, an e Budget, an en Opruff maachen, entweder
just bei de Leit vum Quartier oder bei alle BiergerInnen.
Mee firwat alles einfach maachen, wann et komplizéiert
och geet? Voilà, dat war et da vu menger Sait. Déi Lénk
stëmmen de Budget net mat. Ech soen lech Merci fir
d'Nolauschteren.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci Här Buergermeeschter,
léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Ge-
mengerot. Zum Gléck huet Lëtzebuerg sech 2021 vun
der Coronakris finanziell méi schnell erholl wéi aner Län-
ner aus der europäescher Zon. Dovunner konnten na-
tierlech och d'Gemenge profitéieren. Sou konnten d'Do-
tatiounen fir d'Gemengen 2021 ëm 7,8% erhéicht ginn.
Fir Diddeleng huet dat bedeit, dass mir fir 2021 net de
virgesinnen Emprunt vun 20 Milliounen opgeholl an net
op eis Reserven an Héicht vu 4 Milliounen zrëckgegraff
hunn. An dach konnten héich Investitiounen getäteg
ginn. Kee Projet gouf zrëckgesat. An des Strategie vun
héijen Investitiounen gëtt 2022 bäibehalen. 43,5 Milli-
ounen Ausgaben am Extraordinaire si virgesi fir Diddeleng
ze moderniséieren, mëttelstänneg Betriber weiderhin
ze ënnerstëtzen an d'Liewensqualitéit vun Diddeleng
oprecht ze erhalen an ze verbesseren. Felicitatiounen
dofir un de Schäfferot. Vun deesen 43,5 Milliounen si 12,7
Milliounen fir nei Projete virgesinn, de Rescht gëtt a Pro-
jeten, déi schonn an der Ëmsetzungsphas sinn, inves-
téiert. Traditionell fléissen och 2022 rëm héich Mon-
tanten an eis Schoulen. Jo, dës Budget gesäit ganzer
6,12 Milliounen Investitiounen fir, wat ëmmerhi 14% vu
sämtleche ausseruerdentlechen Ausgaben ausmécht,
an d'Schoul, an eis Kanner.



An den Neibau vun der Schwämm an Turnhal Strutzbiërg, dee jo an éischter Linn fir d'Besoine vun der Schoul Strutzbiërg, mee awer och fir déi aner Schoulen, ouni d'Sportsclubb ze vergiessen, fléissen d'nächst Joer gutt 5,5 Milliounen. D'Enveloppe thermique fir den alen Deel vum Schoulgebai Gaffelt, mat engem Lift op der Nordsäit, do fléissen 2 Milliounen. En aneren décke Budget, dee mer d'lescht Woch réischt votéiert hunn, vu gudden 2,5 Milliounen, ass dee vun der Structure provisoire, déi am Briller Schoulhaff, wou d'Mise en Conformité an 3 Phasen, ab 2023, wäert an Ugrëff geholl ginn, op de Wee ginn. Nom Ofschloss dovun wäerten dann d'Klasse vu Baltzeng riwwergeplënnert ginn a bis déi nei Schoul/Maison Relais Baltzeng fäerdeg ass dobleiwien. Hisiichtlech nei Schoulgebaier a Maison Relais, souwuel op Baltzeng, déi spéider weider d'Schüler aus dem Quartier Brill awer och vum neie Quartier a Bëlleg wäert ophuelen, wéi och am Quartier Neischmelz ze plangen, lafen déi néideg Etüden 2022 un. Alle béid zu jee 150.000.- Euro. Vu dass mer e gudde Modell vu gemeinsamer Notzung Schoul-Maison Relais op Lenkeschléi hunn - vill Gemengen an Architektbüroer si sech dëst Gebai jo schonn ukucke kann - sinn ech zouversichtlech, dass et bei deenen zukünftege Planunge fir Schoul a Maison Relais méi schnell virugee wäert. Déck Poste sinn och fir d'Investitiounen an de Wifi an de Schoulen an de Maison Relais virgesinn. Mir hate an der Kris gemierkt, wéi wichteg d'Informatik an den Ëmgang domadder ass. 500.000.- Euro si virgesi fir dat kommand Joer an och fir d'Joer 2023. De Kolleg Claude geet herno nach eng Kéier op dëse Punkt an. Fir méi fiabel Devise kënnen opstellen, besonnesch an dësen Zäiten, wou mer all Dag vun Haussen héieren, gëtt et z.B. eng Etude technique vum Gebai Deich gemeet, wou gekuckt gëtt, wéi et mat de Leitunge vu Waasser, Kanalisatioun, Elektresch asw. steet, wéi och eng Etude de Faisabilité vum Daach gemaach, zesummen déi zwou Etüde fir 45.000.- Euro. Och an deem Sënn gëtt eng Etude de Faisabilité vum ale Schoulgebai Waldschoul fir 30.000.- Euro gemaach. 2022 wäert dann och de Schoulhaff Butschebuerg fir 300.000.- Euro nei gestalt ginn. A wéi et zur Gewunnecht ginn ass, hunn all Partner ronderëm d'Schoul, Léierpersonal, edukatiivt Personal, Kanner an Elterevertrieder mat un der Planung vun dësem neien naturnoe Projet participéiert.

Och am Ordinaire ginn et vill Haussen. D'Montante vun denn Entretiensaarbechten a Kontrakter wuesse mat de Gebailechkeeten, déi bäikommen. Diddeleng investéiert all Joer zeg Dausenden an d'Modernisatioun, respektiv an d'Sécherheet vun de Schoulen a Maison Relais a Crèchen. So gëtt z.B. den Eclairage de Secours a méi Schoulgebaier ersat, Ribeschpont kritt eng nei Feierdetektioun fir 50.000.- Euro. Am Wolkesdall gëtt de ganze Waasserreseau fir 45.000.- Euro gemaach. D'Waldschoul kritt eng nei Chaudière fir 25.000.- Euro an ech kéint nach laang weiderfueren. 2022 kommen dann 2 Gebaier bei. Engersäits d'Crèche am Quartier Italien an anersäits d'Maison Relais Schoul am Ribeschpont. Am Beräich Crèche wuesse sou d'Depense ordinair vum 2,2 op 2,7 Milliounen. Och hunn déi zwou Ouverturen en Impakt op de Budget vun der Restauratioun, de vun 1,25 op 1,4 Milliounen wiisst. Ech war an der virleschter Gemengerotssëtzung méi genee op d'Soumissioun an och op d'Kontrolle vu Säite SICONA,

wou mer säit dem Schouljoer 2019-20 d'Konditiounen fir de Label „D'Natur genéissen“ respektéiere mussen. Ech muss hei direkt intervenéieren, well ech virdrun eppes an de Mond vun der Madamm Kayer geluecht kritt hunn, wat net esou stëmmt, vun der Madamm Kayser. Ech hat leedeglech geschwat iwwer d'Soumissioun, dass se iwwer dräi Joer géif goen a wéi se opgebaut ass. An ech hat just gesot dass d'Kontrolle vu Säite SICONA, déi all Trimester gemaach ginn, an dass de Schäfferot all Kéiers e Rapport doriwwer kritt. An dat steet an der Konventioun, déi mer deemools ënnerschriwwen haten, dat just e Rapport un de Schäfferot geet, mat der Informatioun ob eise Prestataire d'Konditiounen erfëllt.

Säit jeehier hu mir grouesse Wäert op d'Qualitéit vum lesse geluecht. Eh bien, ab 2022 gräift den SEA op eng Consultance diététique zeréck. Dir wësst, eise Prestataire huet eng Dieticienne, déi 20 Stonnen pro Woch ausgeglache Menüer proposéiert, Animatiounen am Kontext vun der Restauratioun iwwer d'Schouljoer organiséiert asw. Mir hate säit 2002 eng Dieticienne vun Diddeleng an der Persoun vum Nathalie Kolb an eiser Restauratiounskommissioun. Déi Propose vum der Dieticienne vum eisem Prestataire, grad wéi och déi vun der Diddelfamill nogekuckt a Verbesserung virgeschloen huet, wa si et fir néideg gehalen huet. D'Nathalie hat viru gutt 2 Joer opgehalen. A wéi mer du mat der Ëmsetzung vum „Natur genéissen“-Programm ugefaangen hunn, hu mer d'Liz Mersch, wat virun net allze laanger Zäit als Dieticienne fir d'Schoulrestauratioun vun der Stad Lëtzebuerg geschafft huet a säit 2020 fir SICONA déi trimestriell Kontrolle mécht, gefrot, ob si d'Missioun vum Nathalie Kolb kéint iwwerhuelen. Si assistéiert den SEA lo ab 2022 reegelméisseg mat Rot an Dot fir 2 Stonnen d'Woch. Da fanne mer och nach e Budgetsposte Consultance HACCP. Ab 2022 muss eis ganz edukatiivt Personal reegelméisseg Formatiounen am HACCP am Hygiënemanagementberäich maachen, fir de Schrëtt no der Produktioun, also beim Service a ronderëm, richtig auszuféieren. Uschléissend mécht d'Firma en Audit op alle Siten fir ze kontrolléieren, ob dat ukomm ass, wat an de Formatiounen gesi ginn ass.

E Wuerter zum Projet Wildnispedagogik, dee säit September um Site vun der Waldschoul ugelaft ass. Dëse Projet fält elo ënnert Maison Relais a schléit 2022 mat 20.000.- Euro zu Buch. Maximal 40 Klasse kënnen pro Joer 5,5 Deeg opgeholl ginn, dat sinn dräimol 1 ½ Dag pro Joreszäit, mat just engem Dag am Summer. Aktuell sinn et déi 11 Klassen, vun deenen Enseignant, déi sech an den Aarbechtsgrupp gemellt haten, déi an dësem Testjoer 2022 opgeholl gi sinn. Och d'Maison Re-

lais-Gruppe kënne momentan eemol an der Woch mëtten an an de Vakanz, opgehooll ginn. Da freet et mech och, dass eise Projet „Art à l'école“ rëm frësch lancéiert ginn ass an elo en neit Doheem fonnt huet an der Schoul Lenkeschlei. Ech wëlt awer och nach e klengen, awer net onwichtige Budget vu 5.000.- Euro ervirhiewen, an zwar dee vun der Participation aux Mesures de Soutien. Ab un zu gëtt e Kand mat Verhalensopfällegkeeten oder engem liichte kierperlechen an/oder geeschtegen Handicap vun der Commission d'Inclusion nationale signaléiert an an den ATE, d'Päerdstherapie vu Monnerech, orientéiert. Normalerweis geet sou eng Therapie iwwer 33 Wochen. Den Transport dohinner gëtt vun der CAPABS assuréiert.

Da gi mer bei déi e bësse méi Grouss, bei d'Jugend, wou et derwäert ass fir e puer Luewen auszuschwätze fir d'ganz Ekip an a ronderëm d'Jugendhaus. Jugendsummer, Jugendwanter, Jugend a Konscht, Fussballturnéier, Projet Konschtmauer asw. sinn nëmmen e puer vun de gudden Initiativen, déi ëm d'Mara Lisarelli an den Outreach Tess Malano organiséiert ginn. Och feelt et hinnen net un neien Iddien, wéi de Projet Tiny Forest, dat si kleng Bëscher, déi een an der Stad uleet, wou mer lo grad virdrun nei Informatiounen kritt hu vun der Madamm Heinen, déi e Kontakt huet, wourop eis Leit vun der Maison des Jeunes da natierlech och zréckgräifen kënnen. Si hunn awer och nach wëlles fir 2022 e Jugendfest ze organiséieren. Als President vun der Familljekommissioun freet et mech, dass den nei gegrënnte Service Famille et Jeunesse, deen de Laurent Krantz leet, wäertvoll Missiounen iwwerhooll huet, ënner anerem d'Organisatioun vun 2 Formatiounen Babysitting d'Joer fir Jonker an eng Formatioun Babysitting fir eeler Matbierger, dëst um Terrain vun eiser Gemeng. Och wäert hie sech ëm d'Organisatioun vun Éischt-Hëllef-Course fir jonk Eltere këmmen. Hie wäert sech och dann ëm d'Koordinatioun mat der Eltereschoul, mat SEA a Schoul bekëmmen. Ferner wëll de Laurent mam ale Schoulbus, deen nei ageriicht ginn ass, jo als rullende Büro oder als Versammlungsraum fir bis 8 Leit, deen als Lieu de Rencontre gëlle soll fir an d'Quartieren, op Fester asw. Fueren, fir dann am ageriichte Büro kënne Gespréicher ze féieren, Informatiounen ze ginn asw. Beispillsweis kéint ee sech virstellen, dass d'Eltereschoul seng Coins Parents kéint hei ofhalen.

Niewent villen aneren Dossiere steet och d'Organisatioun vum Repair Café eemol de Mount op sengem Programm, dëst an enger neier Form. De Laurent ass och als Member Expert an der Familljekommissioun. Wat d'Familljen ubelaangt, sou ginn 2022 sämtlech Konventiounen, wéi déi mat BabyPLUS vun der Initiativ Liewensufank, grad wéi mat der Eltereschoul verlängert. D'Initiativ Liewensufank, déi jo och Bëbeesmassagen ubitt, ass eng gefrote Saach an dofir ass dann och de Budget deementspreechend gehéicht ginn. Ze hoffen ass, dass et dat kommend Joer erëm de Retour zur Normalitéit gëtt a béid Associatiounen erëm um Terrain mat de Leit kënne schaffen. Jonken Elteren an och Eltere vu Schoulkanner Rotschlei um Telefon oder per Mail ze ginn ersetzt ni e perséinlecht Gespréich am Presentiel. Da freet et mech och, dass de Kannergemengerot nees mat sengen Aktivitéiten ugefaangen huet. Ech hoffen als President vun der Familljekommissioun, dass et dëst

Joer endlech erëm méiglech wäert sinn, de Familljendag ze organiséieren. Fir déi zwee lescht Joer e bësse ze kompenséieren ass de Budget op 20.000.- Euro gehuewe ginn. D'Josiane hat sou léif gesot d'lescht Woch, dass mer eng Kommissioun wäeren, déi Weeër géif bauen. Effektiv si mer frou, dass mer 2021 den zweete Wee, de Lauschterwanderwee zu Butschebuerg just virun der grousser Vakanz konnten aweien.

Ech wollt awer och soen, dass de Projet „Pedagogesche Bongert“ mat einheimeschen Hecken a Straicher um Terrain niewent dem Scoutshome vun de Bloer Scouten méttlerweil och eng Form ugehooll huet. Déi éischt 28 Uebstbeem an en Deel vun den Hecken an Straicher hate mer am Kader vum Dag vum Bam geplanzt. De Rescht wäert am Fréijoer geplanzt ginn, grad wéi d'Usée vum Terrain, d'Uleeë vun engem Rondwee, grad wéi enger Plaz an der Mëtt mat Dësch a Bänk, mat Beschëlderung vun de Beem an aner Planzen, all Kéier an dräi Sproochen, stinn dann um Programm bis Juni, wou mer dann och hoffen, dësse Projet kënnen anzeweien. Zäitgläich schaffe mer un der Renovatioun vum Kannerwanderwee an der Le'h. Dës wäert mat engem Mobilitéitsdeel kombinéiert ginn, Geräter, Spiller aus Holz aus eise Bëscher ginn, wéi och an der Vergaangenheet beim Buerfousswee, vun der Ekip vum Fierschter gebaut. Ech wëlt awer meng Interventioun net ofschléissen ouni och nach e Wuert zum Sozialen ze soen. Villes war d'lescht Woch am Rapport d'Activité vum Office social scho gesot ginn.

Ech wollt awer nach eng Kéier dës Woch ervirsträichen, dass, vu dass de Staat ugekënnegt huet, d'Allocation de Vie chère 2022 ëm 200.- Euro pro Menage pro Joer ze erhéijen an d'Gemeng Diddeleng 45% op dës Sozialalleeschung dropsetzt als „Allocation compensatoire pour taxes communales“, dass dës Budgetsartikel dann ëm 75.000.- Euro op 825.000.- eropgeet. Ech wëll awer och nach soen, dass nach laang net all Gemeng dat heite mécht. Ech kann lech awer och vläicht soen, dass Stand vun haut, 795 Demanden erakomm si fir Allocations de Vie chère. Wann ech da lo vergläichen, wat dat elo fir eng Persoun ausmécht. Eng Persoun aleng krut elo 1.400.- Euro a 630.- Euro vun der Gemeng. Do si mer dann an där neier Konstellatioun 2022 op 1.600.- Euro plus 720.- Euro vun der Gemeng, dat wat am Total vu 2023 da bal 300.- Euro netto fir déi Persoun ausmécht. Da wëlt ech awer och nach eng Kéier ervirhiewen, d'Martine Kohn hat et scho virdu gemaach, dass 4 Milliounen am Budget sti fir d'Realisierung vu sozialem Wunnengsbau. Eng Kéier op Lenkeschlei, wou de Réibau vun deene 5 Haiser souwäit ofgeschloss ass an de Projet Bodry-Strooss mat Haiser an Appartementer, deen 2022 dëst Joer an Ugrëff geholl wäert ginn. Da freet et mech awer och, dass de Schäfferot d'Entscheidung getraff huet, um Site vum Schoulgebai Eecherdall, dat jo zougemaach ginn ass, e weidere Projet fir soziale Wunnengsbau ze plangen. 200.000.- Euro fir Frais d'Etudes sinn an dësem Joer virgesinn. Domadder géif ech da meng Interventioun ofschléissen a soe Merci fir d'Nolauschteren.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen, virop wéilt ech mol eng gewëss Unerkennung fir dee Budget hei ausdrécken, deen eis hei virläit. A sou schwieregen Zäiten e Budget opzestellen, deen d'Strooss hält, ass schonn eng Leeschtung. Et gëllt e Spagat ze maachen tëschent engersäits den Einnamen, déi am Initial méi niddreg ausgesinn, wéi ee sech se erwaart hat, an anersäits den Ausgaben, déi méi konsistent sinn. Virun allem, well eis Gemeng ganz héich extraordinär Ausgaben huet, well si drop hält, den Investitiounsniveau héich ze halen. Dat war e Wunsch, dee vum Inneministère a Pandemiezäite souwuel an der Circulaire fir 2021 wéi och fir 2022 ze liese war: D'Gemenge sollte probéieren, hir Investissementer héich ze halen, fir d'Betriber ze ënnerstëtzen an d'Ekonomie erëm unzekuerbelen. 2021 hu mir dat konsequent gemaach. Mir hu keng Projekte fale gelooss an hu souguer neier lancéiert. An 2022 soll et sou virugoen. Domadder komme mer awer op en extraordinären Ausgabevolume vun 43 Milliounen. Dovu ginn 68% an de Wunnengsbau, Schoulen, Kultur a Fräizäit an 12,7% an nei Projekten. Do dergéint sti 36 Milliounen un Einnamen an deenen elo schonn e potenziellen Emprunt vun 30 Milliounen enthalten ass. Wat mer also nach vum Staat ze kréien hunn ass häerzlech wéineg. Am ordinaire Beräich fanne mer e potenzielle Grëff vu 4 Milliounen an eis Reserven, déi sech de Moment op 12 Milliounen belafen. Déi zwou Transaktiounen sinn also néideg, fir am Ufank vum Joer e Budget kënnen ze presentéieren, deen e Boni opweist.

Fir mech perséinlech, dee jo lo kee professionelle Comptabel, mee éischter e Schmalpur-Buchhalter ass, si sou héich Montanten awer iergendwéi beonrouegend. Dir wësst, mir hunn zanter 2017 keng Emprunte misse ophuelen, och wa se hypothetesch virgesi waren. Déi lescht Emprunte ware fir den Hartman, 13 Milliounen. A vun enger Gesamtschuld vu 24,5 Milliounen vun de Joren 2003 bis 2016 hu mer lo nach 12 Milliounen Schold zrëckzebezuelen. Mee wann eis Situatioun sou prekär ass, dass nach just 34 Milliounen virtuell Recetten d'Imprevuen am Budget an d'Gläichgewiicht brénge kënnen, dann ass dat fir mech perséinlech éischter bedréckend. Natierlech ass et kloer, dass e Budget ëmmer nëmmen eng graff Opstellung duerstellt, dass e mat enormen Inconnuë beluecht ass, an dass am definitive Kont, deen en halleft Joer duerno rauskënnt, viles erëm méi roseg ausgesäit. Da kënnen emol staatlech Dotatiounen méi héich ausfale wéi am Budget geschat, do kënnen och Ausgabe mol méi kleng si wéi ufanks geschat. Natierlech besteet d'Hoffnung, dass den Emprunt net ganz muss geholl ginn. Sou konnte mer jo z.B. déi lescht 2 Joren op deen theoreteschen Emprunt vun 20 Milliounen an de Grëff an d'Reservé vu 4 Milliounen verzichten, well d'Situatioun sech no der Budgetsperiod bemierkenswäert verbessert hat.

Och wann de Buergermeeschter sech sécher ass, dass eng héijer Verschuldung fir eis Gemeng kee Weltënnegang wäert ginn, ass et fir mech einfach bedenklech. Wéi gëtt dann eis Situatioun réischt, wa mer bis richteg mat eisem Riseprojet NeiSchmelz ufänken? Dann däerf een och net vergiessen, datt an engem Budgetjoer och alt nei Kreditter mussen nogestëmmt ginn, déi am initiale Budget net virgesi waren. 2020 waren dat



1,7 Milliounen, 2021 ronn 2,5 Milliounen. Op dëser Plaz kënnt da gewéinlech d'Géigefro: Wou gesitt Der dann nach Spuerpotenzial? Abee, do muss ech dann agestoen, dass eis do d'Hänn gebonne sinn. All eis Projekte sinn ebe kee Luxus. Et si ganz wäertvoll a sënnvoll Projekten am Sozialen, am Wunnengsbau, am Schoul- a Betreiwungswiesen, an der Kultur an am Urbanismus, déi eis Stad virubréngen. An do investéiert eis Gemeng a Marketing a Publikatiounen 1,1 Milliounen Euro. Et gëtt also kee Spuerpotenzial, an et kann een eisem Schäfferot roueg zougestoen, dass e keng Prestigeprojeten ugepeilt huet, an dass e virsiichteg a verantwortungsvoll gehaushalt huet. Meng perséinlech méi kritesch Äusserungen zu Emprunten a Reservegrëff sollen duerfir och kee Virwurf sinn, mee just ënnersträichen, dass een awer ka seng Bedenken hunn, wann d'Situatioun sou ass, wéi se ass a wann een do näischt änneren kann, just hoffen a bieden, dass dat Ganzt riicht ausgeet. Ech hat iwwerhaupt do eng ganz flott Foto opgegraff vun eisem Buergermeeschter, wou en iergend eng Kéier esou do steet ze bieden, ech konnt déi awer elo net projezéieren, well de Beamer ass net un. Trotzdeem hunn ech dës Budget natierlech sou gutt wéi et goug studéiert a mer e puer Saachen eraus geschriwwen, déi mer onkloer sinn.

Komme mer fir d'éischt bei de Volet Ëmwelt. An de staatleche Recetten zum Klimapakt sinn 175.000.- Euro agedroen. Nun hat den Thomas Rünneburger, eise Klimaberoder, awer an der Grënnungsversammlung vum neie Klimateam e Montant vun ongeféier 330.000.- Euro, also dat Duebelt, an Aussicht gestallt, nodeems eisen Audit dann duerchgeet am Kontext vun deem neie Klimapakt 2.0. Ass dat hei lo e Beispill vun enger ganz virsiichteger Schätzung am Ufank vun enger Budgetsperiod, wann nach ze vill Inconnuë virleien, oder gëtt et hei nach en anere Grond fir déi Diskrepanz? Zweetens hat den Ëmweltschafften dann ugedeit, dass mer an engem 7-Jores-Stufeplang mat 350.000.- Euro konsequent eis Stroossebeliichtung op ëmwelt- an energiefrëndlech LEDen ëmstelle wëllen, wat eng ganz begréissenswäert Initiativ ass an ausserdeem eng Noutwendegkeet an eise Bestriewungen am Klimabündnis, am Klimapakt an am Nohaltegkeets-Masterplang vum Covenant of Mayors, dee mer sengen Aussoen no ufanks 2022 solle virgestallt kréien. Domat geet de Poste Stroossebeliichtung vun 853.000.- Euro fir 2021 op 893.000.- Euro erop fir 2022. Eleng d'Elektresch fir d'Stroossebeliichtung kascht eis aktuell all Joer 205.000.- Euro. Mee dee Chiffer misst jo dann eigentlech an nächster oder mëttlerer Zukunft erofgoen, wann déi LEDen agesat ginn. An eis CO2-Bilanz och. Do goug awer weider Rieds nieft LED-Adaptatiounen op-

derschmelz iwwer Modernisatioune vun der Belichtung am Stade Nosbaum, 100.000.- Euro, an den Tennisterrainen, 40.000.- Euro. Beim Tennisterrain froen ech mech, ob dat nach néideg ass fir déi kuerz oder mëttel Zäit, bis déi nei Tennisterrainen am Brill realiséiert sinn. An och, ob een déi nei Installatiounen dann eventuell mat plënnere kann? Awer konkret wéisst ech gär, ob déi zwee Investor a Belichtunge vu Sportsterrainen och wierklech am Sënn vun enger Oprëschtung op LED gemaach ginn? Ech wier frou, wann ech do eng Äntwert kéint kréien.

Drëttens hat den Ëmweltschäffen erkläert, dass vun eise Müllcamionen der mëttlerweil 3 bal prett si fir d'Gewichtserfaassung vun de Poubellen. Déi wieren elo an enger Testphas vu 4 Méint zanter November. De leschte Freideg hat ech gemengt, e Saz opgegraff ze hunn, wéi wann am Laf um Joer 2022 duerch d'Gewichtserfaassung eist Mülltaxegesetz géif geännert ginn. Am Budget hunn ech awer keng notabel Erhéijung an deem Sënn fonnt. Géif et sech dann ëm eng Erhéijung „en cours de route“ handeln? Ech hat awer am Buergermeeschter sengen Ausféierunge verstanen, dass ausser der Drénkwaasser- an Ofwaassertax keng weider Tax géif gehéicht ginn. Kéinte mer w.e.g. Kloerheet kréien, ob ech do eppes falsch verstanen hunn oder ob et sou ass, an ob nach eng Erhéijung vun der Mülltax an d'Haus steet? Véiertens, wat eist Reglement zur Plastikoffallvermeidung an d'Verléinung vu Mehrwegbecheren un d'Veräiner ugeet, do muss ech agestoen, dass ech déi verschidde Budgetspositionen net richtig deite kann.

De Punkt „Leasing système de gobelets consignés“ 3-860 zu 30.000.- Euro, ass dat de Präis vun de Becheren, déi mer kaaft hunn? An de Punkt „Réalisation du plan vert“ 3-542, ass dat déi Spullmaschinn, déi mer fir déi Bechere kaaft an am Keller vum Gemengenhaus installéiert hunn? An dee Punkt „Subsides aux associations“ am Kader vu Zero Waste, sinn dat déi Ënnerstëtzung vun der Gemeng fir Veräiner an den Aktionsberäicher „Mir engagéieren eis“ a „Green events“? Kéint ech do w.e.g. Kloerheet kréien? Fënneftens hat den Ëmweltschäffen ugedeit, dass weider an Hondstoiletten investéiert gëtt. Meng Fro: ass do och endlech déi am Ribeschpont virgesinn, déi mam Bau vun der Maison Relais verschwonnen ass an déi d'Awunner - oder d'Hënnn vun den Awunner - do uewe schmäärzlech vermessen? Wat déi Heizpilzen ugeet, déi a leschter Zäit aus dem Buedem schéissen, sinn ech och der Meenung, dass dat enger Klimabündnis- a Klimapaktgemeng am Wanter net ganz gutt zu Gesiicht steet. An ech hale mech do éischter un d'Scoutsdevise: Et gëtt kee schlecht Wieder, just onpassend Kleedung.

Vun der Ëmwelt an dem Naturschutz géif ech dann en Iwwergank maachen op de Volet Urbanismus an zwar op dee spezielle Punkt zu deenen Etüden zu den Iwwerschwemmungen. Ëmweltkatastrophen, Stierm, Iwwerschwemmungen, grouss Hëtztperiode mat Beschbränn ginn duerch de Klimawandel leider ëmmer méi zur Normalitéit. Och déi Iwwerschwemmunge vum leschte Summer hunn dat däitlech virun A gefouert. Mir begreissen, dass de Schäfferot direkt reagiert huet an zwou Etüden op den Instanzewee schécke wëllt, eng

méi generell iwwer 50.000.- Euro, an eng méi speziell iwwert e méiglecht Opfangbecken zu Biereng am Beräich vun der Pater Thiel-Strooss. Hoffe mer just dass bis zur Realisatioun dovun net ze vill weider Iwwerschwemmungen ze fäerte sinn. Eng weider Plaz, wou d'Awunner bei staarkem Ree reegelméisseg mat Waasser am Keller geplot sinn ass d'Butschebuerger Strooss, am Beräich vun der Kräizung mam Angeldall. Mee dee Problem misst jo eigentlech gereegelt ginn, wann an dräi Joer d'Butschebuerger Strooss fir 10 Milliounen nei amenagéiert, a sämtlech Leitungen nei gemaach gi sinn. E Projet dee schonn am Virfeld, bei der Virstellung vun der Etüd, fir zimmlech Oprou gesuergt hat. Am Budget fënnt een dann och nach de Reamenagement vun der Gymnich-Plaz mat 50.000.- Euro erëm. An do wëllt d'CSV en Appell maachen, déi zwee Projeten onbedéngt mateneen ze koordinéieren, fir herno en harmonescht Gesamtbild vun engem attraktiven Duerfkär ze realiséieren. Och wann deen ee Projet d'Ponts & Chaussées an deen aner d'Gemeng betrëfft, si sinn awer net sou einfach ze trennen. Dat wier en Denkestouss deen d'CSV dem Schäfferot wëllt mat op de Wee ginn.

Nach zwou Schlussfroen. Déi éischt: D'Subsiden un d'Associatiounen ginn 2022 ëm 30% erof. Ass dat do duerch bedéngt, dass kee Corona-Supplement méi accordéiert gëtt? An dat zweet: Wat ass aus den Oeuvres St. Nicolas ginn? Hat ech de Buergermeeschter de leschte Freideg richtig verstanen, dass et do eng Ännerung gouf? Am Budget fannen ech just nach, dass de Cortège St. Nicolas fir 15.000.- Euro ënnerstëtzt gëtt. Domat soen ech iech da Merci fir d'Nolauschteren a wënschen lech all besënnelech Feierdeeg am klengen Krees a bleift weider gesond.

BOB CLAUDE (LSAP): Här Buergermeeschter, Dir Damen an Här vum Schäffen- a Gemengerot, et sinn elo 10 Joer hir, wou ech meng éischt Stellungnam zum Budget gemaach hat. A menger 11. Interventioon muss mech feststellen, datt den Zenario sech vu Joer zu Joer kaum verännert huet. Den Här Buergermeeschter an déi Dammen an Här Schäffen hu virun enger Woch hir jeeweileg Beräicher mat vill Enthusiasmus virgedroen an oft am Detail explizéiert a kommentéiert. Dat erlaabt engem en däitlechen Abléck a quasi all Beräicher vum Fonctionnéiere vun eiser Stad ze kréien. Et gehéiert zur demokratescher Sträitkultur, dass vun der Oppositionssäit oft méi oder manner kritesch Téin kommen. Zum Enn vun der Debatte wäert d'Resultat vun der Ofstëmmung zum rektifizéierte Budget 2021 an zum initiale Budget 2022 dat selwecht wéi déi Jore virdru sinn. Och dëst Joer huet de Schäfferot e couragéierten an zukunftsorientéierte Budget fir 2022 presentéiert.

Déi ugefaangen Infrastrukturaarbechte gi weidergefuert. Anerer och. Déi, déi duerch d'Pandemie a Versuch gerode sinn, ginn an Ugrëff geholl. Och vill Etüde fir spéider Projekte stinn am Budget 2022. An domat kommen ech op verschidde Beräicher, op déi ech besonnesch wëll agoen. Als President vun der Subsidkommissioun fir Schüler a Studente begreissen ech d'Erhéijung vum Montant vu 66.000.- op 70.000.- Euro. Ufank Oktober war eng liicht Verännerung vum Reglement am Gemengerot votéiert ginn. Dat huet mat sech bruecht, datt duerch d'Publikatioun am Bliedchen den Delai huet

missten e Mount no hanne geréckelt ginn. Bis de 14. Januar kënnen d'Schüler an d'Studenten hir Demande rareechen. Duerno kënnst d'Kommissioun zesummen, sou dass am Fréijoer d'Diplomiwwerreechung mat oder ouni Receptioun kann erfollegen.

D'Kommunikatioun am allgemengen an déi neie Medien am speziellen, sinn a bleiwe fir mech vu gréisster Wichtigkeet. Fir ganz vill Diddelenger Bierger sinn déi schrëftlech Annoncen an eisem Diddelenger Bliedchen nach ëmmer prioritär. Haut de Moien hat all Diddelenger Haushalt déi lescht Ausgab vun der Feuille d'annonce an der Boîte. Op deenen zwou éischten an deenen zwou leschte Säite kritt een en Abléck an d'Vergangenheet. An zwar an den Dezember 1946. Ganz interessant ass et ze gesinn, wat deemools, an där Woch, an Diddeleng lass war. En zweete prakteschen Outil ass eis CityApp, déi vun eise Bierger ëmmer méi genotzt gëtt a ganz beléift ass. Dat beweisen d'Statistiken. Fir d'Push-Notifikatiounen ginn et bis elo 4575 aktiv Inscriptiounen. An dat fir 141 erausgeschéckte Messagen. Sait Januar fonctionéiert d'Rubrik Report-it. Sou sinn 186 Meldungen erakomm. De besuergte Bierger huet esou d'Geleeënheet, op verschidde Mëssstänn opmierksam ze maachen. Sou kënnen déi zoustänneg Servicer intervenéieren an d'Situatioun verbesseren. Ganz interessant ass de Service Shopping. Um Service Annuaire fannen d'Bierger op hirem Handy schnell d'Telefonnummer vun där Persoun, déi se kontaktéiere wëllen. Am kommende Joer kënnst eng nei Rubrik betreffend d'Klimapaktmesurë bäi.

Ech hat eppes iwwersprongen, dofir kommen ech nach eng Kéier zrëck, fir dass et eng logesch Suite bleift. Niewent dem Bliedchen ass natierlech d'Internetsäit, Diddeleng.lu eng Vitriin vun eiser Stad. Do kënnst de Bierger schnell un allméiglech Informatiounen. Virun zwee Deeg ass eng nei Versioun online gaangen. Meng éischt Impressiounen vun där neier Opmaachung si ganz positiv. Déi verschidde Rubricke si besser zougänglech. Op der Startsäit fënnt ee 4 Voleten: an zwar administrativ Demarchen, Donnéeën iwwert eis Stad, Servicer, déi ugebuede ginn a politesch Informatiounen. Et kann ee souguer de Livestream vun Dudelage Info TV kucken. Lo fueren ech weider. Zwou interessant Initiative sinn éischstens d'Handy- an d'Internetstuff am Club Senior Schwaarze Wee, wou jonk Leit méi eeler Bierger den Émgang mam Handy a mam Computer bäibréngen. An zweetens d'Méiglechkeet, portabel PCen um STEP ofzeginn. Wann d'Computeren net méi wéi 10 Joer al sinn, kënnen se vun enger Associatioun opgefrëscht ginn an u Persounen, déi an Nout sinn, weidergereecht ginn. D'Digitaliséierung vun eise Schoulen a Maison Relais ass net méi ewechzededen. Am Budget 2022 sinn 250.000.- Euro ageschriwwen. Domat soll d'Installatioun vu Wifi a Multimedia, dat heescht d'Téleeën an interaktiv Tafelen a 6 Maison Relais an a 7 Schoulen erfollegen.

An dann zum Beräich Sport. D'Stad Diddeleng ass a bleift eng Héichbuerg am Lëtzebuurger Sport. Déi gutt Resultater vun eise Veräiner an Eenzelsportler beweisen dat. Weekend fir Weekend steet d'Stad Diddeleng an den Zeitungen an op Radio an Televisioun am Fokus. Duerch déi sëlleg Reportagen an Iwwerdrounge kritt de



large Public en Abléck an eis Sportshalen an Terrainen. Net méi spët wéi beim leschte Livestream um Stade Jos Nosbaum ass déi mangelhaft Beliichtung opgefall. Deem gëtt am nächste Joer nogeholle, an eng Mise en Conformité vun der Beliichtung ass budgetiséiert. Dat selwecht gëllt fir d'Beliichtung op eisen Tennisterrainen. D'Chaudière vun de Veräins-Vestiairescontaineren am Barozzi gëtt ersat. Eng nei Tennishal an eng Hal fir den CA Diddeleng op dem Terrain Kennedy si weider an der Planifikatioun. De Masterplang an de Stade Meyer an eng Etüd fir de Bau vun enger Buvette um Stade Jos Nosbaum stinn am Budget. Ervirzehiewe bleiwen d'Acquisitioun an d'Installatioun vun enger neier Ramp am Skatepark, déi accessibel fir eng gréisser Zuel vu Benotzer mat hire moderne Beweegungsmëttelen soll sinn an déi spéider op en anere Site transferéiert ka ginn. Viru kuerzem ass deen éischte Spuetestéch um Strutzbierg gemaach ginn. Am Budget 2022 stinn net manner wéi 5 Milliounen a 550.000.- Euro fir deen neie Sportkomplex mat Sportshal a Schwämm.

De Service des Sports ass eng wichteg Ulaftell fir eis Sportveräiner a Schoulen. Hei ginn all Doleancen an Ufroen ugeholl an d'Programmation vun eise Sportsinfrastrukture koordinéiert. Och dee Service organiséiert den 11. Juni 2022 erëm eng Kéier, wann d'Situatioun et erlaabt, eng Nuit du Sport. Diddeleng ass eng dynamesch Stad. An dat virun allem dank eise lokalen Associatiounen a Veräiner. Sou wäeren déi sëlleg Manifestatiounen a Fester, queesch duerch d'Joer ouni hir Mathëllef net méiglech. Erfreelech ass an dësem Sënn, dass de Bau vun engem Hall polyvalent an der Beetebuurger Strooss an Ugrëff geholl ka ginn, nodeem d'Pandemie bis elo e Stréch duerch d'Rechnung gemaach hat. Dofir sinn iwwer 4 Milliounen Euro am Budget agedroen. Interessant ass, dass dës Konstruktioun spéider ofgerappt an op NeiSchmelz opgeriicht ka ginn. Op eng Manifestatioun wëll ech nach agoen. Fir déi drëtze Kéier empfängt Diddeleng de 7. Mee e Centre de Promesse vum Télévie. Virun 8 Joer war ech selwer President vum Organisationscomité. Deemools waren déi Diddelenger Leit a Veräiner ganz aktiv, fir sou vill wéi méiglech Donen ze sammeln an e wichtige Beitrag zur Fuerschung géint Kriibs a Leukemie bäizedroen. Dat wäert och dës Joer net anescht sinn, an ech sinn iwwerzeegt, datt déi Manifestatioun och dës Joer e groussen Erfolleg gëtt. Dofir sinn am Budget 50.000.- Euro fir Organisationskäschten ageschriwwen.

Perséinlech sinn ech am Seniorenalter ukomm. Bis haut hunn ech zwar nach net op déi verschidde Servicer wéi d'Aktivitéiten am Club Senior, Repas sur Roues, Senior Plus, Service Telealarm, den Diddelenger Coup de Main



an de Recycler zeréckgegraff. Dach, op ee Service, an zwar op de Flexibus, elo op Flexbus ëmgedeef. Zweekmol hunn ech vum Diddelenger Impfbus nämlech profitéiert. Dat hat tipptopp geklappt an ech wäert gären elo eng Reservatioun fir meng Boosterimpfung maachen. Merci am Numm vun all deene Leit, déi dovun profitéiere konnten. Voilà, dir Dammen an Härren, domat wëll ech meng Interventioun zu de Budgetsdebatte vun haut ofschléissen. Ech wäert dësem Budget zoustëmmen a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Dat ass déi éischte Kéier dass ech dierf dobäi si fir de Gemengebudget an et war wierklech interessant a spannend fir duerch déi 230 Säiten duerchzebliden an ze gesinn, wat alles do geschitt a wouran investéiert gëtt. Ech hätt awer nach e puer Froen, also éischter vläicht konkret Froen zu deene verschiddenen Tableaux, mee fir d'alleréischte well ech e puer Iwwerleeungen, Bedenken a Gedanken mat op de Wee ginn. Wou ech déi ganz Aarbecht gesinn hunn, muss ech och op dëser Plaz e grouss Merci soen un de Service de la Comptabilité, well et mierkt een déi gutt an déi wichteg Aarbecht, déi si geleescht hunn awer och muss ee soen, dass e Budget d'Fundament fir eng Gemeng ass, fir datt et iwwerhaupt ka gutt fonctionéieren. Déi aktuell Situatioun an där mir am Ament liewen ass déi, datt mer nach ëmmer an enger Pandemie sinn. Virun 2 Joer hat dat kee geduecht a mir haten alleguerter gehofft, datt dat am Summer wäert eriwwe sinn. A lo si mer 2 Joer méi spéit a mir sinn nach ëmmer matten dran an enger sanitärer Kris. De Problem ass, et ass eng gewëssen Unsécherheet, déi awer an der Loft schwieft a leider huet dat Ganzt sech gespigelt op d'soziaalt Liewen, op eis Moral, eis Gesondheet an awer och op eisem Portmonni.

Ënnert anerem si verschidden Allocatiounen an Hëllef an d'Luucht gesat ginn, wéi scho virdru gesot ginn ass, d'Allocation de Vie chère. Wat u sech ganz wichteg war fir Leit, déi ënnert de Chômage partiell gefall sinn oder aner prekär Situatiounen. Awer och am Beräich Logement sinn déi verschidden Aiden och direkt en Place gesat ginn. Dat huet de Leit och erlaabt, eng gewësse Stabilitéit an deem ganzen Tornado erëmzefannen. Leider sinn awer d'Immobiliepräisser an d'Luucht gaangen a si sinn hefteg an d'Luucht gaangen. An eiser Analys vum Budget hunn ech mech dowéinst och méi op den Deel Logement awer och op deen Invest an d'Participatiounen, wou d'Gemeng matmécht, konzentréiert. Mir wëssen, datt mir vill méi abordabel Wunnenge brauchen awer och vläicht Wunnalternativen, aner Wunnformen, déi mer bis elo net hunn, déi et kënnen erlaben, dës

Kris och Meeschter ze ginn. Mir bleiwen der Meinung datt d'Gemeng Diddeleng, wéi och scho virdru e puer Mol gesot ginn ass, kann a soll méi selwer proaktiv agéieren a vill méi Wunnenge vläicht och selwer kafen, selwer Bauhär spillen, selwer Promoteur spillen an doduerch och méi abordabel Präisser hei zu Diddeleng fir déi verschidde Leit, déi verschidde Societäten, déi verschidden Altersgruppe kënnen unzebidden.

Mir gesinn hei zu Diddeleng datt d'Locatiounskummere wéi Champignone wuessen. Mee et ass wichteg, datt mer eis déi Fro stellen, ob mer wierklech dat wëllen eise Leit ubidden. Dat ass fir mech e Constat, datt u sech dem Marchéspräis sou héich ass, datt d'Leit sech näischt méi wierklech kënnen leeschten, sech keng Locatioun méi kënnen leeschten, an doduerch awer iergendwéi gezwonge sinn an enger Kummer ze liewen, déi meeschtens 10 Quadratmeter huet, ech mengen zu zwee waren et 12 oder 14 Quadratmeter. An erlaabt mer datt ech déi Iwwerleeung hunn, datt awer do vun enger vulnerabler Positioun profitéiert gëtt an awer en horrende Präis fir sou Kummere bezuelt gëtt. Mir widderhuelen dat oft genuch an ëmmer erëm. Et ass Budget virgesinn, et geschitt och eppes um Terrain, dat wëlle mer absolut net bestreiden, mee et soll vläicht proaktiv nach méi gemaach ginn.

Den anere Punkt ass energetesch Sanéierung an erneierbar Energien. Wann ech duerch de Budget kucke ginn et net immens vill Suen, déi dofir ausgi ginn. Also Suen ënner der Form vun enger Ënnerstëtzung. An do ass eeben déi Fro, firwat déi Leit déi Aiden net sollicitéieren? Et gëtt eng CO2-Besteuerung, also eng CO2-Tax, déi vun deene bezuelt gëtt, déi mat fossil Energien heizen. An do kann ee sech och legitim déi Fro stellen, firwat gëtt net bei deene Leit ugeklappt, fir eng Sensibilisatioun ze maachen? Fir ze erklären, datt et Subventiounen ginn, wann een isoléiert an doduerch natierlech manner Energie verbraucht. Vläch op aner Energien ëmspréngt, déi méi erneierbar sinn. An einfach och soen, datt wann ee sou eppes mécht, dass een et natierlech och fir d'Ëmwelt mécht, mee virun allem natierlech fir sech selwer an doduerch kritt een e ganz aneren a bessere Wunnconfort doheem. Einfach déi Sensibiliséierungssaarbecht. An da froe mer eis trotzdeem, firwat awer net och méi proaktiv och an d'Photovoltaik an d'Solarthermie investéiert gëtt, ech mengen dat gouf och nach eng Kéier vun der Madamm Erpelding betount, op ëffentleche Gebaier: Sensibilisatioun ka gemaach gi bei de Privatileit, mee mir sollen och emol eis eege Gebaier eng Kéier kucken an eis déi Fro stellen, wou mer wierklech eppes kënnen maachen. Wuel wëssend datt och Gemenge kënnen Subventiounen vu staatlecher Säit kréien an dovunner profitéieren. Et ginn och Kooperativen, dat wësse mer. Mir hunn eng Kooperativ um Centre Culturel, mee firwat solle mir net méi där Kooperative maachen an eis Matbierger mat motivéiere fir an den Erneierbaren ze investéieren, wéi z.B. op Strutzbiereg?

Bei de Bemerkungen, elo net direkt zu den Energien. Ech mengen allgemeng hei zu Diddeleng kann ee ganz gutt den Tri vun de Poubelle maachen, doheem. Also mir hunn de Kompost, mir hu Glas, mir hunn de Pabeier etc. Mee wat mir vermessen ass, firwat maache mir dat

net och op den ëffentleche Plazen? Et gi sou Poubellen, ech weess net op dat a Frankräich ass oder wou, mee do kriss de direkt déi Poubelle mat 3 verschidde Backen an da kann een dat och op den ëffentleche Plaze sou maachen. Et ass och vun eis ugeschwat ginn – Tiny Forest – ech hat och duerch de Budget gekuckt, dat ass natierlech eppes, wat ganz interessant ass, wat vun de Jugendlechen och gefrot gëtt. Mee da kann ee sech och déi Fro stellen, ech hat z.B. net rausfonnt, wou am Budget Sue virgesi wiere fir den Urban Gardening? Dat ass awer och eppes, wat wichteg ass fir allgemeng och méi Biodiversitéit an de Stied ze kréien, mee dat kéint fir mech awer och virun allem e pedagogeschen Zweck hunn.

Ech muss elo erëm zréckspringen op de Logement, well ech hat zwee Punkte vergiess ze soen. Et kéint ee sech vläicht och virstellen, Subventiounen vun der Gemeng aus virzegesi fir Transformatiounsarbechten. Et ass mengen ech vun der Madamm Kayser ganz am Ufank ugeschwat ginn, datt d'Leit net onbedéngt wëllen eleng an enger grousser Wunneng wunne bleiwen am Alter, deemno wéi déi Situatioun ass. An do kann een och eng Sensibilisatioun, vläicht eng Hëllef, eng Informatiounshëllefstell ubidden, wéi ee säin Haus kann z.B. mat enger Einliegerwohnung transforméieren. Dat géif eis méi Locatiounsobjeten op de Marché bréngen an dat géif d'Sozialliewe méi ënnerstëtzen. Ech hunn d'Gefill, dat ass super, datt mer dat am PAG hunn, dat ass eppes Neies, wat mer och am PAG hunn, Einliegerwohnung. Mee ech hunn d'Gefill, datt d'Leit oft verluer sinn, wa se wëllen eppes ënnerhuelen. Dat wier vläicht interessant, dat duerch e Subsid oder en Info-Point ze maachen.

An dat anert, wat am Budget och net virgesinn ass, awer vläicht interessant wier, dat sinn d'Terraine vu private Leit en Locatioun ze huelen, fir se kënnen ze mobiliséieren duerch modulabel Wunnengen. D'lescht Woch hutt Dir eis déi modulabel Bauweis erkläert, déi u sech ganz flott ass. Dat selwecht kënne mer och fir Wunnenge maachen. An do schwätzt näischt dergéint, datt mer dee Moment och kënnen abordabel lounen oder urgent Wunnenge dorausser maachen. Urgent Wunnengen, dat ass natierlech net nëmmen en Cas de Force majeure, wa mer elo Iwwerschwemmungen oder sou hunn, mee ganz oft huet een och Situatiounen, wou et doheem einfach net klappt, an da muss d'Fra rausplënnere, an d'Gemengen hunn oft net genuch Logement d'Urgencen an deem Sënn. Dat wier eppes wat een am Budget fir d'nächst Joer kéint virgesinn. Ech kommen da konkret zu deenen Zuelen, déi an deenen 200 Säite waren. Wat eis opgefall ass, a wou mer net wierklech eng Äntwert drop haten: Ech hu gesinn datt de Budget dee virgesinn ass an de Budget deen ausginn ass op d'Kommazuel genau dee selwechte war. An ech froe mech, wéi et dozou kënnt, well an der Realitéit ass et ni esou, dass et wierklech 1:1 Sue virgesäis an ausgëss. Dat wär eng Fro, just fir den Tableau besser ze verstoen.

An da fir de Pacte Logement. Mir hu jo lo deen neie Parte Logement 2.0. Mir kruten, wann ech dat richteg gesinn, verbessert mech w.e.g. wann et net sou ass, eng hallef Millioun vum Staat, déi mer nach wäerte kréien, vu que datt mer de Pacte Logement nach dëst Joer

wäerten ënnerschreiwen. An dann ass vu Gemengesäit nach eng Kéier eng hallef Millioun virgesinn. An do déi einfach Fro: Dat schénkt vill. Mee ass et wierklech vill? Well mir musse bauen, mir mussen och mobiliséieren. An u sech, wann ee bedenkt datt en Haus, en abordabel Haus scho 500.000.- Euro kascht, a mir hu just 500.000.- virgesinn, da weess ech net ob dat wäert duergoen. Dat anert beim Pacte Logement, Recettes extraordinaires, do war virgesinn 2021 91.000.- Euro an et waren ausgi reell 53.000.- Euro. Firwat war do eeben net de ganze Montant ausginn? Op der Säit 153, den Emprunt projeté, dat waren och Depense extraordinaires, do war virgesinn 2021 - 20 Milliounen, ech sinn nach ëmmer beim Logement. 20 Milliounen. An et war näischt ausginn an elo gesi mer fir d'nächst Joer 30 Milliounen. Ech ka mer virstellen, dass déi 20 Milliounen do reportéiert goufen an dann nach 10 Milliounen dobäi, mee ech géif do gäre méi Detailler dozou kréien. Wéi gesot, Säit 153. Eppes, wat eis och interpelléiert huet, dat ass de Punkt 612, weider de Logement. „Prix réduit social“. Mir hunn dofir 2021 am ganze 4.368.000.- Euro virgesinn an d'nächst Joer gi mer do erof op 2.465.000.- Euro. Dat ass bal een Drëttel, wann net méi, wou mer do erof wäerte goen an ech hu mech gefrot firwat. Op der Säit 190. Do si mer erëm beim Logement et Equipements collectifs. Do komme mer bei d'Primmen, wou u sech just 25.000.- Euro virgesi waren a just 25.000.- Euro ausgi wäerte ginn a 25.000.- Euro fir d'nächst Joer erëm wäerte virgesi sinn. An do rëm meng Fro: ass dat net e bëssi wéineg? Maache mer do vläicht net déi néideg Kommunikatioun? Well dat si fir mech déi Saachen, wou d'Leit kënnen dovun profitéieren, Subventiounen, wou se kënne kréien. Déi selwecht Remark op der Säit 191 fir d'Isolation thermique. Ech si virdrun drop agaangen: firwat fir sou eng grouss Gemeng wéi Diddeleng, firwat do net méi Suen ausgi ginn? Ech fäerten, an ech hoffen net, datt et eng Saach vu schlechter Kommunikatioun ass, mee wann et dat wier, da wier et wierklech flott, wa mer do e bësse méi kéinte maachen. Dat ware meng Froen a Remarken. Merci fir d'Nolauschteren.

JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV): Merci fir d'Wuert. Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schaffen- a Gemengerot, wéi all Joer krute mer och dës Kéier en detailléiert an iwwersiichtlecht Budgetsdokument vum Pascal Poull a senger Ekip zur Verfügung gestallt fir eis kënnen eng präzis Iwwersiicht ze maachen iwwert d'Finanzlag vun eiser Diddelenger Gemeng. E grouss Merci och vu menger Säit u jiddwereen, deen un dësem Dokument matgeschafft huet. De Kolleeg Claude Martini wäert op de Verkéier agoen, ee vun de Beräicher, deen och a mäin Domän fält. Ech wéilt e puer Wuert soen iwwert de Sport, d'Kultur, de Jumelage an d'Sécurité publique. Och 2021 hat de Sport mam Corona ze kämpfe wéi vill aner Beräicher och. Trotz all deem hunn déi Verantwortlech vun de Veräiner zesumme mat der Gemeng an all de Benevollen et fäerdeg bruecht, dass praktesch all Competitiounen konnte stattdannen an och Spectateuren konnten dobäi sinn. Dat war an ass net ëmmer einfach ze organiséieren, awer huet geklappt mat villem Wëlle vun de Leit, un engem Strang ze zéien. An ouni de Benevolat vu villen engagéierte Leit wier dat onméiglech gewiescht.



Den Här Spina huet beim Budget erwäant, dass 21.000 Schwammstonnen a 45.000 Stonne Sport an de Gymnase gemaach goufen. E Bewäis, dass trotz enger schwieriger Zäit Sportler motivéiert sinn an d'Aarbecht an de Veräiner duerch motivéiert an engagéiert Leit fonctionéiert, an dat mat der Ënnerstëtzung vun der Gemeng, an do sief och de Service des Sports erwäant, ouni deen dat alles net méiglech wier. Freeën dierfe mer eis och iwwert déi nei oppe Schwämm, déi jo komplett renovéiert gëtt a sécherlech vill Succès wäert hunn, wou dann am Summer 2022 sollt opgoen. Et gouf och gesot, dass den Tennisclub eng nei Belichtung sollt kréien. Do sief d'Fro erlaabt: Wéi gesäit et mam Projet aus fir dann dem Tennisclub an dem CAD eng nei Hal, respektiv eng nei Infrastruktur ze bauen? Wou sti mir domat? A wéi de Kolleg Jean-Paul Gangler och scho gefrot huet: Kann déi Belichtung och eriwier transferéiert ginn, wa se lo installéiert gëtt? Ka se mat riwergeplënnert ginn? Wéi geet dat mat der Installatioun weider? Den F91 soll jo och eng nei Belichtung kréien, déi absolut noutwendeg ass an och d'Buvette soll renovéiert ginn. Alles Saachen, déi musse gemaach ginn. D'Fro stellt sech awer, net fir elo direkt, mee vläicht an enger nächster Legislaturperiod: Ass et net dann un der Zäit, fir un en neien Terrain ze denken an ze baue mat deenen néidegen Infrastrukturen, déi dem F91 géife gerecht ginn? Den Drock ass net méi do, wéi vun engem Hauptsponsor deemools do war, wou d'Gemeng och zu Recht dergéint gehalen huet. Mee lo, anstatt ëmmer nozebesseren an awer net déi Qualitéit ze kréien, wier dach sécher de richtege Moment an Zäit do, fir dem F91 déi Infrastrukturen zur Verfügung ze stellen, déi hinne géinge gerecht ginn, sou wéi och aner Veräiner mat deene beschte Méiglechkeete profitéieren. Als Beispill sief och gesot, dass et op deene 5 éischte Reien op der Tribün ëmmer era reent. Bei europäesche Matcher muss d'Turnhal hinhalen an d'Kanner vun der Schoul kënnen doduerch während enger Woch net vun där Hal profitéieren, an de Terrain ass och net behënnertege-recht. Ënner anerem si dat Beispiller wou eng Iwwerleeung wäert sinn, dass all déi Renovéierungen zesummen déi musse gemaach ginn, op Dauer vläicht méi deier gi wéi wann een dann eng Kéier en neien Terrain baut.

Mir hunn eng dynamesch a flott Sportskommissioun, déi sech e puer Mol am Joer getraff huet, a wou och d'Gläichstellung vun de Geschlechter eng Roll spillt. A wéi gesot, bei der nächster Sportlerinnen – a Sportleréierung am Fokus wäert stoen. Zum Schluss vum Sport sief och nach de flotte Succès erwäant vum Tour de Lëtzebuerg, deen zu Diddeleng Halt gemaach huet mat engem Zäitfueren. Eng Reklamm fir Diddeleng. An ausser e puer kleng Verkéiersproblemer war et e grouse

Succès an déi Responsabel vun der Course hunn erwäant, dass si gäre géife rëmkommen, dat schwätzt fir sech. E Merci och un all déi, déi gehollef hunn, dass dat sou en Erfolleg war. An och dem Guy Hellers do e grouse Merci, deen awer och do fläisseg eng Hand ugepaakt huet. Diddeleng ass net nëmmen eng Sport- mee och eng Kulturstad, déi sengesgläiche sicht. Konscht a Kultur ginn hei groussgeschriwwen.

Wéi den Här Spina gesot huet, hunn 18.000 Leit Concerten an Opféierunge besicht an den CNA war 282 Deeg am Joer ausgebucht. Eventer ënnert dem Waassertuerm mat Concerten, Open Air Kino, Fête de la Musique, Public Viewing asw. hu stattfonnt an dat trotz Corona an de Restriktiounen. Net méi spët wéi virun 2 Wochen hat d'Museksschoul hire 75. Gebuertsdag gefeiert, wou am Moment iwwer 1.300 Schüler ageschriwwen sinn an och d'Danzschoul e Risesuccès erlieft. Da steet d'Kulturjoer 2022 virun der Dier, wou ee muss d'Daumen drécken dass all Beméiungen an Aarbechten och belount ginn an net gebremst vun der Pandemie, well och Diddeleng eng Rei Projeten ausgeschafft huet, a wou mir voll derhannert stinn. E Floater sollt d'Plaz ënnert dem Waassertuerm nach verschéineren an erhiewen an domadder de Visiteuren nach eng weider Attraktioun bidden. Hei och e grouse Merci un den John Rech an d'ganz Ekipp vum CNA, dem Service Fêtes et Manifestations, wou et méiglech gemaach hunn an och an Zukunft garantéieren, dass d'Kultur grouss geschriwwen gëtt zesumme mat der Gemeng an der Kulturkommissioun, déi och ganz aktiv matschafft a wou souwuel d'Presidentin wéi all aner Memberen ëmmer eng Hand upake wa se gebraucht ginn. Ob dat elo bei der Poesie am Park ass, beim Kulturpräis a sou weider. Dann nach eng Bemierkung an eng Fro zum Projet „Kunst am Bau“. E Künstlerduo ass jo schonn nominéiert ginn op Lenkeschléi. Wéi gesäit et aus an der Crèche Italien? Do ass jo keen nominéiert, obwuel dat schonn am leschte Joer ugekënnegt gouf?

Zum Schluss nach e puer Bemierkungen zu de Jumelage- a Sécurité publique-Kommissiounen. Et ass kloer a verständlech dass an Zäite vun enger Pandemie de Jumelage mat aner Stied net déi éischt Prioritéit ass. Mee et ass awer schued, dass keng Kommissioun 2021 zesummekomm ass, fir vläicht eemol ze beschwätzen, wéi et an de Partnerstied mat der Pandemie steet a vläicht och aner Themaen auszetauschen. Mee guer keng, dat war e bësse komesch. D'Kommissioun vun der Sécurité publique ass lo praktesch zënter 2 Joer net méi zesummekomm. An dat kann et jo awer sécher net sinn, dass an enger Stad wéi Diddeleng, déi jo awer ëmmerhin déi véiertgréisst Gemeng am Land ass, net een eenzege Sécherheetsaspekt ze diskutéieren ass. Berouegend ass et a gewëss, dass et net vill Virfäll ginn a gréisser Problemer bestinn, mee guer näischt ass sécher net de Fall. Dat kann net sinn, dass d'Kommissioun just um Pabeier bestinn a keng Sëtzung aberuff gëtt zënter 2 Joer. Mir als Gemengeréit sinn alt och emol an anere Kommissiounen, mee Memberen, déi just an enger vun deenen doten zwou sinn, do verstinn ech ganz gutt, wa si sech d'Fro stellen, firwat net eng eenzeg Kommissioun ass. Do muss onbedéngt dru geschafft ginn an eppes geännert ginn. Ech soen lech Merci.



WALTER BERETTINI (LSAP): Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemen-gerot, ech vu menger Säit géif gären ënner anerem Re-marke lass ginn a punkto Tourismus. Ech sinn nach net laang dobäi an hunn elo grad réischt d'Tourismus- an d'Jumelage-Kommissioun iwwerholl, an Här Friedrich ech hoffen, dass dann an Zukunft méi Sitzunge wäer-te stattfannen, fir lech entgéintzekommen. Vu menger Säit awer nach eng Kéier Merci gesot u meng Virgän-gerin d'Emilia Oliveira, déi dat trotzdeem déi lescht Jore mat vill Häerzblutt gefouert huet, obwuel et mat der Pandemie, an Dir hat et erwäant, alles wéi net einfach war. Ech freeë mech u sech op déi nei Aufgab. Touris-mus a Jumelage heescht Leit zesummebréngen, sech kenneléieren an aner Stied a Landschaften entdecken. Op där enger Säit d'Vilfalt an d'Diversitéit schätze léie-ren an op där anerer Säit ze gesinn, wéi vill a wat mir gemeinsam hunn.

Während der Pandemie hate mir et all schwéier, mee be-sonnesch betraff waren den Tourismus an den HORECA-Secteur. D'LSAP huet hei op verschidden Aart a Weisen de Betreffene gehollef. De Schwéierpunkt war sécher, datt verschidden Aktiounen geholl gi sinn, fir de lokale Commercen an den HORECA-Beräich ze ënnerstëtzen. Felicitatiounen vu menger Säit aus un de Schäfferot fir hir Initiativ an och en décke Merci un de City Manager. A wéi dat sou gewéinlech bei eis ass, ass dëst am enken Dialog an Austausch mat de Betreffenen entstanden. Sou konnte schnell a konkret Diddelenger Hëllefsmoos-namen ergraff ginn. D'Solidaritéit war immens grouss an dat huet sécher gehollef, si iwwer Waasser ze halen. Dir Dammen an Dir Hären, d'Kulturjoer steet virun der Dier a mir hunn hei am Gemengerot scho méi wéi eng Kéier Detailer geliiwert kritt. Mir hunn am Budget ini-tial fir 2022 e puer grouss Projete fir d'nächst Joer ageschriwwen: de sougenannte Floater, e Gite deen am Waasserbaseng op Piliere wäert stoen. Eng ausserge-wéinlech Iwwernuechtungsméiglechkeet fir ons Visiteu-ren, déi sou d'Scheinheet vum Site ronderëm de Waas-sertuerm genéissee kënnen. Mir si frou hei eppes ze schafen, wat iwwert d'Kulturjoer bleift. An anere Wier-der, dat hei ass kee one-Shot-Projet, mee in der Tat eppes Nohalteges fir Diddeleng. Mir kennen d'Schwie-regkeeten, déi dësen Dossier hat an dat bréngt mat sech, dass mir de Budget hu missen adaptéieren. Adap-tatioun, well e schon am leschte Conseil approuvéiert gouf. D'Zomm vun dësem Supplement ass 320.000.-Euro. Och dëse Projet ass keng Ausnam, och dëse Pro-jet ass ongeféier 30% méi deier wéi virgesinn an dat haaptsächlech, wat d'Matière première ubelaangt.

Sief och drun erënnert, dass am Kader vum Kulturjoer och Renovéierungsaarbechten an deenen zwee fréiere Gebaier vu Cité NeiSchmelz stattfanne wäerten. Sou-wuel de Vestiaire Wagonnage wéi den Hall Lokomotiv ginn an d'Rei gesat fir 2022 a kënnen selbstverständlech och doriwwer eraus genotzt ginn. Mir wäerten alleguer nach ganz vill Freed heimat hunn. Wéi och mam nächs-ten Highlight. An zwar ass d'Gemeng Diddeleng op de Wee gaangen, fir am Hall Lokomotiv eng kleng Restau-ratioun an eng Mikro-Brauerei mat anzebauen. Wéi schonn erwäant huet d'Gemeng hei schonn en Opruff gemaach. Dës Majoritéit ass op de Wee gaange fir d'In-stallatioun, d'Renovatioun an d'Restraurierung an en-

ger Kéier ze maachen an net wéi ursprénglech virge-sinn, an zwou Etappen. Dëst virun allem fir deem, deen duerno d'Mikro-Brauerei an de Restaurant soll féieren, entgéint ze kommen. Bei zwou Phasen hätt den Exploi-tant misse seng Aktivitéit ënnerbriechen. Well awer genau dëse Beräich vu Geschäfte scho laang genuch duerch d'Crise sanitaire gelidden huet, ass et eeben net méi wéi richtig, sämtlech Aarbechten an engem Zoch ze maachen. Dës Flexibilitéit gefält mir extra gutt. Mir haten dëse Punkt schonn d'lescht Woch um Ordre du Jour an ech si frou, datt parteiwwergräifend dësen originellen an nohaltege Projet gedroe gëtt. Fir eeben dat Ganzt awer an enger Kéier kënnen ze renovéie-ren, bedréit sech de Käschtepunkt elo op 3.250.000.-Euro an ass am Budget virgesinn. Kuerz erwäant am selwechte Kader vun Esch2022, de Red Rock Trail, e Wanderwee duerch eise schéine Minett. Hei wäert Did-deleng eng grouss Roll spillen. Mir haten elo grad vum Gite Floater geschwat. Op deem Trail sinn net manner wéi 11 verschide Gite geplangt, vu Käerjeng iwwer Su-essem, Monnerech, Rëmeleng, bis eeben op Diddeleng. De Minett Cycle Trail soll och erwäant ginn. Urspréng-lech e Projet vun Esch2022, entretemps e gemeinsa-me Projet tëschent dem Kulturjoer an dem ORT Sud an deem mir och vertruede sinn. All dës Initiative wäerten déi touristesch Attraktivitéit vun Diddeleng definitiv er-héijen. Hoffe mer, Här Friedrich, dass mer da parallel dozou d'nächst Joer och eis Partnerstied hei begréis-se kënnen. Dat ass zumindest eent vun den Ziler, wat ech mer an der Jumelage-Kommissioun gesat hunn.

Am Ufank vu menger Ried hat ech erwäant, datt dës Majoritéit zu Diddeleng d'Solidaritéit groussschreift. D'Solidaritéit, sozialen Engagement, Gerechtegkeet, Fräiheet, dat sinn déi Valeuren, no deene mir eis Politik ausrichten. Dofir si mer och sou houfreg op de Pro-jet CIGL. De CIGL huet u sech zwee wichteg Voleten. De Volet Aarbechtsbeschäftegung, voire Aarbechts-kreativitéit, fir d'Leit an de Volet Hëllefstellung fir eis Diddelenger Matbierger, nom Motto: Eng Hand hëllef-t där aner. A punkto Aarbechtsbeschäftegung: de GIGL erméiglecht deene Leit, déi op iergend eng Aart a Weis keng Aarbecht fonnt oder verluer hunn, sech rëm an d'Aarbechtswelt zrëck ze integréieren, rëm en Deel Normalitéit an hirem Liewen ze fannen, gereegelt Aar-bechtszäiten anzehalen. Och wann d'Zäit, wou si kë-nen schaffen, begrenzt ass, gëtt während där Zäit net nëmmen dofir gesuergt, dass si den Dag do schaffen, mee si ginn och an där Zäit begleet, respektiv et ginn hinne Weiterbildungsméiglechkeeten ugebueden. Dëst fir am Nachhinein enger fester Aarbechtsplaz nogoen ze kënnen. Oder, an dat war schonn de Fall, et kënnen sech Ausbildungsplazen erauskristalliséieren. Ech wä-



ert nach eng Kéier op d'Ausbildung kuerz zrëckkommen. Op där anerer Säit bidde mir duerch onse CIGL den Diddelenger Bierger verschidden Dénsgschtleeschungen un. Et gouf schonn erwänt, de Coup de Main, de Recycler, mee awer och Fauchage tardif an der Zone Riedgen, eng Hällewull vun Entretiensaarbechte fir a mat der Gemeng. Och si mer frou dass de CIGL ab dem nächste Joer vun 19 CDD op 22 CDD opstocke wäert, andeem si den Agrément Espaces verts ufroen. Kuerz dozou bemierkt: e CDD ass e Contrat à Durée déterminée. An e ganz neie Projet ab d'nächst Joer ass de Second-Hand-Shop um STEP. De CIGL a STEP wäerten dëse Projet an enger Zesummenaarbecht realiséieren.

Da kommen ech nach eng Kéier kuerz op d'Ausbildung zeréck. Dir wësst jo, datt dat mäin Dada ass. Egal wéi al ech ginn, dat wäert net änneren. Warscheinlech nennt een dat eng Déformation professionnelle. Mee lo mol éierlech, mir begréissen, datt d'Gemeng op de Wee gaangen ass, fir net manner wéi 27 Azubien, also Apprentien anzustellen. Dat ass vum organisatoreschen hir immens vill Aarbecht fir Schüler mat hire Stärkten a manner Stärkten duerch déi dräi Joer ze féieren an dëst mat dem Zil, hinnen duerno déi eng oder aner Zukunftsperspektiv ze erméiglechen. Et ass do ville Engagement gefrot vun den Tuteuren an Tutricen, déi gi meeschtens am Beräich vun der Ausbildung vergiess, voire guer net berécksiichtegt. Och dat soll mol eng Kéier hei erwänt sinn. Och hinne vun hei aus e Merci fir hiert dagdeeglecht Engagement. Mee doriwwer eraus gesi mir et och als eng sozial Aktioun, wou im nachhinein Jonker a manner Jonker an d'Aarbechtswelt guidéiert gi fir duerno mat engem unerkannten Diplom enger fester Aarbechtsplaz nogoen ze kënnen.

Zum Thema Seniore sief erwänt dass de Club Senior, eist Haus am Schwaarze Wee awer och de Senior Plus zesumme mat der Stéftung Hëllef doheem de Flexibus, de Repas sur Roues, den Telealarm, all déi bis dato besteeënd Initiative wäerte weider bestoe bleiwen, voire verbessert gi selon les besoins. Mir hunn awer och ee Projet, deem ech interessant fannen, deem ass schonn erwänt ginn, dat ass d'Digitalisatioun no un d'Senioren an d'Seniorinnen ze bréngen. Déi Aktioun Tablet, Handy, Internet an Zesummenaarbecht mam Lycée a mam Jugendhaus, wou Jonker deene manner Jonken Hëllefstellung wäerte ginn. Wéi Dir also feststelle kënnt, si Solidaritéit an Integratioun fir eis keng eidel Wieder. Et ass genau sou, wéi mir eis eng mënschewierdeg Gesellschaft virstellen. D'LSAP wäert weiderhin op dës zwee ganz signifikant Voiete ganz vill Wäert drop leeën an Zäit investéieren. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV): Merci Här Buergermeeschter, Dir Dammen an dir Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, no engem waarme Merci un d'Ekipp Comptabilitéit e Wuert zu Diddeleng als Wirtschaftsstanduert. Wéi gewosst si mir eng CDA-Gemeng, dat heescht e Centre de Développement et d'Attraction, mat engem regionale Charakter also. Kucke mer awer de virleiende Budget, sou spigelt dee kengesfalls d'Wichtigkeet vun der wirtschaftlecher Entwécklung zrëck. Ofgesinn natierlech vun deene verschiddenen nationalen Aktivitéitszonen, vermësse mer lo scho säit Joren Initiativgeescht säitens der sozialistescher Gemeengeféierung. An anere Wieder: Deen Dossier gouf zimmlech verschlof. Vill Betriber hunn entretemps Diddeleng de Réck gedréint, wat wierklech ze bedauern ass. An et grenzt bal un e Wonner, fanne mer dach elo eng Dotatioun vu 50.000.- Euro fir en Urbanisationskonzept fir Koibestrachen am Budget initial fir 2022 vir. Weider solle mer och am Ordinaire suerge fir d'Gestioun vum Innovation-Hub hei zu Diddeleng am Quartier Neischmelz. An de Greisendall, deenn zënter 2013 eidel steet soll, sou si mer als Gemengerot iwwer d'Norichten op der Tele gewuer ginn - meng Fraktiounskolleegin, d'Madamm Kayser ass schonn drop agaangen - soll vun engem private Promoteur als Zone d'Activités, dat sinn ëmmerhin 20.000 m², a 5 - 10 Joer erschloss ginn. Also méi spët. Wéi steet et mat der Weiterentwécklung vun Helper, eiser kommunaler Zone d'Activités? Bis elo „Außer Spesen nichts gewesen“. Wa mir als Diddeleng an den nächsten 20 bis 30 Joer ëm 10.000 Awunner solle wuessen, dann ass dat, ech zitieren den Buergermeeschter bei de PAG-Diskussionen: „en Challenge um Niveau vum Logement, respektiv och vun den Aarbechtsplazen“. Recht huet en. Mee wou sinn elo déi Aarbechtsplazen? Wéi vill kréie mer der dobäi? Wéi vill hu mer der? Dat ass net ganz genee gewosst. E Lichtbléck dass d'Firma Ampacet sech elo ëm eng weider Produktiounslinn wäert erweideren, wat eng Dréps vu 25 Aarbechtsplazen ausmécht, mee et geet kaum duer fir de Standuert Diddeleng Liberty Steel, deem op extreem wackelege Féiss steet, ze kompenséieren, well do schafft e groussen Deel vun der Belegschaft schonn zënter enger Rei Méint oder bal iwwert d'Joer op Kuerzaarbecht.

Ergo, an dat hu mer och als CSV scho méi wéi eng Kéier monéiert, fuere vill Diddelenger Leit raus fir ze schaffen aus Diddeleng. Respektiv sinn och eng ganz Rei Leit, déi zu Diddeleng schaffe Grenzgänger, déi kommen also op Diddeleng eragefuer. Wa mer also an deem Schleekentempo weiderfueren, da kréie mer nach net sou bal zousätzlech Aarbechtsplazen. An och dem City Manager seng gutt Initiativen, déi riskéieren der Geschäftswelt an der Gastronomie net sou gutt ze kommen, wéi dat eigentlech gewünscht wier, „faute de combattants“, well do manner Clientë rakommen a well dann och déi Aarbechtsplazen net an deem Mooss zouhuelen. Dann hu mer och scho säit ville Jore Réckstauen zu de Spëttestonnen, d'Entréeën an d'Sortië vun Diddeleng total verstoppt, Ofkierzunge gi geholl duerch d'Wunnquartieren, do wou et nëmme geet. An da grenzt dem Buergermeeschter seng Erkenntnis beim Vott vum PAG, dass Urbanismus a Mobilitéit ganz enk matenee verknäppt musse ginn, dach e bësselchen un Ironie.

Fir meng Aussoen ze illustréieren huelen ech einfach e Beispill wat d'Entwécklung vu Koibestrachen ubelaangt, en Areal vun 43 Hektar. Deen Areal, deen huet schonn et ganz laange Baart, scho méi e laange wéi Methusalem.

Also 1999, Ursprong vum Projet, Kontext Frankelach Rehazenter, kuerz erwäant. 2005, Presentatioun vum Masterplan, deen als Plan directeur sollt fungéieren. En urbanistesche Konzept gouf schonn deemools opgestallt vum Büro Witry & Witry. Ugeduecht waren nei Technologien a Form vu Gewerbehäff a Rapport mat Medezin a Fuerschung. Eventuell eng Poliklinik fir Diddeleng, dicit den deemolegen Diddelenger Buergermeeschter Alex Bodry: „eng regional Zon war envisagéiert, mee mir sinn do awer am Onklore gelooss ginn“. Dësen Areal sollt eng Entwécklung kréien an 3 Phasen. Éischtens den nationale Staatslabo, zweetens eng Zone mixte Commerce mat Wunnraim an agebett dat Ganz dann an en Naturpark. 2005 och nach gouf dann och déi PAP Phase 1a gestëmmt, dat ass den Areal vum LNS plus d'Infrastrukturaarbechten op 6,8 Hektar. Dat mécht awer nëmme 16 % vun der Gesamtfläch vun 43 Hektar aus, also e Sechstel.

2005 och nees eng Kéier zur Verkéiersreegelung, an ech zitieren do den deemolege Buergermeeschter Alex Bodry: „Im Auge behalten müssen wir weiterhin eine Idee aus dem IVL-Konzept um eine Trambahn in diesem Bereich im Norden von Düdelingen zu verwirklichen.“ An et war souguer do och eng Haltestell virgesinn. A schonn deemools hat d'CSV eng ganz Rei Saachen hannerfrot a sech enthale bei där Saach. Mee och schonn deemools hat se konstruktiv Proposen, wéi eng Stéchstrooss bis op d'Näerzengerstrooss vun der Bezebuergerstrooss erop laanscht Koibestrachen. Eng Ubannung souguer un d'Schinn fir eventuell vun der rietser Säit aus Diddeleng ze connectéieren iwwer Näerzeng un Esch an och hannerfrot, ob net déi douce Mobilitéit mat Foussgängerweeër a Vélospiste misst ugeduecht ginn. Sou, an elo, 2021, elo ass et kloer, datt et eng national Aktivitéitszon gëtt, eng spezial Zon also fir Gesondheetstechnologien an Informatiouns- a Kommunikationtechnologien. Mee wat hate mer dann tëschent 2005 an 2021? 16 Joer laang Stëllstand. An ech hätt och do an deem Kontext vun där urbanistescher Etüd vu Koibestrachen och e puer Froen zu der Virgoensweis vum Schäfferot an deem Dossier. Dat éischt ass emol, op an deem Dossier och op den Urbanisatiounskonzept vun deemools, 2005, opgebaut gëtt? Well deen ass jo eigentlech schonn eng Kéier bezuelt ginn. Gëtt dee selwechte Büro domat beoptraagt?

An eng weider Fro: Firwat ass déi Fläch vun der aktuelle Zone d'Activités elo méi kleng wéi se beim Projet 2005 war? Wéi geréiert d'Gemeng déi Fläch tëscht der Suebelkaul bis déi national Zon? En plus sinn och nach en Deel vun deene Parzelle mat engem Virverkafsrecht beluecht. Dat hu mer am Plan sectoriel matkritt. Awer nëmme en Deel. Heescht dat dann elo dass och déi Terrainen zum aktuelle Maartpräis müssen opkaaft ginn? Well déi si jo gréisstendeels a privater Hand. Der Buergermeeschter huet bei der Virstellung vum Budget scho gesot, dass lo scho géifen Demarche gemaach ginn, fir Terrainen opzekafen. Oder riskéieren déi Propri-



etären do eventuell, dass se géifen enttegent ginn? Dat si Froen, déi sech awer och an deem Kontext stellen. Well den Opkauf vun deenen Terraine soll jo zesumme vun der Gemeng Diddeleng mam Staat organiséiert ginn. A hu mir dann och e Matsproocherecht wat déi Aktivitéiten ubelaangt, déi op deem Site sollen installéiert ginn? E weidere Punkt. Vu dass do Ëmweltoplagen op deem Areal do sinn, do ginn et nämlech Brutplaze fir verschidde Vullenaarten, déi a Gefor sinn, sinn do net nach weider Käschten, déi géifen so ufalen, oder sinn déi an deene 50.000.- do dran?

An eng weider Fro, déi sech och stellt: Wéi ass d'Vernetzung virgesi mam Schema directeur vu Ribeschpont? Wéi gëtt dat do ugebonnen a gëtt dat an deem urbanistesche Konzept och matgekuckt? Eng weider Fro, déi sech och stellt ass: Gëtt d'Gestaltung vun der Nord-Entrée vun Diddeleng mat do ugeduecht? Well dat ass jo eigentlech eis Visittekarte wann d'Leit hei eragefuer kommen. Also als Fazit: D'CSV hofft, dass no souvill Joer Stëllstand elo endlech och Neel mat Käpp gemaach ginn. Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): D'lescht Joer, wou ech meng Ried ugefaangen hat, hat ech gesot, dass mer bis Juni 60% Impfquot missten hu fir d'Pandemie an de Grëff ze kréien. Lo, e Joer duerno, kréie mer eise Booster an d'Situatioun ass nach laang net gekläert an et bleiwe vill Problemer, déi an Zukunft wäerten op eis duerkommen. Dës Pandemie riicht vill Schued un, ekonomesch a sozial. Ganz vill Studenten hu mat hirer Ausbildung opgehalen, well se mam Homeschooling net eens ginn, si kënnen net doranner léieren. Déi sozial Kontakter, déi ëmmer méi staark reduzéiert sinn, sinn nach ëmmer immens belaaschtend. Hei gi vill Kompetenze verluer, déi mer an Zukunft am Fong bräuchten. Leit déi a Studienzäiten ophalen, déi hire Beruff net kënnen léieren, dat si Kompetenzen, déi mer bräuchten an Zukunft an alle Beräicher, déi mer hei verléieren. Ech wollt awer soen, hei steet d'Gemeng Diddeleng mat sengen Engagementer am Jugendberäich ganz gutt do. An ech mengen dass dës Servicer ronderëm d'Jugendhaus an Zukunft nach vill méi wichteg wäerte ginn. Well ech mengen dass déi Pandemie hei an déi Problemer nach e puer Joer wäerten undauern, an dat si Projeten, op déi mer vill müssen hirschaffen an och ausbauen.

Bei onseren eelere Bierger, de Senioren, do goufe mer ausgezechent fir de Projet Handy-Computer-Dialog. De Projet gouf d'lescht Joer kuerz vun der Madamm Di Bartolomeo ugeschwat, d'lescht Joer am Budget, am Projet vun den Informatikscoursen. Am Budget selwer hat ech näischt Remarkabeles fonnt, wou bei de Se-

nieren op e Projet géint d'Einsamkeet géif higeschafft ginn. Dat war eppes, wat mer immens um Häerz läit an och dëst Joer nach. Et gi vill Projete bei de Senioren: et gëtt d'Seniorenhaus, et gëtt Flexibus et gëtt Telealarm, mee d'Einsamkeet, dat ass fir mech e wirkleche Stéchpunkt. An ech géif hei vill méi drop hischaffen, fir dëse Sujet net ze vergiessen. Firwat soen ech dat? Ma ech gesinn do wou ech schaffen, do hu mer och vill eeler Leit, och vill eeler Patienten, an et fält mir op, virun allem mat der Pandemie, si ëmmer méi isoléiert sinn. Si kréie vill manner Besuch och doheem, net nëmmen an de Spideeler, mee och doheem. Si kréie vill manner Besuch, si gi vill manner raus a fir mech ass dat et grouse Problem. Do musse mer wirklech Projeten usetzen, fir dogéint ze kämpfen. A vläicht kéinte mer d'nächst Joer eng Auszeechnung kréien dass mer e Projet gemaach hu géint Einsamkeet. A wa mer keng Auszeechnung géife kréien, wär et nach ëmmer gutt fir dorobber hinzeschaffen. D'Seniore si weiderhi vun der Pandemie staark betraff, well se sech och mat der Impfung vulnerabel spieren an och nach ganz zréckhalend sinn, fir ënnert d'Leit ze goen. Hei hu mer elo z.B. d'Bibliothék, déi elo ka Bicher heem liwweren, dat ass eng ganz flott Initiativ op déi vill eeler Leit kéinten zréckgräifen. Da musse mer se natierlech och informéieren, dass se dorobber kënnen zréckgräifen, dass se dat kënne benotzen. Ech fannen och, wéi mer och schonn d'lescht Joer proposéiert haten, dass en Outreach fir Seniorenn och ganz sënnvoll wier, fir se virun der Einsamkeet ze schützen. Oder vläicht och mam Jugendhaus d'Aarbechte mat de Seniore méi ausbauen. Mee bon, d'Jugendhaus huet schonn e grouse Gabarit un Aarbechten a Projeten, mee do ass awer trotzdeem nach ëmmer vill Sputt no uewen.

Méi-Generatiounen-Haiser, wéi mer schonn e puer Mol ugeschwat haten, dat wär elo an dëser Zäit immens sënnvoll, an och an Zukunft sollte mer dorobber histeieren, fir dat auszebauen. Dës Zëmmeren, déi d'Madamm Ahmedova ugeschwat huet, ginn ëmmer méi benotzt well d'Leit vulnerabel sinn, well se mussen drop zréckgräifen. Wann s De Méifamilljenhaiser hues, da kanns de vläicht e gönschtege Loyer ubidden. Eeler Leit a jonk Leit sinn zesummen, d'Leit spieren sech net sou eleng, an dat wär am Fong e ganz flotte Projet. An du hunn ech mir natierlech och iwwerluecht, wat een nach vu Projet kéint maachen, och bei de Senioren. An do hat ech der Deeg hei eng Patientin am Spidol, déi ass Wittfra, si huet keng Kanner, an ass am Fong ganz eleng. An awer ass si net eleng, well si gouf vun enger Famill ugeschwat, viru Joren, fir op hir Kanner opzepassen. Dat heescht, déi Fra, déi geet da mëttes an d'Schoul, geet d'Kanner sichen, bréngt d'Kanner heem, si kacht, an d'Elteren, déi mi-temps schaffen, déi kommen heem, dann ass d'lesse scho preparéiert an d'Kanner sinn doheem an hirem Ëmfeld. Déi Leit, déi Famillen, mussen net onbedéngt op eng Maison Relais zréckgräifen, aus welche Grënn och ëmmer. Mech perséinlech géif dat och immens interesséieren, wann ech sou eng Persoun géif fannen, fir dass ech meng Kanner net misst an eng Maison Relais ginn. Well ech bräicht dat net onbedéngt. Et ass ëmmer sou e Sputt do vun de Schoulzäiten, vun dräivéierel Stonn, eng Stonn, wou do ass. Éischtens kéint een d'Maison Relais e bëssen entlaaschten, well déi immens vill Succès hunn a vill besicht sinn. An

zweetens kéinten déi Kanner, déi dann net mussen an d'Maison Relais goen, heemgoen. An déi Fra, si ass dann net eleng. Si huet e bëssen eng kleng Famill ronderëm sech. An ech mengen, dass dat e Projet wär, dee mer op der Gemeng gutt kéinten ausschaffen och an Zukunft. Dann hätte mer eppes géint d'Prekaritéit gemaach, géint d'Einsamkeet vun deenen eelere Leit gemaach, mir hätten eppes fir d'Schüler gemaach, fir d'Kanner gemaach, wéll se kënnen heem goen an hiert Ëmfeld. Si kënnen doheem an der Mëttesstonn mol a Rou e Buch liesen oder e bësselchen zur Rou kommen an net an enger Maison Relais, wou awer vill Kanner sinn. A verschidde Kanner brauchen dat eeben, fir e bëssen zur Rou ze kommen.

Zum Sujet vum Transport. Neen, ech kommen net nees drop zréck dass ech op Bëlleg en autofraie Quartier gemaach hat an esou. Dat hu mer jo oft genuch geschwat, déi Iddi, déi kenne mer jo alleguerten. Ech wollt awer mol froen, wéi den Androck beim Schäfferot ass iwwert de Parking residentiell, dee mer neierdénge agefouert hunn. Wéi kënnt e bei de Leit un? Mir hunn natierlech och e bësse mat de Leit geschwat. Mir hu gesinn, dass 30 nei Horodateure bestallt gi sinn. Geet dat duer, mussen der nach nobestallt ginn? Bei ons hu vill Leit gesot, dass d'Horodateuren ze vill wäit vuneneen ewech stinn. An dat stëmmt och. Op verschidde Plaze gesäis de och guer net, dass do en Horodateur ass, wou's de geparkt bass. Wéi vill missten der dann nobestallt ginn, fir dass et ideal ass? Well meng Fro ass, wat ass den Ideal eigentlech? Wéi wäit kënne mer goen? Wéi gesäit et do an Zukunft aus? Jo, ech si ganz dofir, dass mer manner mam Auto fueren, dass mer méi probéieren, eis mam Vélo ze deplacéieren. Munch Saache sinn awer net sou einfach wann s de Kanner hues oder wann s de an der Mobilitéit vläicht net sou top bass. Mir hunn eis e puer Gedanken an der Fraktioun gemaach, dass et awer vläicht sënnvoll wier, wa mer Samschdes géifen de Parking gratis maachen. Wann s De Samschdes Besuch kriss an du kënns mat deene vu Butschebuerg erof an d'Duerf, da kanns De awer den Auto theoretesch nëmmen 3 Stonnen do uewe stoe loossen. An dat ass jo awer am Fong net ganz richtig. An ech mengen dass et ville Leit an och de Geschäfte géif entgéint kommen, wa mer de Parking Samschdes géife gratis maachen. Dat ass am Fong iwwerall Samschdes gratis, de Parking, do wou s de kanns akafe goen. Ech mengen, dass dat fir de Weekend ganz sënnvoll wär an och fir déi Leit, wou just fir de Weekend mat hirem Auto heemkommen, dass se dann net och nach mussen do hire Parking bezuelen.

De Projet SUMP ass elo an der Schlussphas an elo kënnt am Fong dee wichtigste Punkt, d'Ëmsetzung an d'Realisatioun vun deene Saachen, déi mer ausgeschafft hunn. Et wäert nach eng Kéier méi genau am Gengerot presentéiert ginn, mee da musse mer kucken, op wéi e Wee dass mer ginn. Ech war e bëssen iwwerrascht – an ech mengen ech wäert eng Erklärung dozou kréien – am Budget gi mer vu 66.000.- op 23.000.- Euro erof. Dat ass de Punkt 622 bei der Circulatioun. Dat war d'Planung vun de Vélosweeër an esou. Do war ech e bëssen iwwerrascht. Du sinn ech awer pour Avis iwwergaangen op de Punkt 642. Do kommen 20.000.- Euro fir d'Vélospist um Kräizbiereg. 40.000.- kréie mer



an der Zoufftgengerstrooss an 30.000.- Euro fir d'Lëtzebuurgerstrooss. Wat mech als Vëlofuerer immens freet, well ech fuere relativ vill mam Vëlo a menger Fräizäit. Mee wat ass elo genau do geplangt a wéi gëtt et ëmgesat? Respektiv ass do de Projet vu Bëlleg scho mat dobäi, sou wéi Dir lech dat virstellt, dass de do méi kanns mam Vëlo fueren oder wéi gesäit dat do aus? Ech verstinn dat net sou richtig. Ech hunn z.B. och gemierkt, wann s de mam Vëlo wëlls vu Butschebuerg wëlls op Beetebuerg fueren, da kanns De an d'Rue du Laboratoire fueren, dat ass ganz flott, mee dat ass de Knackpunkt vun der Kräizung deen do ass. D'Lëtzebuurgerstrooss, dat gehéiert am Fong mat dozou. Ass do eng Léisung mat dran? Dat wier natierlech super. Well et ass awer geféierlech fir mat de Kanner dohinner ze fueren, do kënnst de och op d'Bierenger eriwwe. Um SUMP ass op alle Fall vill geschafft ginn an ech hoffen, dass mer an Zukunft viles kënnen ëmsetzen an dass dës Projeten awer och eng Prioritéit kréien. Ech wär natierlech och frou, wa mer méi Verkéierskommissiounen hätte fir dass d'Membere besser kënnen mat agebonne ginn a fir dass mer net eng Woch virdrun ageluuede ginn. Et ass wierklech schwéier, sech dann nach fräizesetzen. Virun allem déi lescht, ech wier wierklech gär dobäi gewiescht, mee et war onméiglech fir mech. Well et awer mäi Ressort, mäi Quartier ass, wou ech wunnen, déi ech wëll representéieren. Mee beim beschte Wëllen, 5 Deeg dat ass onméiglech. Bon, et si vill Saachen, déi do mateneen zesammenhängen, mee ech denken awer, dass een dat e bëssen éischer hätte kéinte maachen. Ech soen nach e bëssen eppes zur Gastronomie. Ech denken dass och dës Summer d'Restaurante mussen oppassen, dass d'Mesuren agehale ginn. A mir als CSV géife et begrëssen, wann d'Restauranten hir Terrasse kéinte méi grouss maachen, a mir maachen och nach eng Kéier déi Propos, dass mer sou flott Pop-up-Terrasse kéinten op der Gemeindeplaz maachen, wéi mer dat schonn d'lescht Joer proposéiert haten. Jo, dat ass ëmmer vill ze plange bei sou eppes. Mee ech hat den Ustouss d'lescht Joer ginn. Do hate mer jo Zäit fir driwwer nozedenken, a lo hätte mer 4 bis 5 Méint, fir e bëssen ze plangen, da kéint een dat awer vläicht dës Summer ëmsetzen, dat wär am Fong ganz gutt. D'Terrasse sinn d'lescht Joer vergréissert ginn, dat war tipp topp, mee do musse mer dann awer och drubleiwen.

Well awer och vill lesse bestallt gëtt, géife mer och wéi d'lescht Joer den Ausbau vun den Eco-Boxe fërderen. Hei ass nach ganz vill Plaz no uewen. Ech hunn dës Joer vill lesse heem bestallt, ech krut awer keng eng Kéier eng Eco-Box heem geliwwert. Et ass natierlech ëmmer mat vill Knascht verbonnen. Virun allem, wa mer dës Joer en Taxereglement kréien, wou d'Poubelle méi deier ginn, wär et natierlech nach méi reizvoll fir manner Knascht ze maachen. Mee mir kréien net vill Eco-Boxe proposéiert, wa mer an de Restaurante bestellen an ech denken dass mer als Gemeng vläicht kéinte méi dohanner bleiwen. A wéi ech dat schonn d'lescht Joer proposéiert hat, vläicht kéinte mer e Service aféieren, wou mer deene Leit eng Aarbechtsplaz ginn, déi déi Tellere kéinte spullen, wou mer eppes fir d'Natur maachen a gläichzäiteg Aarbechtsplaze schafen. Dës sinn e puer Proposen, déi mer als CSV maachen. De Budget gëtt villen Aspekter gerecht fir déi mer als Partei stinn. Als Oppositoun fënns de natierlech ëmmer e puer kleng

Knackpunkter fir ze verbesseren, fir e bësselchen drun ze kritiséieren. Voilà, da kucke mer mol, wéi et herno weidergeet.

ALAIN CLEMENT (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Léif Kolleginnen a Kollegen aus dem Gemengerot, meng Stellungnam bezitt sech op déi Themen, mat deenen ech mech iwwer dat ganz Joer befaasst hunn. D'Zäit léisst et awer elo leider net zou, dass ech op all Projet aginn.

Ech fänken u mat der Circulatioun. Mir hunn dës Joer de Parking residentiell iwwer ganz Diddeleng ausgedéint. Et huet ee festgestallt, dass einfach ze vill Leit vun ausserhalb eis Stroosse fir e Park and Ride gehalen a genotzt hunn. Hei huet misse reagéiert gi fir d'Liewensqualitéit vun eise Bierger kënnen ze verbesseren. Mir hunn dofir eng ganz Rei Horodateuren opgeriicht, déi mat engem Budget vun 1.050.000.- Euro zu Buch geschloen hunn an 2022 investéiere mer nach eng Kéier 450.000.- Euro an eng weider 30 Apparaten, sou dass mer der da wäerten 214 Stéck an eisem Inventaire zielen. Ech muss awer op dës Plaz, erlaabt mer dat, der Madamm Kayser Merci soen, dass se dës Joer Récksiicht op mäi Bols geholl huet. Also ech hunn dat dës Kéier net sou dramatesch empfonnt. Ech hu souguer op enger Plaz misse schmunzelen, an dat war déi, wou Der op eng e bësse méi intensiv zesummenaarbecht mat eis higewisen hutt, méi informell Gemengerot, Kommissioun a Mat-Decidéieren. Ma grad dat hei ass sou e Punkt, an da géngt Der och de Budget vläicht mol eng Kéier matstëmmen. Ma dat hei war sou e Punkt, wou Dir déi Méiglechkeet krut. Mir haten en informelle Gemengerot, an ech ka mech och erënneren, dass Dir do Är Iddie mat erabruecht hutt. Si sinn och mat agefloss. Et waren och eng ganz Rei Kommissiounssitzungen, Dir hutt et jo och matgestëmmt.

Jo an da kënnt am Blietchen eng Annonce, do muss een da staunen. 800 Meter en Ticket sichen ze goen – ech hunn an der Circulatioun nogefrot, déi woussten dovunner näischt. Dass et verbesserungsfäeg war, ass sécherlech net ze bestreiden, dofir rëschte mer jo no, an dat wusst Dir jo och, dass mer géingen norëschten. Domadder wollt Dir jo am Fong just soen: Wa mir als CSV dat do gemaach hätten, da wier dat net virkomm. Dat kënnt nëmme vir, well d'LSAP dat decidéiert huet. Dat war jo sou dee Message, deen do dra louch. A wann een da sou e Messer an de Réck gestach kritt, wann een dann déi Bedeelegungsaarbecht mécht, da muss ee sech déi Fro stellen, ob ee se d'nächste Kéier erëm wëllt wäit ausstrecken an dee Wee da goen. Dat nëmme dozou gesot. Et goufen 10 nei Bushaisercher

gesat an dat op Statiounen mat héijem Betrib. Fir eng Verbesserung un den nationale Vélosweeër ze schafen hu mer de Véloswee Route de Luxembourg bis Rue Jean Simon erweidert. D'Vélospist vum Skaterpark bis an de Centre Culturel konnt a Betrib geholl ginn an an enger Rei Stroossen si Marquagen an Signalisatiounen fir de Vélo dobäikommen. 2022 ginn och Studien an der Rue Mayrisch de St. Hubert gemaach, fir ze kucken, ob et hei méiglech ass, eng definitiv Vélospist ze bauen. Dëst ass eng vun den Doleancen, déi och Vélo Diddeleng ganz staark um Häerz läit. Dräi Vélos-Fléckstatiounen goufen uechter Diddeleng opgeriicht, an am Kader vun Esch2022 schaffe mer zesumme mat Esch2022 a mam Office national du Tourisme um Minett Cycle Tour, engem Véloswee, deen d'Südgemeinde soll matenee verbannen. Mir haten eis och 2021 als Gemeng um Projet Vélosommer vum Tourismus- an Ekonomiesministère bedeelegt. Dëst steet och nees fir 2022 um Programm. De Vélo gewënnt an der Bevëlkerung ëmmer méi u Popularitéit an deem nohaltegen Trend wëlle mir eis als LSAP op kee Fall verschléissen. Mir hunn 2021 an net manner wéi 8 Stroossen Tempo 30 a 20er-Zonen agefouert, och 2022 schaffe mir weider un enger Verkéiersberouegung a maachen z.B. eng Etüd an de Stroossen Gaffelt, hei dat Stéck bis bei d'Schoul, rue Ste. Barbe bis Kräizung Gaffelt a Rue de la Vallée, fir eng Zon 30 ze realiséieren. An der Rue du Parc maache mer op der Héicht vum Lycée Nic Biever e Belag wéi am Shared Space fir dass déi Zon 30km/h besser ofgegrenzt ass, a fir och hei d'Sécherheet vun de Schüler an de Vélosfuerer ze verbesseren.

E grouse Merci well ech säitens der LSAP-Fraktioun dem Pit Demuth an dem Mica da Silva vun der Circulatioun ausschwatzen. Si wësse wat leeft, hunn hir Saach am A, a wann een eng Fro huet, kritt een eng kloer a schnell Äntwert. Mir hunn awer och 2021 eise Stroossereseau weider erneiert an hunn och 2022 hei en zolitte Budget virgesinn. 2020 hu mer ugefaange ronderëm de Beräich vun der neier Kierch Italien, Rue des Minières a Gare-Usines, d'Strooss frëschzemaachen a sinn dëst Joer mat deenen Aarbechten fäerdeg ginn. Fir 2022 sollen och d'Aarbechten an der Route de Boudersberg an Ugrëff geholl ginn. Dës Aarbechte wäerten eis gutt 2-3 Joer begleeden, well hei eng komplett Ëmgestaltung vun der Strooss virgesinn ass. Et ass zwar e Chantier, wou Ponts & Chaussées de Lead huet an den Ausschreibungen, mee wou mir als Gemeng awer den Haaptkäschtepunkt droe mat engem Invest vu 7,5 Milliounen.

An zu der 3. Phas vun eisem Shared Space, no der Fäerdegstellung vun der 2. Phas, wou mer jo dann och zousätzlech zu deem urspréngleche Plang en Deel vun der rue Dominique Lang an eng Zon 30 km/h ëmgewandelt hunn, wat net nëmmen de Verkéier berouegt, mee och eise Shared Space méi en Valeur setzt. Dëst Joer hunn dann am Juni d'Aarbechten vun der 3. Phas ugefaangen, wou och mat iwwer 5,8 Milliounen wäert zu Buch schloen. Gläichzäiteg gëtt jo d'Rue du Commerce, en Deel vun der Rue de la Libération a Route de Zoufftgen komplett nei konzipéiert, fir de Verkéier am Zentrum ze drosselen. Hei schaffe gläichzäiteg 3 Entreprises dorunner, fir dass dës Mega-Chantier sou séier wéi méiglech iwwert d'Bün geet. Laut eisem zous-

tännege Service leie mer de Moment gutt am Timing. Wie sech am Duerf ophält, gesäit jo dass momentan un der Frank Kinnen Plaz emseg geschafft gëtt, ganz bewusst och elo iwwert de Wenter, fir dass den Horesca, deen Terrassen do bedreift, sou mann wéi méiglech a Matleidschaft gezu gëtt. Dëst gëtt nieft der Plaz am Duerf eng weider Plaz, wou eis Bierger sech flott kënnen ophalen, a fir dat net Bild op der Kinnen-Plaz kënnen ofzeronnen, renovéieren mer och während deenen Aarbechten d'Front vun eiser schéinerer monumentaler Kierch. A last but not least, fänke mer 2022 mat enger 4. Phas un, wat de Shared Space ubelaangt, déi de ganze Beräich laanscht d'Stadhaus erop soll un de Rescht vum Konzept Shared Space upassen.

Dëst Joer si well och 35.000.- Euro an de SUMP gefloss, de „Sustainable urban mobility plan“, en Aarbechtsgrupp, deen sech nieft de responsabele Gemengeservicer a komobile och aus Vertrieeder vun de verschiddene Parteien zesummesetzt. Et hu sech awer och wäit iwwer 100 Bierger iwwer de Biergerpanel mat engagéiert an op deem Wee dem Aarbechtsgrupp hir Virschléi zoukomme gelooss. An ech ka vun dëser Plaz aus bestätegen, dass déi Auswäertungen eescht geholl ginn an och mat an de Projet fléissen. Aktuell schaffe mer un de Mesurë fir dat nohaltegt Mobilitéitskonzept fir Diddeleng weiderzedreien.

Zum Commerce. D'lescht Joer hat de Gemengerot jo enger zolitter Enveloppe vun 300.000.- Euro zougestëmmt, déi de Commerce sollt ënnerstëtze während der Corona-Kris. Mir konnten dëst Joer déi lëscht 100.000.- Euro iwwert eng flott Gewënnbongen-Aktioun eiser lokaler Geschäftseconomie zouféieren. Et kann een ofschléissend vun enger ganz gelongener a sënnavoller Aktioun hei schwätzen. Den Nohaltegkeetsmaart gouf an d'Liewe geruff. Dësen ass all 3. Samschdeg am Mount op der Plaz am Duerf. Hei läit den Akzent op lëtzebuergesche Produiten oder Händler ënnert dem Motto: nohalteg, regional, frësch a wa méiglech bio. 2022 probéieren mer, dës Maart weider auszebauen an ze verbesseren. Et ass eis jo och gelongen, e puer Lokaler an der Niddeschgaass zu rasonabele Marchéspräisser ze lounen fir ze da weider ze verlounen, oft u ganz jonk Leit voller neier Geschäftsiddien, deenen hir Iddien duerch déi oft vill ze héich Loyerspräisser einfach missen am Sand verlafen. Dës weidere gëtt dës Method eis och e bëssen d'Méiglechkeet, d'Diversitéit vun eisem Angebot mat ze steieren, ouni wëllen hei awer ze vill an de private Wettbewerb anzegräifen. Dëst Engagement verhënnert och, dass mer ze vill Leerstand hunn, wat d'Attraktivitéit vun eiser Geschäftswelt géing no ënnen drécken. Ëmmerhin hunn 2021 18 nei Betriber hei zu Diddeleng opgemaach. E ganz flotten Invest ass awer och déi nei Campagne: „Diddeleng läit eis um Häerz“, déi d'Gemeng Diddeleng an d'Liewe geruff huet. Déi Campagne soll animéieren, lokal ze kafen, awer huet hire Schwéierpunkt och op deem perséinlechen. Si weist, wien hannert de Produiten an eise Geschäfte steet a wie se verkeeft. Ech erlaube mer an dës Fäll dem Schäfferot Merci ze soen, deen sech op d'Kap geschriwwen huet, déi Diddelenger Geschäftswelt ze ënnerstëtze wou et geet. E grouse Merci awer och un de City Manager, de Claude Leners, fir säin onermiddlechen Engagement.

Weider geet et mam Service à l'Egalité des Chances et de Non-discrimination. E klengen awer wichtege Service an eisen Aen. E Service, deem sech ëm dat Tëschemënschlecht këmmert, ëm Gläichstellung tëschent de Geschlechter an all senge Formen. Si beroden zum Thema haislech Gewalt oder hëllef ganz konkret, aarbechtslose Bierger de Wee op den Aarbechtsmarché zréckzufannen, fir nëmmen e puer vun hire Servicer ze nennen. De Service huet wéi all Joers eng Rei vu Manifestatiounen selwer organiséiert, awer och eng Rei zesumme mat der zoustänneger Kommissioun, wéi z.B. Rues au féminin an Zesammenhang mam Weltfraendag oder och hei eise Chancëgleichheitspräis an Héicht vun 3.500.- Euro huet och dëst Joer erëm säi Gewënner fonnt. Fir 2022 stinn elo nees 17 verschidde Veranstaltungen um Ordre du Jour. A wann ee bedenkt, dass dës Service nëmme mat 2 volle Kadere besat ass a wat en opweises huet, da kann een an eisen Aen nëmme soen „Chapeau“ an dofir e grouse Merci och vun der LSAP-Fraktioun un d'Annabelle Saffran an d' Sandrine Schnadt.

Zum Schluss nach just e puer Wieder iwwert eis Museksschoul, déi dëst Joer hire 75. Anniversaire feiert. Zu deem Ulooss koum jo e flott Buch eraus an deem een noliese kann, dass et deemools nëmme mat 124 Schüler ugaangen ass a wann een der dann dierf 2021 ëm déi 1400 zielen, dann huet dat awer ënner anerem och domat ze dinn, dass eis Museksschoul all déi Jore vun der Politik am Budget vun der LSAP ni vergiess ginn ass. Ech wëll dëst Joer just zu engem Departement e puer Sätz hei soen, dat eng explosiounsarteg Entwécklung geholl huet säit senger Aféierung, an dat ass den Danzdepartement. Den Direkter huet dës Entwécklung bezechent andeem e gesot huet: „Mir sinn Opfer gi vun eisem eegene Succès.“ Jo, dee Sproch trifft zou an dat heescht an anere Wieder, lo muss op dee Succès reagiert ginn. Et huet sech erausgestallt, dass d'Sportshal net méi duergeet fir d'Coursen all ze stemmen, mir wäerten also virgesinn, dass mer hei fir d'Rentrée 2022 eng Containerstruktur installéieren, déi sou konzipiert ass, dass och Danzcoursë kënnen ënnert adequate Viraussetzungen ofgehele ginn a wäerten awer längerfristeg dofir suergen, dass och eisen Département Danse en neit Doheem kritt.

E grouse Merci vun der LSAP-Fraktioun dem Bob Morhard an och dem ganze Personal, wou sech an eiser Museksschoul engagéiert, fir hiren Asaz a fir deem Erfolleg, dee sech domat verbënnt. Dee steet an der Musekswelt net nëmmen der Schoul selwer, mee och Diddeleng ganz gutt zu Gesiicht. Ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Merci och dem Här Clement fir seng Stellungnam. Da wäre mer zum Schluss ukomm vun deene verschiddene Stellungname vun de Conseillëren an de Conseilleren. Mir wären als Schäfferot prett, op verschidde Remarken a Froen, déi Dir gemaach hutt, ze äntweren.



ÄNTWERTE VUM SCHÄFFEROT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Et ass elo de Moment fir d'Kolleginnen a Kollegen aus dem Schäfferot, fir op déi verschidde Stellungnamen anzegoen. Ech géif domadder ufänken, an da géifen d'Kolleginnen an d'Kollegen och op hir Ressorten agoen an do wäerten och verschidden Erklärungen kommen. Vlächtt e puer méi generell Appreciatiounen, éier ech op dee eenzel Interventiounen aginn, déi meng Ressorte concernéieren.

Ech wéilt lech alleguete Merci soe fir déi dëst Joer dach vill méi sachlech a konstruktiv Debatt, déi mer hei hate ronderëm de Budget rectificié a ronderëm de Budget initial. Ech begreissen dat ausdrécklech. Wëssend, dass et och Jore gouf, do war dat awer vill méi polemisch. An deem Sënn, trotz den Nuancen, déi hei virbruecht goufen an der Ausriichtung an och an de politesche Prioritéiten, respektiv Ënnerscheeder, mierken ech awer och op där anerer Säit, dass eng gewëssen Ausriichtung, déi hei presentéiert gouf, net a Fro gestallt gëtt, dass och gesot gëtt, dass vill Projekte matgedroe ginn och säitens der Oppositioun. Dat ass jo och ganz gutt, mee dat weist jo och dass mer an de politesche Prioritéiten, déi mer hei fir d'Stad Diddeleng setzen, an der Ausriichtung fir och Diddeleng weiderzebréngen, hei de Schäfferot, respektiv d'Majoritéit an hirer Virgab net ganz falsch läit. Soss wäeren déi Projeten net sou matgedroe ginn. Och mat Nuancen a mat Remarken. Wat jo am demokrateschen a parlamentareschen Debat och wichteg ass. Dat war eng éischt Remark.

Eng zweet Remark ass, wann ee jo e bësse kuckt, wéi d'Diskussiounen de Moment generell hei am Land lafen, dann ass et och gutt, dass mer probéieren hei – mol geléngt et méi, mol geléngt et manner – et kann ee sécherlech net ëmmer der selwechter Meinung sinn. Mee dass dat och am Respekt ofleefvun de Meinungen. An ech mengen, dass dat nach méi an dëser Zäit wichteg ass an där Situatioun, wou mer eis befannen. Dass dat e Prinzip ass, dee mer weider sollen héichhalen. Ech mengen, dass mer dat alleguerten haut de Mueren hei fäerdeg bruecht hunn. Dat hu mer kloer ënnerstrach an dass dat och ganz gutt. Par Rapport zu enger ganzer Rei Iwwerleeungen, déi gemaach goufen, dass d'Majoritéit d'Oppositioun soll mathuelen an enger ganzer Rei Iwwerleeungen. Dat kann ee ganz sécherlech maachen. Ech wäert herno nach op e puer Momenter agoen, wou een dat sécherlech ka maachen. Ech wëll awer och zum gläiche Moment soen, mir hu jo hei awer schonn Initiative geholl, wou mer d'Oppositioun ganz staark matge-

holl hunn an ech denken do un e ganz rezent Beispill, wou jo och d'Allusioun gemaach gouf, dass de Budget da géif gemeinsam gestëmmt ginn. Et ass vu Reckeng geschwat ginn, wat awer eng relativ kleng Gemeng ass an eng aner Envergure huet. Wann ech kucken an anere Gemengen, wou vlächtt d'politesch Konstellatioun eng aner ass, do leeft et net aneschtens of wéi hei zu Diddeleng. Mee wann ech awer kucken, déi ganz Méi, déi mer eis awer och ginn hunn, och ronderëm d'Ausriichtung vum PAG. Wann ech kucken, wéi vill Reuniounen dass mer do an eisem Aarbechtsgrupp haten.

Wann ech kucken, wéi d'Kompositioun vum Aarbechtsgrupp war, wou all Partei, déi hei am Gemengerot ass, dora vertruede war. Wann ech gesinn, dass jidderee sech konnt abrénge. Wann ech gesinn, dass déi Leit, déi sech abruecht hu mat enger ganzer Rei ganz, ganz gudder Iddie vun alle Parteien an och vun der CSV. Wann een dann herno mierkt, grad an där participativer Approche, déi mer hei ganz ganz staark ënnerstrach hunn a wou och eng Rei Iwwerleeungen iwwerholl goufen, wéi dann awer herno polemisch verfuer gëtt, da steet dat am staarke Widdersproch zu der initialer Ausriichtung, déi mer eis hei ginn hate par Rapport zu enger participativer Approche. Ech ginn ëmmer dovun aus, wann een eng participativ Approche huet, wou ee Leit mathëlt, dass dat sech herno och am Schlussresultat op eng gewëssen Aart a Weis erëmispigelt. Déi Approche hunn ech am Kader vun den Debate vum PAG op alle Fall net sou rëmfonnt. Dofir fannen ech engersäits deen Appell, deen hei gemaach gëtt am staarke Widdersproch zur konstruktiver Approche. Dat wollt ech awer hei nach eng Kéier ganz kloer ervirbréngen.

Ech deelen absolut déi Remarken, déi hei gemaach goufen. Engersäits - et ass e puer Mol ugeklungen - d'Ausriichtung vun der Finanzsituatioun vun der Stad Diddeleng. Dass mer gutt opgestallt sinn. Dass mer natierlech och ofhänke vun deenen nationale Gegebenheiten, déi och en Impakt hunn op d'Gemegefinanzen. National hänke mer dann och e bësse vum europäeschen an internationale Kontext of. Ech mengen, dass mir dat weider am A wäerte behalen an dann awer déi Ausriichtung, déi mer eis hei gi fir den Investissementsvolumen héich ze halen, fir och hei d'Infrastrukturen ëmzesetzen, déi och den Diddelenger Biergerinnen a Bierger zegutt kommen, mee net nëmmen hinnen. Et si jo och eng ganz Rei Leit, déi ausserhalb vun Diddeleng heihinner kommen. A wann een déi Echoen och generell kritt, wéi Diddeleng sech an deene leschte Joren entwéckelt huet, a wann ee vun Aussestoenden dee Spiegel gewise kritt, dann ass dee ganz positiv. Dat weist also, dass ganz kloer d'Stad Diddeleng – ech wëll net soe „Back on track“ ass – mee si ass op alle Fall um Radar, an dat ass ganz gutt esou. Ech deelen och déi Appreciatioun déi hei gemaach gouf, an dat war ni eng politesch Ausriichtung déi mer haten an eise Projeten, dass mer Pompbaute wëlte maachen, dass mer Luxusbaute wëlte maachen. Mir hunn ëmmer hei dat sou gehandhaabt an och gehaushalt finanziell, dass mer Projekte maachen an och ëmsetzen, déi néideg sinn, déi wichteg sinn, mee net driwwer eraus. Och wann et mol Ënnerscheeder ginn an déi si jo och haut de Mëtte rauskomm, wann et ëm Tourismus geet. Well och dat sinn Elementer, déi wichteg sinn, wann een och gären eng gewëssen Dynamik

op verschidden Niveaue vun dëser Stad bäibehale wëll. Dat waren déi e bësse méi generell, méi iwwergeuerdent Appreciatiounen, wat de Budget ugeet.

Et ass och nach en drëtten Punkt. Et ass vill iwwert Logement geschwat ginn. Et ass e generellen, nationale Problem. Et ass ugeklungen dass mer als Stad Diddeleng an deene leschte Joren eng Rei Efforte gemaach hunn. Dat stëmmt, et ass wichteg, an deem dote Volet weider ze schaffen. Dofir hu mer jo och Kreditter virgesi fir d'Joer 2022. Natierlech muss ee sech ëmmer bewosst sinn, och wann Appelle gemaach ginn, dass mer Saachen an Eegeregie sollen an Ugrëff huelen. Jo, ganz gären. Wann een da mat anere Projete vergläicht, an dofir hu mir vläicht och de Choix gemaach, och Wunnungsbauprojeten ze maachen, mee awer méi staark mat der privater Hand zesummen. Well et awer en Realitéit ass, wa mer et an Eegeregie maachen, och deelweis – wat jo och normal ass als Acteur public – un aner Reegele gebonne sinn, deelweis och wa mer Projete wëlle lancéieren, vun Ausschreiwungen. Dat huet alles natierlech en Impakt op de Besoin deen een huet, deen identifizéiert gëtt, den Ist-Zoustand. A bis d'Realisatioun, bis dat duerch ass, dat brauch natierlech eng gewëssen Zäit.

Sécherlech, déi Projeten, déi mer lo wëlle maachen, déi wäerten sech an déi doten Approche aschreiwen, dass mer wierklech och Bauhär ginn. An der Rue du Commerce si mir jo och selwer Bauhär, do gesäit ee jo och wat dat fir een Impakt kann hu mat Ausschreiwungen, mat Corps de Métieren, déi sech vläicht dann net mellen oder wou da just ee sech mellt an och d'Präisdeierecht dobäi kënnt. A wann een dann déi Approche huet, wéi mer et lo an der Nic Bodry-Strooss maachen, do schaffe mer ganz enk mat engem Privaten zesummen, deen natierlech net déi Oplagen huet wéi en ëffentlechen Acteur, an awer probéiere mir zu engem abordabele Präis d'Acquisitioun ze maachen an och d'Subside vum Logementsministère ze kréien. Also et ass natierlech ëmmer ze kucken, wéi ee sech orientéiert an ech mengen, dat ass e gesonde Mix. Wichteg ass, dass een als ëffentlechen Acteur an als privaten Acteur och verstärkt zesumme schafft an net am Clivage nëmmen ëffentlech / nëmme privat. An de Pacte Logement gëtt eis jo och do eng Rei Méiglechkeeten, fir déi doten Zesummenaarbecht weider ze driewen. Also et ass also och do e Spagat ze maachen tëschent deenen zwou Approchen am Interêt vun de Wunnungsbauprojeten, déi mer hei wëllen ëmsetzen. Dat zu deem dote Volet.

Dann och nach eng ofschléissend, mee iwwergeuerdent Remark wat d'Fonctionnement vun eise Gemengekommissiounen ugeet. Dir leit vollkomme richteg dass, wann déi getaagt hunn, wann e Rapport gëtt - mir hunn dat ëmmer gemaach - dofir och nach eng Kéier vun hei d'Instruktioun un eis Servicer, dass mir och där Suerg solle Rechnung droen, dass dann och déi Rapporten un d'Gemengeconseillëren a – conseillegere verschéckt ginn, sou wéi dat och ëmmer Usus war. Dat als e bësse méi generell Remarken, éier ech op déi verschidde Punkten aginn hei vun der Conseillëren a Conseilleren.

Ech géif mat der Madamm Kayser ufänken. Dir hutt e bëssen den nationale Kontext gesat. Och vun der Re-

lance, déi 2022 stattfënnt. Wa mer e Wuesstem hu vun 3,5% d'nächst Joer, da leie mer zimmlech gutt. An d'Prognosen, déi mer virleien hunn, do leie mer a ganz normale Paragen. Dat wat mer dëst Joer hate vun deene 7%, dat war jo zimmlech exzeptionell no der Kris. Sou dass mer réischt 2022 an och déi Joren duerno éischter an déi normal Parage kommen, wat am Fong Lëtzebuerg ausmécht. An dat huet natierlech och an deem Sënn hoffentlech och e weidere positiven Impakt och op generell d'Staatsfinanzen an och op d'Gemengefinanzen. Virausgesat, dass net nach eng Kéier e Lockdown misst kommen. Fir de Moment gesäit et jo net sou aus. Et gi Moosname geholl, fir dat ze evitéieren. Dat ass net onwichtig. Par Rapport zu der genereller Appreciatioun zu de Projeten, déi mer hei haten och mat Devisen, mat Depassementer, déi hu missen nogestëmmt ginn. Gleeft mer, mir sinn och net frou, wa mer mussen heihinner kommen, fir dat ze maachen. Nach hu mer déi Realitéit, déi dobaussen um Terrain ass. Wéineg Entreprises, déi sech op verschidde Projete mellen. An déi wéineg, déi sech mellen, do hues de dann eng Präisdeierecht vun 30 – 40% par Rapport zum initiale Projet. Dat ass eng Realitéit mat där net nëmmen Diddeleng leeft, mee och vill aner Gemengen an de Staat d'ailleurs och. An da kënnt een natierlech heihinner an d'huet een Devisen, wou een Depassementer muss stëmmen, mee gleeft mer, mir hätten och léiwer, et wär net esou. Leider ass dat awer de Moment eng Realitéit nieft Imprevuen, déi ëmmer am Kader vun engem Projet och kënnen opkommen.

Da war déi Diskussioun gefouert gi par Rapport zum Personal. Mir hate jo hei am informelle Gemengerot d'Strategie e bëssen erörtert, wat mer selwer kënne maachen, mat externer Hëllef. An ech mengen och dat wäerte mer deementspreechend weiderféieren an am A behalen. Och wëssend dass dëst Joer d'Engagementmanner héich si wéi dat Joer virdrun. Mir wëssen, dass dat e Punkt ass, dee mer am A musse behalen. Par Rapport zu Ärer Fro zu deem temporäre Personal, wat engagéiert gëtt. Dat ass ëmmer eng Enveloppe, déi mer virgesinn. Engersäits, wann deen een oder deen aneren ausfällt duerch Congé parental, da musse mer CDDen astellen. Dofir gesi mer eis och ëmmer eng Enveloppe vir am CDD. Am Engagement temporaire hu mer och déi Leit agestellt, déi elo un der Lok wäerte schaffen. An dann hu mer och ëmmer eng kleng Enveloppe virgesi fir virun allem an deene Méint, wou eis Grénganlage méi staark beusprocht sinn, wou een och méi Entretien muss maachen, dat sinn effektiv d'Summerméint, wou mer dann och op deen een oder aneren CDD zréckgräife fir d'Entretiensaarbechten ze maachen. Dat sinn déi Äntwerten, déi ech lech ka ginn. Ech leie ganz bei lech wann Der sot – an déi Diskussioun hate mer jo och schon d'lescht Woch – dass, wa mer eng Taxenerhéijung maachen, an déi hu mer jo d'lescht Woch gemaach, dass mer dann och kloer sollen no bausse kommunizéieren, firwat dass mer dat musse maachen. Fir dass de Bierger och versteet, firwat dass een hei eng Taxenerhéijung mécht. Mir maachen dat jo net fir d'Biergerinnen an d'Bierger ze schikanéieren. Mir maache se, well mer eis musse konforméiere par Rapport zum Gesetz. An natierlech sollen dann och déi Mechanisme gräifen, déi mer hunn, wa mer Leit hunn, déi a méi prekäre Situatiounen sinn. Dass déi natierlech och sollen

ënnert d'Äerm gegräff kréien. An do hu mer jo eng ganz Rei Outilen, notamment iwwert dënn Office social an d'Allocation de Vie chère.

De CGDIS, ech hat et och d'lescht Woch gesot, dat ass 1% an eisem Budget. Dat ass eng Hausse. Och do applizéiere mer déi Virgaben, déi mer vum Verwaltungsrot vum CGDIS kréien. Dat baséiert jo am Fong op dem Vott, deen de Verwaltungsrot vum GGDIS hält. 50% Staat, 50% Gemengen, a bei de Gemenge si jo och all politesch Parteien dra vertrueden, déi deen dote Budget stëmmen an deen dann och weider gereecht gëtt un déi 102 Gemengen an hirer Contributioun fir d'zivil Sécherheet. Op déi Depassementer vun den Depense extraordinairë sinn ech agaangen. Par Rapport zu der initialer Planung, sief dat elo den Déierenasyl, sief dat d'Gemengenatelieren, ass et natierlech och ëmmer e gewëssen Ënnerscheed ab deem Moment, wou ee mat der Planung ufänkt bis de Projet définitif. Do kënnen och mol Variatiounen stattfannen – an dat ass eng Flexibilitéit, déi ee sech jo och ka gi par Rapport zu der Planung an de Finanzen. Dass en cours de route nach Iwwerlegungen opkommen, déi Sënn maache fir de Projet, dann huet een och all Interêt, quidd, dass et do e bësse méi deier gëtt, dat mat eranzehuelen, wéi se dann herno komplett ewechzeloossen. Well e Projet gëtt rarement ëmgesat 1:1, wéi en initial ugeduecht war. Et ass jo och e gewëssene Prozess an deem Ganzen.

Par Rapport zum CGDIS, do hat Der gesot, do géif et näischt Konkretes ginn. Dach et gëtt Konkretes. Dee selwechte CGDIS, dee jo hei 1% vun eisem Budget ausmécht, wou mer d'Contributioun maachen zu der ziviler Sécherheet, do huet sech de Verwaltungsrot vum CGDIS jo ganz kloer fir de Standuert Diddeleng entscheet. Do wäert och de CGDIS Bauhär ginn a mir hu jo och am Kader vum PAG déi doten Zuel ausgewisen, fir dass de CGDIS do ka gebaut ginn. Si si lo um Zuch, fir deen dote Projet ëmzesetzen. Si hunn de Projet jo confirméiert, also steet där Saach och näischt am Wee, fir dass déi dote Saach ka stattfannen, wann och de PAG bis a Kraaft ass. Well sou laang wéi de PAG net a Kraaft ass kann natierlech do net gebaut ginn.

Dann, par Rapport zu de Kommissiounen, do war ech drop agaangen. Par Rapport zu den techneschen Installatiounen wat Lenkeschlei ugeet, do wollt ech och nach preziséieren: dat eent waren déi 44.000.- Euro déi mer virgesinn hunn am Budget fir d'Etüden, fir d'Reseauen. An déi Millioun déi mer dran hunn, dat sinn d'Aarbechten, dat ass separat. Also dat eent sinn d'Etüde-Käschten an dat anert sinn d'Aarbechte separat, déi um Réseau geplangt sinn, dofir huet een och déi Differenz.

Par Rapport zur Diddelenger Baach, déi Capacité hydraulique. Dat ass einfach déi Méiglechkeet déi mer eis gi fir d'Reewaasser anzeleeden, an datt et dann och duerch de Réckhaltebecke ka gedrosselt ginn. Dat ass dat, wat den Här Kommosk mer lo nach confirméiert huet, dass do déi Aarbechte musse gemaach ginn un der Diddelenger Baach, fir hir hydraulesch Kapazitéite kënnen ze iwwerpräiwen. Par Rapport zum Veräinshaus, do hat ech ugangs déi generell Remark gemaach. Jo, et ass an dräi Joer gemaach ginn, mee well do eng Rei Prozeduren, déi den ëffentlechen Acteur muss anhalen, net

brauchen agehalen ze ginn. Ergo kënnt een natierlech an eng Situatioun, wou ee méi schnell ka bauen an och méi schnell ka konkrete Resultater a Besoinen nogoen, wéi wann et en ëffentlechen Acteur ass. Dofir ganz kloer hei eng Approche, wou een déi zwee muss hunn, wann ee sou Projeten ëmsetzt. Mee et ass awer och e gutt Beispill vun enger gudder Zesummenaarbecht tëschent engem ëffentlechen an engem privaten Acteur. Dir sidd virdrun och op NeiSchmelz agaangen. Déi zwee Projet de Loien, déi goufen deposéiert, déi huele lo hire Laf an der administrativer Prozedur. Dëse Schäfferot an dës Majoritéit hunn ni um Projet gezweiwelt, fir de Centre national de Collections publiques hei op Diddeleng ze kréien. Mir haten do e fermt Engagement vun der Kulturministesch fir deen dote Projet. D'CSV huet dat ëmmer a Fro gestallt, ob mir dat iwwerhaupt kréien. Ech hu méi wéi eng Kéier hei gesot, dass mer dat net brauchen a Fro ze stellen an do net brauchen drun ze zweiwelen. Ergo hu mer jo lo och kloer de politesche Message kritt, dass dat op Diddeleng kënnt. Dat ass och net onwichtig, grad wann ee kuckt, wat fir eng kulturell Ausrichtung dës Stad huet säit iwwer 30 Joer. Wann ech kucken, wat d'nächst Joer hei an dëser Südregioun lass ass. Do ass e staarke kulturelle Commitment och vis-à-vis vun der Stad Diddeleng. An de Moment ass et um Kulturministère, virun allem mat Bâtiments publics, well et jo en ëffentlecht Gebai gëtt, fir déi néideg Etüden ze maachen. De Staat huet jo och déi néideg Kreditter gi fir Etüden ze maachen, wou et besser hikënnt. Laminor, Walzwierk oder en Deel an déi zwee. Dat ass déi Flexibilitéit, déi si sech ginn. An da musse mer natierlech am Kader vun NeiSchmelz och kucken. Et war jo an der Zäit ëmmer geplangt, dass d'Filmindustrie op d'Walzwierk sollt kommen. Mir hunn eis jo do och mat der Planung eng gewësse Flexibilitéit gelooss. Souwisou, wann déi Etüde bis virleien, da gëtt och do e Projet de Loi deposéiert fir deen dote Projet kënnen ëmzesetzen. Fir d'éischt kënnt dann den drëtten Projet de Loi och fir deen doten, well dat jo och en Infrastrukturprojet gëtt fir de Staat.

Par Rapport zu den Infrastrukturaarbechten. Hei den Appell, dass mer eis Hausaufgabe solle maachen. Do si mer jo scho laang am Gaang, well et jo och eng politesch Volontéit war, de Site NeiSchmelz ze beliewen an och déi dote Gebailechkeeten instandzesetze fir dass do Liewe ka stattfannen. An ech mengen, dass mer jo och zesummen un engem Strang zéien, fir dass 2022 och méi längerfristeg Saache kënnen op deem Site gemaach ginn. En attendant dass de ganze Projet ëmgebaut gëtt.

Déi Fro par Rapport zu der Geothermie, do ass elo den Energieministère um Lead. Déi hu jo eng Rei vun Etüden misse maache fir och déi zweet Phas vu Geothermie kënnen hei virzehuelen. Awer e bësse méi breet ausgeluecht. Net nëmme wat Diddeleng ugeet, mee generell wat d'Südregioun ugeet, well fir d'ganz Südregioun e gewëssent Potenzial do ass fir Geothermie. Fir dat kënnen ze maachen hu se jo och misse eng Rei Autorisatiounen eranhuelen, eng Rei Etüde maachen. Dat heescht, dat leeft. Et ass e bësse méi breet ausgeluecht, mee awer nach ëmmer de Fokus op Diddeleng. A wann et sou wäit ass, dann ass et wichtig, déi nächst Etapp de Bierger dobaussen ze kommunizéieren.

Déi Demande. Déi éffentlech Gebaier. Eng Etüd fir d'Schoul op NeiSchmelz. Dat musse mer ufänken ze plangen an eis einfach emol Kreditter ze ginn. Déi zwee Projet de Loie sinn elo déposiert. Quitt, dass d'Schoul lo nach net direkt steet an d'Awunner jo net direkt all-egueren do sinn, fir alles opzefänken. Mee op alle Fall ass et wichteg, dat einfach ze plangen.

Par Rapport nach eng Kéier zum Spidol an zur Médecine de Proximité. Engersäits mengen ech net, dass dat e Problem wär, wann haut d'ITM eng Kontroll géif maachen, well de CHEM als Exploiteur vun 3 Sitte mengen ech awer konform ass par Rapport zu senger Exploitioun. Ech mengen net dass am Secteur hospitalier en Exploiteur et sech erlabe kéint, net konform ze si par Rapport zur Dénsgschtleeschung, déi en do bréngt. Dat heescht am Kader vun der Exploitioun, en tant que telle, vun deene Saachen, déi en exploitéiert, ass e sécherlech konform. An et war jo ëmmer och gewosst, dass och NeiSchmelz eng Alternativ ass. An dat weess souwuel de CHEM wéi och d'Planer vun NeiSchmelz, dass eng Poliklinik um Site NeiSchmelz och nach ëmmer méiglech ass. Dofir hu mir dat och am Kader vun der Planung opgehooll.

De ganze Volet Mobilitéit NeiSchmelz, mat deem ganzen Impakt op Diddeleng, do wäerte mer sécherlech am éischte Semester vum nächste Joer eng gemeinsam Demarche maachen, wou souwuel de Logementsminister, d'Kulturministesch an den Transportminister op Diddeleng kommen. Wou mer dann engersäits NeiSchmelz presentéieren, déi zwee Projet de Loien, an doriwwer diskutéieren. De Kulturprojet an och de Volet Mobilitéit fir NeiSchmelz an och fir ganz Diddeleng. Et ass e Gesamt-Package, wou och en Impakt op Diddeleng huet. Dass mer de Biergerinnen a Bierger dat och presentéieren an doriwwer diskutéieren. Dat wäerte mer maachen. Dat war och eng rezent Diskussioun, déi mer mat der Regierung haten, fir dat och hei kënnen dann no vir ze bréngen.

Par Rapport zu der Remark vum Greisendall. Ech kann lech soen, dass ech do konform war par Rapport zu deem, wat ech hei gesot hunn. Wat herno bruecht ginn ass, do muss ech soen, do war ech och iwwerrascht. Well et de Moment ausser der Ausriichtung vum Projet näischt Konkretes gëtt, ausser vläicht 3:55:14 d'Billegger Foto, mee do gëtt et nach näischt Konkretes. A wéi ech de Reportage entdeckt hunn, war ech och e bëssen iwwerrascht an ech wollt och deen dote Message sou weiderginn. Mee ech verstinn effektiv, wann een eng Diskussioun hei moies féiert, an ech hunn lech och do gesot, wat ech wousst, a wann dann aner Biller gewise goufen, war ech och e bëssen iwwerrascht par Rapport zu där doter Saach, well et awer de Moment näischt Konkretes gëtt. An do muss jo och e PAP gemaach ginn, sou wéi et am PAP ausgewisen ass, kënnen jo do och Aktivitéitszonen entstoën. Et ass jo och gutt, dass e Privaten hei de Lead wëll iwwerhuelen. Well och deen dote Wee ass vläicht eng Äntwert op eng Remark, déi gemaach gouf, fir do Aarbechtsplazen ze schafen, well do wou Aktivitéitszonen entstinn, do entstinn dann och Aarbechtsplazen.

Par Rapport zur Madamm Bodry-Kohn. Ech sinn do absolut där selwechter Meenung wat d'Ausriichtung ugeet

vun der finanzieller Situatioun vun der Stad Diddeleng. Ech mengen, dass mer do och virsiichteg gehaushalt hunn an dat och probéieren ze maachen. Ech mengen dass mer do deckungsgläich sinn, wat d'Finanzsituatioun vun der Stad Diddeleng ugeet.

Da par Rapport zu der Madamm Heinen. D'Fro, firwat d'Biennallen an d'Luucht ginn. Dat ass Partie integrante vun der Evolutioun vun der Carrière vun deene Leit, déi an der Fonction publique schaffen. Dat hänkt vun der Masse salariale of. Dat hänkt och vun deene verschiddene Graden of, an deenen eis Leit sinn a vun den Avancementer. Op alle Fall ass dat e ganz normale Prozess an der Evolutioun vun der Carrière en Fonction vun der Masse salariale.

Déi Iwwerleeung vun der 4. Phas vun dem Shared Space. Ech hunn eraushéieren, dass Der d'Planung vun der 4. Phas vun dem Shared Space net a Fro gestallt hutt. Mee natierlech gëtt an der Planung vun der 4. Phas de Volet vun der Mobilité active och beduecht. Et geet bis bei d'Place Fohrman, well d'Place Fohrman, en tant que telle, mam Schwaarze Wee, dat ass jo Partie intégrante vum PAP Norden NeiSchmelz. Wat mir maachen dat ass am Fong d'Planung vun der 3. Phas bis bei deen dote PAP. Mee et ass d'Iddi, dass een do eng koherent Approche huet an deenen zwee Voleten. Sief et de PAP Norden, dee mer jo och hei gestëmmt hunn, mee awer och déi 4. Phas vum Shared Space, do ass natierlech d'Mobilité active e feste Bestanddeel. An déi Kontinuitéit soll ee weider mathuelen an dat ass och Partie intégrante vun deenen doten Iwwerleeungen.

Par Rapport zum CAD, zum Terrain. Do hu mer eng ganz positiv Réckmeldung kritt vum Propriétaire. Deen ass bereet, eis déi Terrainen zur Verfügung ze stelle fir deen dote Projet. Mir souze lo kierzlech zesammen, an et ass eng positiv Approche, wat deen dote Projet kann ugoen, sou dass mer dee kënnen weiderdreiwen.

Da par Rapport zu der Madamm Erpelding, déi eng éischt Remark gemaach huet par Rapport zu der Finanzkommissioun, dass een do d'Dokumenter éischter soll kréien. Ech verstinn dat, mee dat ass immens schwierereg. Mir schécke jo Donneschdes dat eraus. Freides geet et jo offiziell un d'Membere vum Gemengerot, well de Gemengerot jo déi Woch drop ass. Et muss ee jo wëssen, dass awer d'Ausschaffe vun engem Budget en immens stressege Moment ass, wou een am leschte Moment och nach Zuele kritt, deelweis och vun de Syndikater ofhängeg ass, déi och hire Budget stëmmen an déi Saachen eraschécken. Also fir do nach ze optiméieren, fir nach éischter de Budget ze kréien, ass zimmlech schwierereg. Wëssend dass ee probéiert, och nach de leschte Moment alles eranzehuelen, fir dass de Budget sou komplett ass wéi méiglech. An op där anerer Säit ass jo och de Volet vun der Finanzkommissioun geduecht, fir déi éischt gréisser Projeten ze erklären, Ausriichtungen ze erkläre vum Budget. Ech mengen dass do den Optiméierungsgrad dee mer hu ganz geréng ass. Wëssend dass do virdru ganz vill a ganz staark geschafft gëtt fir kënnen de Budget oprecht ze erhalen. Ech deelen och absolut Är Aschätzung, wann Der sot, dass Verscholdung per se net schlecht ass, wann et drëms geet, Infrastrukturprojeten ze finanz-

éieren, déi och deenen nächste Generatiounen zegutt kommen. Dat ass jo och ëmmer déi Optik, déi mer hei als Stad Diddeleng haten. An awer och der Meenung sinn, dass mer nëmmen dann en Emprunt sollten ophuelen, wann et néideg ass. Wann et net néideg wär, da géif dat souwisou net gestatt gi vum Interieur. Mee et wäerten awer och Zäite kommen, wou mer hei Emprunte wäerte mussen ophuelen. Ech weess net, wéi wäit dat dës Joer wäert sinn oder manner wäerten ophuelen, wéi dat soss de Fall war. Mee spéitstens wann NeiSchmelz kënnt, do wäerte mer als Stad Diddeleng eng Rei Emprunte missen ophuelen. Mee dofir mengen ech awer och, dass déi Finanzsituatioun, déi mer lo an der Stad Diddeleng hunn, déi jo ganz ganz gesond ass, eis awer zegutt kënnt an der genereller Verscholdung, déi mer dann hunn duerch NeiSchmelz. Dat heescht, den Ausgangspunkt ass e ganz positiven. Wa mer lo scho staark verscholt wieren an déi Neiverscholdung géif nach méi héich ausfalen duerch NeiSchmelz, da wäre mer e bëssen an enger anerer politescher Situatioun, wéi dat de Moment de Fall wär.

Par Rapport zum Logement sinn ech jo virdrun drop agaangen, dass mer eng Rei Projeten an Ausiicht hu fir 2022. A wa mer - wéi et och hei gefrot gétt - an Eegeregie Saache maache sollen, dann hält dat och Zäit an Usproch par Rapport zu der Realitéit, déi mer de Moment um Terrain hunn. Är Remark zum Projet an der Albert Schweitzer-Strooss. Dat ass a Projet, do ass e PAP Nouveau Quartier drop. Am Kader vum PAG ass dee jo deementspreechend dran, an et ass eng HAB1-Zon am Kader vum der genereller Planung vum deem dote Site. Dofir hu mer dat doten och geholl a mir hunn hei de Pachtvertrag 1:1 iwwerholl, well jo och do Leit dat pachten. Et war lo keng Optioun fir dat direkt ze kënnen, mee mir hu jo och do eng Reserve foncière.

Par Rapport zu der Geschäftswelt deelen ech Är Meenung net. Dat hat ech jo och am leschte Gemengerot gesot, well et och hei wichteg ass, e Mix ze hunn tëschent Jonker, déi sech lancéieren, déi ee probéiert ze ënnerstëtzen an awer och confirméiert Geschäftsleit, déi nach ni hei zu Diddeleng waren, an déi awer soen, dass e interessant ass, méi eng kleng Struktur hei zu Diddeleng opzemaachen an och do hiren Knowhow an hir Expertis mat rabréngen. Ech ka mir et awer net verknäife fir ze soen dass deen Appell hei mam Loyer, och vis-à-vis vun Ouni – Ouni ass an där Situatioun, wou se den Moment ass net duerch d'Gemeng, mee éischter, wéi een et jo och aus hire Publikatiounen eraushéieren huet, duerch aner Situatiounen, déi ech elo hei net wëll belichten. Mee do muss OUNI seng Hausaufgabe maachen vis-à-vis vun Engagementen, déi en huet vis-à-vis vum sengem Memberen oder de Leit, déi Parten hunn an der Kooperativ, respektiv vis-à-vis vum hirem Locataire. Da war dat par Rapport zum Kollektivvertrag. Jo deen hu mer ofgeschloss, do ginn déi nächst weider. Par Rapport zur Kommissioun hunn ech geäntwert.

Par Rapport zum Här Gangler sinn ech och Är Meenung, dass mir an dësem Budget ganz wéineg Spuerpotenzial hunn, well mer bei den Depense ordinaires awer probéieren de Kader ze halen, gutt ze haushalten. Merci och fir déi doten Unerkennung, déi d'Oppositioun eis hei gétt an der Haushaltung. Mir geheien hei d'Suen

net aus der Fënster eraus. A mir hunn och hei keng Prestigeprojeten. Dass nei Taxe solle kommen, dat ass mer nei. Mee den Här Manderscheid ka vläicht nach eng Kéier drop agoen, mee wat d'Mülltax ugeet, dat ass op jiddwer Fall am Ament keng Diskussioun.

Par Rapport zu der Gymnich-Plaz. Jo, dat sollte mer zesumme koordinéieren, och well mir do wäerte Bauhär a Planer sinn. Quitt dass d'Ëmgestaltung vum der Gymnich-Plaz sécherlech wäert manner laang dauere wéi déi vum der Butschebuerger Strooss. Ech hoffen et mol. Et soll een dat zesumme kucken a koordinéieren. A wann een d'Place Gymnich ëmgestalt, dat wäert dat éischter zum Schluss si vum der Fäerdegstellung vum der Butschebuerger Strooss wéi am Ufank. Mee dee Phasage soll een zesumme kënnen koordinéieren.

Par Rapport zu der Madamm Ahmedova. Dass mer do solle selwer méi proaktiv ginn, do hunn ech lech mengen ech scho gesot, wat do de Spagat ass. Par Rapport zu de Subsiden. Zu der Einliegerwohnung. Wann een do muss Travaux de transformation maachen, do mengen ech net, dass een de Leit onbedéngt soll e Subsid gi wa se wëllen eng Einliegerwohnung maachen. Wat mir awer ganz gäre kënnen maachen, an dat maache mir och souwisou wann d'Leit an déi dote Richtung wëlle goen, well mer iwwer de PAG déi dote Méiglechkeet ginn hunn, dass mer se als Gemeng begleeden. Dass mer als Gemeng soen: ënnert där Form ass et méiglech, ënnert där Form ass et net méiglech. Dat kënnen mir lech geneemegen an dat kënnen mir lech net geneemegen. Do hält och elo scho wéi bei anere Bauprojeten de Service technique e Rôle als Begleeder. Och do sti mer dem Berger zur Verfügung fir en a sengem Projet fir Ëmbaauarbechte kënnen sou gutt wéi méiglech ze begleeden.

Par Rapport zu Terrainen, dass mer déi sollen uloune fir abordabele Wunnraum, do kann ech lech soen, dass dat hei zu Diddeleng net anescht ass wéi op anere Plazen. Ausser de Propriétaire wär en éffentlechen Träger, deen ass dann nach gäre bereet, den Terrain ze lounen oder eng Emphytéos ze ginn. Privat Propriétaires, déi wëllen entweder en Terrain en Retour, en Echange. Oder déi wëlle gäre verkafen. Déi mannste si bereet, hiren Terrain ze verlounen, fir dass een abordabele Wunnraum ka maachen. Et wär natierlech ganz interessant, mee et ass immens schwiereg.

Par Rapport zum Pacte Logement, zu deenen 0,5 Milliounen Euro, déi mer aschreiwen. Dat sinn am Fong 3 Saachen. Engersäits fënnt een déi hallef Millioun eng Kéier an der Recettë-Säit, an der Depensë-Säit, dann awer och an der Recettë-Säit tout court, well mer eis jo hei un d'Gesetz vum Pacte Logement halen, wou mer jo hei maximal déi Tranche vu 500.000.- Euro kréien, an déi musse mer jo dann engem Projet zouschreiwen. Wat dës Kéier dann am Kader vu Lenkeschléi gemaach gétt fir 2022. Et geet eng Kéier eran, eng Kéier raus an eng Kéier ganz affektéiert.

An dann och den Ënnerschied vum 91.000.- an 53.000.- dat ass engersäits de Surplus vum den Awunner, dat war nach am ale Pacte Logement. An dann hu mer den Dekont 2020, dee weist dann 53.000.- an dofir huet een hei dann och déi Ënnerscheeder. Op der Säit 153,

wou mer gesot hu mam Emprunt. Mir hu jo deen theoreteschen Emprunt ageschriwwen vum 20 Milliounen am Initial, deen hu mer jo net gebraucht. Dofir hu mer am Rectifié 0 drastoen. An dann am Initial 2022 nach eng Kéier déi 30 Milliounen par Rapport dozou. Op mer se dann zéien ass eng aner Saach. Deen Ënnerscheed vu 4,4 op 2,4 Milliounen an de Recetten, dat huet ëmmer mat de Projeten ze dinn a mat de Subsiden, déi mer vum Staat kréien. Dat variéiert natierlech vu Joer zu Joer. A bei de Primes d'Amélioration, dee Montant geet de Moment duer, an do leene mir eis jo un un dat, wat de Staat gëtt. Mir hu jo generell de Prinzip, dass, wann de Staat Subside gëtt, mir eis drun uleenen. Hei leene mir eis un zu 75%. Dofir effektiv hei dann dee Montant vu 25.000.- Euro. Dat ass dat, wat mir gi par Rapport zu der staatlecher Subventioun.

Dann, mat der Madamm Andrich, do deelen ech absolut net hir Aschätzung, wat de Standuert Diddeleng ugeet, dass dat éischter regressiv wär. Et sinn awer och eng ganz Rëtsch nei Betriber, déi sech hei ugesidelt hunn. Se ginn net all fort, sou wéi Dir dat hei duerstellt. Ech mengen elo hu mer Planungssécherheet, wat mer vir-drin ni hate mat Koibestrachen. Dass et eng national Zon ass. Dass hei och e staarke Commitment ass vum Wirtschaftsministère, fir déi doten Zon ze entwéckelen. Deemools ass jo och mat Zesummenaarbecht vum Staat decidéiert ginn, dass de Staatslabo dohinner kënnt an och nach aner staatlech Servicer. Dofir d'Behauptung ze maachen „Ausser Spesen nichts gewesen“ dat ass net richtig, well mer lo mam LNS en Acteur do hunn, dee ganz kloer gewisen huet, wéi wichteg en ass am Kader vun der Covid-Kris. A vu dass et lo eng national Zon ass, kënne mer dat jo och maachen. An Dir hutt jo och matkritt, am Kader vum PAG, dee mer hei gestëmmt hunn, dass mer deem jo och Rechnung gedroen hu fir kënne déi weider Planung mam Wirtschaftsministère ze maachen.

Wéi natierlech d'Situatioun ass vu verschiddenen Entreprises hei zu Diddeleng, déi dann éischter en internationale Charakter hunn, dat sinn natierlech ëmmer d'Aléase vu verschiddenen Investissementen, déi mol méi, mol manner richtig gemaach ginn, A wa se richtig gemaach ginn, da ginn Aarbechtsplaze geschaaft, wa se net richtig gemaach ginn, da ginn Aarbechtsplazen ofgeschaaft. Dat huet natierlech och eng international Envergnung. Ech wëll awer och hei nach eng Kéier ënnersträichen dass mer um Punkt gewiescht wäere fir Aarbechtsplazen ze schafe fir 100 Leit mat enger Extensioun op 200 Leit an enger nationaler Industriezon, wou d'Terrainen à Cheval tëschent Diddeleng a Beetebuerg sinn. Also wann een hei schwätzt iwwert Aarbechtsplaze schafen, da muss ee sech och d'Fro stellen, wat ass eis Industriepolitik generell wäert hei zu Diddeleng mat allen Nuancen hei am Land an hei zu Diddeleng. Mee mir haten d'Méiglechkeet, hei zu Diddeleng Aarbechtsplazen ze schafe mat engem Projet, wou eng ganz Rei Korrekturen hätte kënne virgeholl ginn. Bon, de Projet ass schlussendlech näischt ginn, mat allem Impakt, wou dat da kann hunn.

Par Rapport zu Ärer Demande, ob déi Iwwerleeunge vu Witry & Witry mat erageholl gi fir Koibestrachen. Natierlech gëtt dat gemaach. Mee hei natierlech och déi

Ausrichtung vun enger kommunaler, regionaler Zon, déi mer hei eranhuelen. Et ass jo e bëssen en neie Moment. Dofir gëtt iwwergeuerdent och mam Wirtschaftsministère gekuckt, fir dann déi heiten Zon ze urbaniséieren, respektiv och do Etüden ze maachen. Dat kritt awer eng aner Ausrichtung, eng aner Nues, wéi deemools.

Mee déi Aarbecht, déi deemools vu Witry & Witry gemaach gouf, déi war net fir näischt, well se och Bestanddeel ass fir hei eng Stéchstrooss ze maache vun der Entrée vun Diddeleng erop op Näerzeng. Dat gëtt jo nëmmen da Sënn, wann dat ganz Areal entwéckelt ass. An Dir hutt et jo selwer gesot, do si ganz vill Privatleit, déi Proprietär sinn. Da wësst Dir jo och wat den Enjeu ass, fir sou eng Zon ze entwéckelen. Well do muss een dann eng aktiv Demarche maache bei deene private Leit, fir déi doten Zon ze entwéckelen. An ech kann lech soen, dat wäert net evident ginn. Einfach bei Leit en Demarchage maache fir eng Stéchstrooss ze maachen, ech mengen dass do d'Leit sécherlech Neen soe wäerten, dass een do e Gesamtkonzept muss hu fir dat kënne ëmzesetzen. Also Dir sot zwar: „Ausser Spesen nichts gewesen“ Also ech muss soen, Madamm Andrich, an dat ass deen eenzegen Ecart, wou ech hei wäert maachen, bei deene Punkten, wou ech drop aginn, dass Dir eng verzerrte Vue hutt, wat d'Entwécklung ugeet vun engem Areal. Well do eng ganz Rei Enjeue sinn, déi een net alleguer ka maîtriséieren. An do hunn och nach eng ganz Rei aner Acteuren d'Hand drop, déi soen, ob ee kann an eng Richtung zéien oder net.

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV): Dat ass e Mëssverständnis. „Ausser Spesen nichts gewesen“ dat war op Helper.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ech kommen och op Helper zrëck. Wann et fir dat wär, dann deelen ech och net déi Aschätzung, well wa mer do eng kommunal Zon maachen, och dat hu mer am PAG ausgewisen. Dir waart jo och bei deene Reuniounen, wou mer iwwer de PAG geschwat hunn dobäi hei am Gemengerot, ausser Dir wiert entschëllegt gewiescht. Do hu mer jo Prämissen geschaaft am Kader vum PAG, fir dat ze entwéckelen. Et ware jo och Leit, déi reklaméiert hunn. Och do ass et hoergenau d'selwecht wéi bei Koibestrachen. Wa mer do wëllen eng kommunal Zon maachen, maache mer eng Demarche bei déi Leit fir kënne déi Terrainen ze kafen. An ech soen nach eng Kéier, déi Leit, déi hei zu Diddeleng wunnen an do Proprietär si vum Terrainen, déi hunn eng aner Vue wat d'Entwécklung vum Terrain ugeet, wéi déi Leit, déi do Proprietär sinn an net hei zu Diddeleng wunnen. Méi brauch ech net ze soen. Mee nach, mir maache jo awer eng aktiv Demarche. Am PAG hu mir jo awer ganz gutt de Kader gesat, wéi dee Site sech entwéckele kann. Dat also par Rapport zu deem dote Volet. An natierlech, an do leit Dir ganz richtig Madamm Andrich, och den Ëmweltministère wäert bei der Entwécklung vun deenen zwou Zonen matschwätzen. Deemno wat een dann och vu Kompensatiounsmoossenname muss huelen. Et ass hei net anescht wéi bei anere Projeten an et huet alles en Impakt op d'Entwécklung vun enger Zon. Et sinn ëmmer eng ganz Rei vu Parametere, déi een hei muss berécksiichtegen. An et gesäit ee jo och wéi laang dass d'Entwécklung vu villen Zonen hei am Land deements-



priechend och dauert. Par Rapport zu der Gestaltung vun der Nord-Entrée vun Diddeleng. Déi Gestaltung ass jo och gemaach ginn duerch de Rond-Point, wou eng Rei Accèsen gemaach goufen. Do ass bis op Weideres an deem Dossier kee weidere Moment.

Da par Rapport zur Remark vum Här Martini, an domat schléissen ech of, zu den Terrasse par Rapport zum Stadhaus. Dat kléngt natierlech gutt. Natierlech muss ee wëssen: Wiem attribuëiert een déi Terrassen? An natierlech gëtt dat och nëmme Sënn, well et e risegrousst Areal ass, sinn déi Leit dann och à même dat ze assurëieren? Och en Fonction vun do, wou de Commerce ass? Dat ass net evident, an dat ass och e Sécherheetsproblem, well een do och iwwer Stroosse muss goen, wann ee kuckt, wat déi Commerces environnants sinn. Mee wann een déi ganz Plaz zur Verfügung stellt, sinn och sécherlech nach anerer drun interesséiert.

Et ass ëmmer einfach gesot: Komm mer stellen d'Gemeengeplaz zur Verfügung. Mee hannendru stelle sech awer eng ganz Rei aner Froen vun der Attributioun an och vun der Equitéit vun der Attributioun. Also mengen ech ass dat doten net evident. Mee déi Approche, déi Dir gesot hutt, dass mer och d'Terrasse méi opmaachen, bei deene besteeënden Terrassen, déi méi opmaachen, dat hu mer jo och gemaach an et steet jo och näischt am Wee fir dass mer dat solle weiderdreiwen. Ech hat probéiert, op déi verschidde Punkten anzegoen, lo ginn ech d'Wuert weider un de Loris Spina.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter, ech wëlt aféierend dat widderhuelen, wat de Buergermeeschter scho virginn huet. Heibannen ass jo bal eng weihnachtlech bis besonnen Atmosphär: Ech fannen et ass awer wichteg, dass mir hei eiser Virbildroll déi mer hu gerecht ginn, wann ee bedenkt wéi et dobaussen op de soziale Reseauen, respektiv während den Demonstratiounen vir sech geet, ass dat heiten den absolut richtege Wee. Och wann een natierlech iwwert den Inhalt vun deene verschiddenen Intervenanten dierf diskutëieren an debattëieren. Mee och dat ass jo eng Zort vu Bedeelegung.

Da wär ech bei der Biergerbedeelegung. Merci, dass dat bei villen hei lo och als Thema ugesi gëtt, oder erëmerkannt, bzw. undiskutëiert gouf. De Jugendgemengerot deet sech effektiv e bësse schwéier. Do ass et net sou kloer strukturéiert wéi am Kannergemengerot, wou et e bësse méi einfach ass, aus all eise Schoulen zwee bis dräi Representanten ze kréien. Do fanne Wale an all den Schoulen statt, deemtspriechend ass dat e bësse méi einfach.

De Jugendgemengerot, do si mer am Fong frou, wann ee sech mell, an déi dierfen dann och do matmaachen, do muss keng Wale stattfannen. Dofir ware mer jo och op de Wee gaangen, fir d'Jugendhaus mat dobäizehuelen. An de Lycée. De Lycée Nic Biever war vun Ufank un dobäi, well déi jo am Fong och un der Quell setzen. Och do hu mer eise Partner, d'Universitéit Lëtzebuerg drop higewisen, deen Dossier, dat Konzept eng Kéier ënnert d'Lupp ze huelen an do hu si och eng Rei vu Propose gemaach, déi mir probéieren an den nächste Méint a Joren ëmzesetzen, fir dass mer do e bësse méi Dynamik rakkéien. Dat heescht net, dass guer näischt stattfonnt huet an deem Kader. Dee leschten aktuelle Projet, wou se am Gaang sinn drun ze schaffen ass an der Zoufftgengerstrooss, wou uewen dee kleng Fussballterrain ass, wou eis Cité Jardinière ass. Dat ass e Projet, dee sech de Jugendgemengerot ënnert den Nol gerappt huet, wou si am Fong d'Initiativ geholl haten. An och un d'Encadranten, also d'Educatricen aus dem Jugendhaus, ass erugetruede ginn, fir dass een zesummen e Projet mécht, fir dass déi Plaz e bësse méi genotzt gëtt. Tout en sachant, dass wa sou eng Plaz, déi sou zentral läit, wou och méi Wunnenge ronderëm sinn, dat och aner Problemer mat sech bréngt, wéi mer et och schonn op anere Plazen hei an Diddeleng haten. Dat heescht, do muss een e gesonde Mëttelwee fannen, deemno ass dat e flotten a spannende Projet. Mir müssen eis och iwwerleeën, och op Urode vun der Uni Lëtzebuerg, ob een do vläicht en aneren Numm sicht. Jugendgemengerot kléngt vläicht fir deen een oder anere steif an ofschreckend. Natierlech muss mer reegelméisseg Publicitéit maachen op deene Plazen, wou déi Jonk ënnerwee sinn. Warscheinlech net méi Facebook. Dat sinn dann aner Saache wéi Instagram oder TikTok fir nëmmen déi elo ze nennen. Bezéiungsweis vläicht och nees e Flyer, deen erkläert, wat de Jugendgemengerot ass – oder wéi en herno och wäert genannt ginn – a wat och do d'Aufgabe sinn a firwat ee sech do soll engagëieren. Do si mer eis bewosst, wéi mer hei de Moien och schonn e puer Mol gesot hunn, dass mer do e bësse Loft no uewen hunn. Quitt, dass et do méi schwéier ass.

De Budget participatif ass och vun e puer Bänken ugeschwat ginn. Dat ass och eppes ganz Spannendes, an do ginn et och ganz verschidde Modeller. An déi Suen, déi de Moment virgesi si ronderëm d'Kommunikatioun an den Appell an awer och déi Voting Plattform, fir déi ze installéieren. Dat ass e relativ opwenege Prozess, deen do op eis wäert waarden, a fir dat net iwwert de Knéi ze brieche hu mer eis do ee Joer Virbereedung gi fir d'Decisioun ze fannen, wéi een oder wéi eng Projeten ëmgesat ginn. An dat dann 2023 konkret a Musek ëmzesetzen. Mir waren och der Meenung, dat net pro Quartier ze maachen, wéi dat proposéiert gouf, well dee Budget participatif eppes soll sinn, wou jiddwereen, ganz Diddeleng soll matmaache mol an enger éischter Phas. Wat dann herno zrëckbehale gëtt, dat ass dann e bëssen eppes anescht. Sou verschidde Quartiersplazen hate mer jo schonn. Ënner anerem d'Place Wercollier, wou d'ganz Awunnerschaft ronderëm konnt mat decidëieren, wat do sollt entstoen. A mir hunn och reegelméisseg Projete vun eise jeeweilegen Interesseveräiner, wou dann ëmmer erëm Projete fir hire Quartier proposéiert ginn. An deem Sënn hu

mer dat jo schonn hei zu Diddeleng. A virun allem wëll ech och nach eng Kéier opgräifen, wat d'Madamm Kohn gesot huet. U sech muss ee jo net op sou eng Kommissioun oder e Gremium waarden, wann een e Problem oder eng Schwiereregkeet entdeckt oder eng gutt Propos ze maachen huet. D'Diddelenger Gemeng ass bekannt, dass se méi wéi oppen Oueren huet, an do kann ee gäre sech hei weisen, fir op eppes hinzuweisen oder eng gutt konstruktiv Iddi mat eranzebréngen.

Zum Sport. Dat mat de Rapporten ass schonn ugeklungen. An ech mengen och, dass d'Sportskommissioun do am Prinzip probéiert, déi Rapporten och un d'Conseillere weiderzeginn. Och wa vläicht deen een oder deen aneren ënnerwee hänke bliwwen ass. Mee do gëtt jo de Rappell gemaach a Remedur geschaaft. De Kennedy, do hu mer héieren, dass dat sou leeft, wéi mir eis dat virgestallt hunn. Déi Luuchten déi virgesi sinn, si selbstverständlech LED-Luuchten, souwuel um Nossbam wéi um Tennisterrain. An déi Luuchten um Tennisterrain, ech hat et am Fong och gesot, déi sinn amovibel an deem Sënn dass se kënne mat eriwwer geplënnert gi wann den Tennis sech am Kennedy installéiert. Sou dass deen doten Invest net verluer wäert sinn. De Subsid dee mer de Moment virfannen, dat ass den ordinäre Subsid. Do ass de Covid nach net d'Office mat virgesinn, sou wéi mer et och déi lescht zwee Joren hei haten. Sportssstad Diddeleng. Fir dass mer eng Sportsstad bleiwen, den Här Claude ass drop agaangen, muss weider reegelméisseg investéiert ginn an dat eeben och mat der Bedeelegung an am Dialog mat deenen zoustännege Verantwortleche vun de Veräiner.

Also Här Claude, wou ech lech nogelauschtert hunn, ass mer de Gedanke komm: Eemol Sportspräsident, ëmmer Sportspräsident. Dir maacht dat ëmmer nach ganz engagéiert an hutt do alles um Radar. Den Här Friedrich hat och vum Stade Meyer, respektiv dem F91 geschwat. Jo engersäits musse mer probéieren, d'Balance ze fannen tëschent nach investéieren an de Stade Nossbam, well do jo nach muss a soll gespillt gi bis de Meyer fäerdeg ass. An dofir och déi verschidden Investor, déi reegelméisseg gemaach ginn, och do mam Austausch mam Veräin, fir ze kucken, wat sinn déi aktuell Prioritéiten. An de Projet Meyer, deen ass jo och schonn hei ugeschwat ginn. Do si mer am Planning vum Masterplan mat dran. Dat ass jo engersäits e Sportskomplex, mee och e ganz groussen urbanistesche Projet, deen do mat drunhänkt. An de Masterplan ass am Ament, dass Kadasteropmoossunge musse gemaach ginn, bezéiungsweis Levée topographiquen. An do wäerte mer mat Drohnen iwwert dee ganzen Areal musse fléien an dofir ass och e Courier fir déi verschidde betrafte Leit an der Maach, fir dass déi och informéiert gi wann dat da soll stattfannen.

Mir sinn a bleiwen eng houfreg Sports- a Kulturstad an dofir sinn ech och frou, dass dat bei alle Bänken unerkannt gëtt, dass dat eppes kascht. Natierlech kascht dat eppes. Mee mir sinn eis alleguerte bewusst, dass Kultur e groussen Integratiounsfacteur ass, awer och zoustännege ass fir déi lieweg a gesond Dynamik, déi mer hei an der Stad hunn. An d'Zesummeliewen an d'Zesummekomme vun de Leit a vun der Bierger ass eis och ganz wichteg. A mir sinn eis och op alle Bänken eens,



dass mer eis op 2022 freeën, dass mer dann zesummen hoffe kënnen, dat alles sou ëmzesetzen, wéi mer dat zesumme virgesinn hunn.

Heizstraler, dat war e bëssen iwwerraschend en Thema. Och do ass et, d'Balance ze fannen, dass ee sech awer wuel an agreabel fillt bei deene verschidden Eventer déi stattfannen am Wanter. Do ass et e bësse méi kal an do geet et net bei jiddwerengem duer, dass ee sech anstännege undeet, mee dofir probéiere mer och – ouni ze iwwerdreiwen natierlech – déi Heizstraler do zur Verfügung ze stellen wou se Sënn maachen. Woubäi mer musse wëssen, dass elektresch keng Alternativ ass. Dat géifen eis Capacitéiten net packen. Dofir musse mer op déi Gasheizungen zréckgräifen.

Den Télévie ass och eppes, wou mir eis alleguerten drop freeën, a mir sinn alleguerten do gefuerdert a sollen do w.e.g. mat hëllefen, maximal ze sammelen. D'Oeuvres St. Nicolas. Déi fanne mer effektiv bei de Subsiden net méi rëm, déi hu sech opgeléist. Dofir fanne mer am Fong geholl de Projet Kleeschen an eisem Budget erëm well eise Service Fêtes et Manifestations integral iwerhëlt. An d'Oeuvres St. Nicolas, déi sinn am Gaang sech opzeléisen an hir leschte Budgeten, déi sinn natierlech nach an Titercher, an Dekoratioun, an Änleches gefloss, wou mer dëst Joer awer haten, well de Kleeschen an d'Schoul gaangen ass an deene braven Diddelenger Kanner hire Cadeau konnt iwwerreechen. Wéi gesot, do sinn déi Budgeten agefloss. Bezéiungsweis, wann do sollt nach eppes iwwreg bleiwen nom Dekont, da wäerten eis Servicer dat brauchen, fir deen nächste Kleeschen ze organiséieren. Dat war et dann zu menge Punkten. Merci.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter, ech wäert da kuerz op déi Punkten agoen, déi mech betreffen, ech wëll awer soen, dass ech net op alles am Detail kann agoen. Ech hunn awer alles nogelauschtert, dat eent mat engem Schmunzelen, dat anert mat engem klengen Kapprëselen, awer alles am grénge Beräich. Dat war dëst Joer, dat ass schonn e puer Mol gesot ginn, ganz fein a propper iwwert d'Bün gaangen. Da géif ech präzis op e puer Froen agoen, déi gestallt gi sinn.

D'Madamm Kayser kennt de Service SeniorPlus net, hunn ech dat richteg verstanen? Ma de Senior Plus, deen hu mer awer hei scho viru 4, 5 Joer hei an enger ëffentlecher Versammlung virgestallt, an d'Flyere vum Senior Plus déi leien aus am Club Senior an och hei an der Gemeng selwer an och wann Leit an de Populatiounsbüro ginn fir sech unzemellen, kritt een do sou ee

Flyer iwwerreecht. Mee wat awer stëmmt, mir hunn e bësse vernoléisseg, de Senior Plus am Blietche periodesch ze rappelléieren. Dat wäerte mer dann am Joer 2023 dann nohuelen, sou dass och jiddweree weess, ëm wat et do geet.

Dann hutt Der geschwat vum Covenant of Mayors, dat hu mer och schonn e puer Mol gesot an ech soe et lo nach eng Kéier. Den Ofschloss vun deem Projet gëtt am Fréijoer gemaach an da gëtt den Aktiounsplang warscheinlech am Mee agereecht. Mir wäerten et awer nach eng Kéier an enger Ëmweltkommissioun diskutéieren an dann op de Wee ginn.

Dir hutt och vum Service Logement geschwat, vun de Konditiounen. Déi sinn och bekannt a mengen An. Ech widderhuelen se awer trotzdeem nach eng Kéier gär. Do ginn et zwee grouss Ënnerscheeder: an zwar bei der Cellule Logement, do muss een 12 Méint hei zu Diddeleng wunnen a beim Service Logement, do muss een 3 Joer hei zu Diddeleng wunnen. Dat sinn déi zwee ganz grouss Ënnerscheeder, nieft aner Ënnerscheeder. Bei der Cellule, do muss een och d'Accord si fir eng Gestion volontaire ze maachen, beim Service Logement ass dat net de Fall. Wéi gesot, d'Residenzklausele ass dee gréissten Ënnerschied bei deenen zwee Formelen. Da ginn ech iwwer bei d'Madamm Heinen. Beim Service écologique hu mer de Moment net wëlles e véierte Mann oder eng véiert Fra anzustellen. Déi dräi Mataarbechter plein temps, dat ass de Moment gutt esou. Wann Nout um Mann oder un der Fra sollt sinn, an eis Servicer signaliséieren eis dat, da musse mer natierlech doriwwer schwätzen.

D'Diskussioun iwwert de Réckhaltebecken an der Pater Thiel-Pierre Dupong – Fany Schumacher-Strooss, do lafen d'Verhandlungen nach ëmmer. An ech kann haut net soen, ob et en Happy End gëtt oder net, mee dat gesi mer dann am Laf vum nächste Joer.

Forstplan, Bëschbegeegung mat de Bierger. Dat hate mer schonn eng Kéier gesot gehat. Ech si positiv agestallt. Ech sinn awer der Meenung, dass een dat net onbedéngt muss als Gemeng maachen D'Ëmweltkommissioun mécht dat jo fir hir Memberen mam Fierschter am Kader vum Forstplang. Ech kéint mer awer virstellen dass eventuell déi Diddelenger Sektoun vun Natur an Ëmwelt sou eppes kéint organiséieren. Dat wär am Fong hire Rôle, fir sou eng Aktivitéit eng Kéier ze maachen, wou mer hinnen als Gemeng och wäerten hëllefen. Bon, dat ass eng Diskussioun, ech hunn dat notéiert a mir kënnen dat jo awer net aus de A verléieren.

Nachhaltige Schule. Do hu mer 30.000.- Euro am Budget virgesinn. Dat ass en neie Projet, dee mer och an der Ëmweltkommissioun virgestallt haten. Déi 30.000.- Euro, dat geet elo duer fir 3 – 4 Schoulen ze maachen. Mir hunn dëst Joer um Programm: Butschebuerg, de Brill, den Däich an d'nächst Joer kommen dann déi aner Schoulen drun. Dat heescht, ëmmer an engem Rhythmus vun 2 Joer kommen d'Schoulen drun. Firwat? Éischtens mol wéinst de Finanzen a zweetens well d'Energieagence och net sou vill Leit huet, fir d'ganz Land permanent kënnen ze betreiwen.

De STEP Secondhand-Shop dee bleift op där Plaz, wou en ass. De CIGL hëlleft deene Leit um STEP fir de Secondhand-Shop ze bedreiwen. A wéi gesot, de Site bleift do, wou en ass.

D'Klimateam, déi éischt Sitzung. Bon, ech fannen dass déi Sitzung laang war fir meng Verhältnesser. 1 Stonn 20, dat ass fir meng Verhältnesser eng ganz laang Sitzung. Dir wësst, meng Sitzunge si meeschtens streng nom Ordre du Jour geriicht an ech hat och net d'Impressioun dass d'Leit an der Sitzung fonnt hunn, dass mer awer e bësse gedrängelt hunn. Déi zweet Sitzung wäert – dat kann ech elo scho verroden – nom selwechte Schema oflafen. Dat soll keng Plauderrunde ginn oder e geselliges Beisammensein, do soll konkret geschafft ginn an ech géif och soen, dass mer an deem Rhythmus solle weiderfuere, an ech betounen, do kritt jiddwereen d'Wuert. Awer bei mir gëtt dat e bësse méi encadréiert. Den Här Gangler huet e puer Montanten erwänt am Kader vum Ëmweltberäich, d'Becheren, d'Spullmaschinn. Am Budget ass jo den Artikel 542 – „Protection de la nature“ – deen ass ënnerdeelt a „Frais de réception“ a „Subventions“ an do gi mer dann effektiv déi Saache siche wéi eis Spullmaschinn, fir eis Becheren ze kafen. Mir hunn och geschwat vu Zero Waste. Effektiv, dee Subsid vun 10.000.- Euro ass geduecht, wa mer eis Fester hoffentlech am Laf vum nächste Joer nees kënnen organiséieren, wou d'Veräiner dann ënnerstëtzt gi wa se bei Green events oder Ech engagéiere mech matmaachen. Hondstoiletten. Jo, an all Quartier wëlle mer eng hi maachen. Am Ribeschpont déi ass verschwonnen, mee soubal de Chantier fäerdeg ass, kënnt déi rëm dohinner, dat ass ganz sécher.

Dann ass vun der Madamm Ahmedova iwwer Photovoltaik geschwat ginn. Ënnert dem Guy Urbany, wéi deen Ëmweltberoder war, hu mir all eis Gemengegebaier analyséiert a gekuckt op d'Statik, wou et méiglech wär. An do wou et méiglech war, hu mer et gemaach. An Dir gesitt jo och dass bei all Neibauten, wou et nëmme méiglech ass, dass mer do Photovoltaik opriichten. Net méi spët wéi op Ribeschpont hu mir dat virgesinn, sou dass mir do als Gemeng Diddeleng ganz ganz gutt do stinn an deem Beräich.

Müll trennen am ëffentleche Raum, och dat hate mer schonn alles. Mir hunn et awer du si gelooss gehat. Firwat? Well mer festgestallt hunn, dass d'Leit sou si wéi se sinn. Si hunn dat fir alles geholl a ronderëm war ëmmer Sperrmüll an et war hygienesch eng eenzeg Katastroph. An du hu mer all déi Saachen ewechgeholl. Mir hate Pabeier do, mir hate Batterien, mir hate Glas und und und. Sou dass mer op den ëffentleche Plaze keng Poubelle méi wëllen opstellen ausser déi normal, wou mer lo hunn. Et kéint ee vläicht driwwer nodenken, vläicht am Zentrum, sou wéi z.B. um Findel, sou kleng Poubelle fir organeschen Offall, dat kéint ee maachen. Awer sou fréier wéi an de Quartieren, dat géif ech net méi wëlle maachen, well dat geet net riicht aus.

Den Här Martini seet, Einsamkeet bei eeler Leit. Dat ass richtig. Mir hunn de Club Senior. All déi Leit, déi bei eis enregistriert sinn hate mir an deenen zwee Joer vun der Pandemie alleguerten eenzel kontaktéiert, sief dat per Telefon, sief dat per Courrier. Mir hu jo och Bro-



schüre gemaach. Et gi jo och Leit wou mer gesot kritt hunn: „Hei këmmert iech ëm déi.“ Och dat hu mer gemaach. Jiddwereen erreecht een natierlech net. Mee eis Leit, déi mer kennen, wou mer wëssen, déi gi reegelméisseg kontaktéiert. Och wa mer souguer ausserhalb vun de Pandemieszäite laang näischt méi héieren hu vun de Leit, hu se awer alleguerten de Reflex fir unzeruffen: „Ass alles an der Rei? Geet et?“ Mir maachen dat, wat mer kënnen maachen. Wann Dir nach eng aner Iddi hutt an deem Kontext, loosst mech se wëssen. An dat anert, wat Der gesot hutt. Mir hu jo ëmmer e Cours fir Babysitter. Dat heescht jonk Leit, déi da Kanner betreffen. Déi eeler Leit, do musse mer kucke mat eisem Service, wéi mer dat kënnen ugoen. Effektiv kënnen mer en Appell maachen un déi Leit, déi Zäit hunn an déi kennen e Kand betreie wat aus der Schoul kënnt. Dat ass eng gutt Iddi. Déi behale mer mol am A.

D'Mülltax. Effektiv hu mer wëlles, d'nächst Joer en neit Müllreglement a Kraaft trieden ze loosse. Vun den Taxen ass do nach keng Rieds gaangen. Wa mer jo dat neit Müllreglement a Kraaft triede loosse, da geet et jo drëm, ëm d'Gewiicht an ëm d'Leerung. Dat soll jo theoretesch, wann d'Leit matschaffen, méi bëlle ginn. Wa se manner aussetzen, dat gëtt et jo da méi bëlleg. Mir musse kucken, wéi mer dat kënnen maachen. Op jiddwer Fall ass näischt elo geplangt. Wat awer net wëllt heeschen, dass een eng Adaptatioun op deem engen oder aneren Enn muss maachen. Dir wësst jo och, d'Mülltax soll am Prinzip käschendeckend sinn. Mee wéi gesot, den Ament ass net geplangt, dass mer do eng Erhéijung wëlle virhuelen.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Villmools Merci. Och ech wäert op déi eenzel Froen agoen, déi ech gestallt krut. Ech soen awer och jiddwerengem Merci fir déi konstruktiv Diskussioun, déi mer hei haten an déi ganz flott Ureegungen. Ech wäert och e bëssen dorobber agoen. Fir d'éischt zu de Froe vun der Madamm Kayser. Dir hutt gefrot, eng Etude technique um Däich, wat geschitt do? Do ass et sou, dass de Waasserreseau ganz muss iwwerschafft ginn. Do wäerte se lo éischt Analysen an Etüde maachen. Dofir hu mer déi Suen drastoen. Déi Etude technique, dat geet am Fong ëm Waarm- a Kalwaasserreseauen. Dann hu mer awer och nach d'Analys vum Daach, déi steet och nach dran um Däich. Do ass et éischter sou datt deem Daach muss nei gemaach ginn. Do gëtt eng Daachopbauanalys gemaach, eng statesch Analys, eng Brandschutzanalys, ob mer Photovoltaik kënnen dropsetzen an och eng Isolatioun. Dat ass och an deem Budget.

Da ware mer eis mengen ech relativ eens, dass et ganz wichteg wier, déi 500.000.- oder déi 250.000.- dëst Joer fir de Wifi an de Schoulen ze maachen. Do ass d'Proposition komm vun der Madamm Kayser, fir dat eng Kéier an der Nei-Mediekommissioun virzestellen. Dir wësst, datt mer e Wiessel haten an der Nei-Mediekommissioun am Laf vum Joer. Ech selwer wäert do eng Kéier lo eng Presentatioun maachen. Mee fir d'Schoulen ass dat relativ komplex. Wann ech an eng Nei-Mediekommissioun ginn an do soen: Mir maache 6000 Meter Kabel a 57 Prisen, da sinn déi och net begeeschtert. Dofir hate mir geduecht, mir géifen d'City-App eng Kéier an der Nei-Mediekommissioun presentéieren an ech

hunn dat och um Ordre du Jour stoen. Et koom awer leider elo Enn dëses Joers net méi dozou.

Dann d'Fro zu Bordereau vun der Restauration scolaire. Do hunn ech net richtig verstanen. Solle mir lech do de Bordereau ginn? Éischter d'Krittären. Well Dir kritt jo eigentlech ni e Bordereau, dee gëtt jo net rausgeschéckt. Ech kucken, ob een do e kleng Rapport ka maachen. Dir wësst, datt mer do begleet gi si vu Goblet Lavandier, déi eis gehollef hunn, dee Cahier des Charges auszeschaffen. Awer och dem Catherine Dimmer wëll ech Merci soe fir deen Invest, deen hat do mécht. Hatt këmmert sech ganz intensiv dorëm an hatt gëtt natierlech och begleet fir e bëssen de Suivi do ze maachen. Ech kucken, ob hatt eis eng Kéier e kleng Rapport ka maachen, deen een da kann un lech weiderginn.

Dann, d'Madamm Kayser huet ganz vill gesot zur Eltereschoul, zu BabyPLUS. Do muss ech mech bei menger eegener Nues huelen. Dat ass wann een d'Blieder hanerenee leet an dann ee Blat einfach mat ëmdréit ouni drop agaangen ze sinn. Ech hunn et direkt gemierkt, wéi ech d'Ried fäerdeg hat, ech wëll awer trotzdeem do e puer Froe beäntweren, déi opkomm sinn. Den Här Zuing huet lo scho ganz vill gesot, et ass lo net, dass hie méi Informatiounen hat, mee ech hat mäi Blat einfach net richtig gebliedert.

Do wëll ech soen, Service Jeunesse – Famille, do war fir d'éischt d'Fro, firwat geet dat do rof? Firwat gëtt do d'Tâche erfogesat? Den Här Laurent Krantz, deen de Service Jeunesse Famille mécht huet eng Réduction de Tâche ugefrot fir e Master ze maachen. Well hien am Kader vu senger Aarbecht och e Virdeel dovun hätt, wann hien dee Master géif maachen. Mir hunn him dat accordéiert. Dat heescht awer elo net, datt hie näischt méi schafft oder darr mer hie solle verréckelen. An ech muss soen, zu dësem Zäitpunkt wou mer gesinn hunn déi Bourse d'Information fir d'Journée des Droits de l'Enfant, déi mir hei haten, dat huet hien exzellent organiséiert. Hien huet awer net nëmmen dat. Ech denken do och un den Här Manderscheid. Hie wäert sech och ëm de Babysitting fir eeler Leit këmmen. Do huet hien och scho Kontakt mam Club Senior. Ech mengen dat passt jo e bëssen an dee Kader. Dann huet en awer och eng Bourse d'Information fir de Familljendag virgesinn, Teambuilding mat de soziale Servicer ginn zweemol d'Joer gemaach. Hien huet sech ëm déi ganz Organisatioun vum Bus gekëmmert. Hie mécht och déi ganz Reservatiounen an iwwerliest och ëmmer op de Sënn hannert dem Projet fir e Bus ze kréien, ob dat och dat ass, wat mir eis virstellen. E wäert en Opklärungsdag maachen a Kollaboratioun mam LNB. Do ass hien och ëmmer

mat agebonnen. Mir hate gëschter eng Reunioun mat der Eltereschoul, mat der Direktioun. Bei hinne komme Wiesselen. Och do ass hien elo Uspriechpartner an hie wäert och ganz intensiv mat drun deelhuelen, fir do de Suivi ze maachen.

Den Outreach, do war gefrot ginn, firwat hu mer keng Zuele kritt? Jo, effektiv, well ech et vergiess hunn. Et ass eigentlech enorm, wat a deem Jugendhaus do gelescht ginn ass. Net nëmme vun enger Persoun, mee vun der ganzer Ekip. Wéi gesot, et ass net einfach gewiescht. Virun allem déi Jonk ze iwwerzeegen: Loosst iech impfen. Oder: Macht Tester. Alles dat war eng grouss Aufgab. Insgesamt huet denn Outreach 222 Gespréicher gefouert. Dovunner 144 fir eng Aarbecht, Jonker déi eng Aarbecht gesicht hunn oder net wouste wouhinne. An 78 dovun, sinn der éischter an der Rencontre gewiescht, sou en Echange um Terrain. Hatt ass och responsabel fir eisen Outdoor. Mir maache jo Outdoor – Indoor, dat hat ech lech gesot. Ech hunn lech elo net all Partner genannt. Mee mir hunn awer eng Adem, en Office social, CNFPC, alles dat si mëttlerweil Plazen, wou hatt déi Jonk hi begleet an do gëtt immens vill Aarbecht gemaach. Mee och am Jugendhaus selwer gëtt eng enorm gutt Aarbecht gemaach. Do wollt ech awer einfach mol e grouse Merci soen un déi ganz Ekip. Ech mengen och, datt mer hei gutt Aarbecht leeschten. Och déi Plazen, déi mer maachen, déi fräi Konschtmauer, do hate mer lo eng Visitt vun der Gemeng Déifferdeng, well si fannen, mir géifen dat sou gutt maachen, si bräichten d'Rad net nei ze erfannen a sinn dann heihinner sech e bëssen informéiere komm, wat jo och ganz flott ass

BabyPLUS ganz kuerz. Do ass et sou, datt déi Konvention weidergeet. Déi geet an d'Luucht, well och rëm méi Visitte sinn. Si hunn 38 Famillje begleet, 110 Visitte waren an de Familljen. An eppes wat awer och elo d'nächst Joer rëm bäikënn, si waren ëmmer an der Balzenger Schoul mat de Babymassagecoursen, do dierfe se lo net méi ran. Mir haten elo eng éischt Propos fir eventuell eng Visitt ze maachen uewen, do wou den Airtramp ass an der Crèche Italien. Déi Echange lafen do. Mir ginn dat kucken a wann dat dann och fir si an der Rei ass, kéinte mer och rëm Babymassagecoursen ubidden.

Dann Eltereschoul. Do waren éischter online Saache gelaf. Net sou um Terrain. Dat war ganz schwierig, well mer si jo net an d'Schoule ragelooss ginn. An Elterecafé war net méiglech. Awer si haten 120 Elterenowenter, awer online. Dat ass relativ gutt gelaf. An do wäerte mer natierlech mat hinne weiderfueren an de Laurent Krantz wäert do elo den Uspriechpartner sinn, dee sécherlech do gutt Aarbecht mécht.

Dann zur Madamm Heinen. Tiny Forest, déi Propos, déi Dir gemaach hutt, ech géif dat gär an och eng Kéier gesi wat Dir lo schonn ugeschwat hutt do. Ech weess elo net wéi Äre Projet ausgesäit, mee ech fannen et eng gutt Iddi an ech fannen et wichteg, an ech sti gär an zur Verfügung fir eng Kéier en Echange, vläicht am Jugendhaus oder sou.

Den Internetsite, deen ass jo lo online, dee kënnt Der kucken.

Schoul Balzeng. Do war gesot gi méi Klassesäll. Also et ass elo net, dass Lenkeschlei ze wéineg Klassesäll huet, mir hunn awer eng Reserv vun 2 Stéck. Dofir, Schoul Balzeng, do kann ee sech iwwerleeën, ob een der vläicht 3, 4. Mee prinzipiell muss all Schoul duebel Klassesäll hunn.

Dann: Gratis lesse – méi Aarbecht. Ech mengen net, datt mir méi Aarbecht kréien. Dat leeft éischter iwwer d'Facturatioun, déi jo net bei eis gemaach gëtt. Dat Eenzeit, wou mer a Bedrängnis wäerte kommen, dat ass d'Demande. Bei der Offer an Demande si mer lo schonn op der Limit. Wa mer lo nach méi Leit kréien, da gëtt dat fir eis als Gemeng schwierig.

Spillplaz Wolkeschdall – Biergerbedeelegung. Do wëll ech soen, dass ech eng Reunioun fixéiert hat. Den Här Friedrich kann dat bestätegen. D'Mail ass zwar ni bei him ukomm, mee ech hu Rendez-vous mat den Elterevertrieder aus dem Brill an den Elterevertrieder aus der Lenkeschlei, e puer Leit aus der Rue de la Paix. Dat sollt de 15. sinn, mee vu que datt d'Mailen net ukomm sinn an ech mech gewonnert hunn, dass kee mer géif äntweren hu mer dat an de Januar geluecht, mee och do wäert en Echange stattfannen.

Outreach fir Senioren. Här Martini, do muss ech soen, Outreach fir Senioren, ech hunn déi Remark net verstanen, well den Outreach ass éischter een deen ee soll op eng Schinn bréngen fir dann de Rescht vum Liewe vläicht e Beruff ze maachen oder d'Schoul rëm opzehuelen. Also Outreach bei Senioren... dat weess ech lo net genau.

An dann d'Crèche Italien. Mir sinn alleguer frou, dat huet d'Madamm Erpelding gesot, datt déi Crèche elo do ass. Dat Eenzeit wat mer gemierkt hunn, elo wou se opgeet, datt mer an Zukunft eng Ännerung musse maache wéinst dem Precoc. Mir sinn do e bëssen Afger vun eisem eegene Succès. Et ass eigentlech ganz wéineg Demande do tëschent deenen 2 a 4. Et huet een d'Puppelcher an 2 a 4, vu que datt se mat 3 an de Precoc kënne goe brauche mer eigentlech an deem Beräich manner. Gutt, mir loosse et elo ulafen, awer mir wäerten et en Cours de Route upassen. Well et lo Betreuung gëtt am Precoc ginn déi meescht Leit op de Wee, fir d'Kanner an de Precoc ze ginn.

Da wëll ech ee Wuert soen zum SIGI. Ech mengen et ass ugeklongen, d'Madamm Erpelding huet et gesot. Ech wëll lo do net méi grouss drop agoen, ech hunn och erkläert firwat de SIGI an d'Luucht geet. Ech wëll awer soen, datt déi éischt Reunioun vum SIGI a vum OGBL war. Eng zweet ass virgesinn am Januar, eng drëtt ass virgesinn am Februar. Ech wäert mech och do lo net améschen. Dat ass de Personalchef zesumme mat der Delegatioun, mam OGBL. Ech wäert lech dann do d'Resultat och matdeelen. Wat ech awer net hei am Raum wëll stoe loosse, dat ass, datt ech hei falsch Informatioun rausginn hätt am Kader vun Ärer Motioun. Ech fannen dat net fair, wann een op eemol engem seet: „Hei Du ziels eis hei egal wat.“ Ech hunn déi Informatiounen

kritt, ech hunn déi weiderginn. Dat war dat Eenzezt wou ech soen, et muss net sinn. Mee bon. Da Merci un all dat Personal, mat deem ech geschafft hunn am Laf vum Joer. Et war vill Aarbecht, mir hu vill geschafft, mir hu gutt zesumme geschafft. An da soen ech lech Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Als lescht Riednerin huet een d'Chance, dass ganz villes scho beäntwert ass an och d'Mercie praktesch alleguer ausgedelt gi sinn, deenen ech mech och uschléissen. Sief et un d'Servicer, sief et un d'Fairness heibannen.

D'Madamm Kayser hat gesot bei der Report-it kriterien d'Leit keng Äntwert. U sech geet dat automatesch via d'App oder via E-mail. Ech hunn och elo nach eng Kéier gefrot, et ass och dat, wat ech bestätegt krut. D'Madamm Heinen huet gesot, et hätt bei hir gutt geklappt, wou si eppes gemellt haten. Dir hat elo d'Beispill vun der Camionnette gemellt, déi keng Vignette hat. Dat ass vläicht kee gutt Beispill, well mer kënnen de Leit jo net schreiwen, mer hätten deen elo protokolléiert. Dat Eenzezt, wat s de hinne vläicht kanns schreiwen ass: D'Saach huet sech elo erleedegt. Et ass vläicht e bessen e schlecht Beispill gewiescht. Mee wéi gesot, ech hu mer bestätege gelooss, datt jiddwereen eng Äntwert kritt. A wann elo d'E-mail am Spam lant, dat kënne mir net beaflossen. Ech mengen de Buergermeeschter ass och drop agaangen. E puer Leit sinn hei op d'Info-Versammlung mam Minister Bausch agaangen, déi sollt stattfannen, a wou Covid eis e Stréch duerch d'Rechnung gemaach huet. Bon e soll jo lo och kommen, zesumme mat Verstärkung. De Buergermeeschter huet dat gesot.

D'Madamm Bodry huet virdu gesot, grouss Versammlunge waren net méiglech, si momentan och nach net méiglech an ech mengen, datt se och net wünschenswäert sinn. Ech krut elo grad hei vu menger däitscher App gemellt, dass den däitsche Minister seet, e géif sech eng ganz staark 5. Well erwaarden. Ech hoffen datt mer trotzdem kënne sou séier wéi méiglech live en presentiell Leit an e Sall kréien, well ech mengen datt d'Leit Froen hunn a déi Froen och wëlle stellen. An et ass e bessen wéi beim Homeschooling. Et ass besser, et ass ee live dobäi an et kritt een och live eng Äntwert. A mir hoffen dann, datt dat elo sou séier wéi méiglech, wéi de Buergermeeschter dat ugekënnegt huet, ka stattfannen.

De Biergerpanel wou d'Ëmfro an d'SUMP soll afléissen. Dat ass effektiv esou. Dofir sinn déi Froen och gestallt ginn am Biergerpanel. Et ass allerdéngs esou, mir si bei der SUMP am Gaangen d'Mesuren auszuschaffen. An da muss dat Ganzt och nach verdaulech a verständlech opgeschafft ginn, well et huet net ganz vill Wäert, dass de mat engem Dokument erausgees, wat just d'Spezialiste verstinn. An nodeem mer dann d'Mesuren allegueren ausgeschafft hu wäert dat geschéien an da wäert dat Dokument natierlech net nëmmen lech zougänglich sinn, mee och jidderengem dobaussen. An da wäerten d'Leit, déi do matgemaach hunn och gesinn, datt hir Saachen effektiv agefloss sinn.

D'Madamm Heinen hat et och virdu gesot. Covid huet net nëmmen Auswierkungen op de Budget wat d'Zuelen



ubelaangt, mee op all d'Reuniounen, gréisser Reuniounen, déi net konnte stattfannen, op Liwwerungen, wou mer bei verschidde Saachen 2 Joer hu missten drop waarden, datt se ukommen. Op de Montage vu all deene Saachen, well da Leit krank waren, a Quarantine waren, an Isolatioun waren, et j'en passe. Dat Ganzt huet Auswierkunge gehat op alles, wat mir eis hei virgeholl hunn an haten.

D'Madamm Heinen an d'Madamm Erpelding sinn op de Shared Space versus d'Foussgängerzon agaangen. Ech mengen do komme mer eis haut och net méi no.

D'Vëlospist an der Mayrisch de St. Hubert. Et ass natierlech sou, datt mer do mat Vëlo Diddeleng a Kontakt sinn a se och weider wäerte froen. Allerdéngs brauche mer eng Etüd, well et geet jo hei net nëmmen drëms, datt een eis seet: Ech wëll gär do Vëlo fueren. Dir sot, et musse Parkplazen ewechkommen. Jo. Dat ass awer op dëser Plaz de mannste Problem. Do mussen Ëmbaute gemaach ginn, do sinn Afaarten, do si Beem. Alles datt muss ee kucken, wéi een dat am beschte realiséiere kann. An ech sot, Dir wiert d'Sprochrouer vu Vëlo Diddeleng, dat war och net negativ gemengt, mee Dir hutt genau déi nämmelecht Doleancen d'leschte Kéier hei gesot, wéi mir an der Reunioun, respektiv eis Servicer mat hirer Reunioun un eis erugedroen hunn. Dofir war déi Remark. Mee déi war op kee Fall negativ gemengt. Et ass jo gutt wann een eis seet, wat si net gutt fannen als Usager. Ech sot et d'lescht Joer schonn hei. Da kënne mer vill méi schnell reagéieren an da kënne mer och konkret reagéieren, an dat soll och sou bleiwen.

Zu eisen Agent municipaux, Pecherten am Volleksmond genannt. Déi hunn een Auto, zwee Elektro-Vëloen an zwee Scooter an 12 Puer gesonder Féiss.

Zum Vëlossummer. Dat hate mer och d'lescht Joer sou gemaach. Mir wäerten dat fir d'éischt an der Verkéierskommissioun virstellen an duerno kënnt jo d'Reglement och nach eng Kéier an de Gemengerot. A bis dohinner hu mer jo och vill méi Detailer.

Dir waart och drop agaangen, dass de Minister soll erof kommen, an ech mengen dat ass elo beäntwert. An Dir hat nach gesot par Rapport zu den Invitatiounen, datt mer deem Rechnung gedroen hätten, datt iwwerall op den Invitatiounen soll dropstoen, wéi's de mam Vëlo oder mam ëffentlechen Transport dohinner kënns. Wann dat elo op Invitatiounen nach net de Fall gewiescht wier, ech mengen dann huet do hannen ee ganz opmierksam nogelauschtert, an da wäerte mer do ganz sécher nobeseren. Wéi gesot, eise Service Communication huet dat

matkritt. Dir hutt och vun enger Kanner-Stadféierung geschwat. Ech mengen Ären Noper, den neie Präsident vun der Tourismuskommissioun, deen huet dat matkritt an ech sinn iwwerzeegt, dass hien dat och eng ganz gutt Iddi fënnt.

D'Madamm Erpelding war eng Kéier ganz kuerz op d'SUMP agaangen. Jo, et ass effektiv sou, wéi Dir sot. Mir schaffen nach ëmmer do drun. Ech sot et, soubal d'Mesuren ausgeschafft sinn, gi se och diskutéiert a bekannt gemaach.

BHNS, de Schnellbus an CFL. Jo natierlech si mir do drun, natierlech diskutéiere mir mat deenen. Mee et ass wéi bei allem, wou een net Här a Meeschter ass, oder net eleng Här a Meeschter ass, do ass et ganz dacks schwéier an och schwéierfällg zu Léisungen ze kommen. Stéchwuert Ponts & Chaussées. Ech mengen, dat brauch ech heibannen nëmmen ze soen, da geet „ein Raunen durch die Menge“. Mee mir diskutéieren natierlech am Alldag ganz vill mat deene staatlechen Acteuren.

Butschebuergerstrooss, Place Gymnich, ech mengen do ass de Buergermeeschter drop agaangen. Dat war den Här Gangler. Dat mécht natierlech Sënn, dat zesummen ze kucken.

Den Här Claude war eng Kéier ganz kuerz op de Reportit agaangen an do war ech net sécher, ob ech d'Zuel richtig verstane hunn, dofir widderhuelen ech nach eng Kéier déi Zuel, déi ech hunn zënter der Mise en Service bis Enn November, dat heescht, net op den Dag vun haut, mee Enn November, ware 425 Meldungen. Ech war nämlech net ganz sécher, ob ech Är Zuel richtig matkritt hat.

De Flexibus, dee lo Flexbus gëtt, an den Impfbus, do soen ech och Merci. Dir hutt déi zwee Busse gelueft an et deet och mol eng Kéier gutt ze héieren, datt dat gutt fonctionéiert. An ech wäert dat dann natierlech weiderginn.

Zum Jumelage. Den Här Friedrich war drop agaangen, datt duerch Covid net allze vill konnt stattfannen an datt keng Reunioun gewiescht wär. Ech muss awer soen, datt déi al Präsidentin, d'Emilia an och de Sekretär vun der Kommissioun, déi waren awer a reegelméissegem Austausch mat eise Partnergemengen. Also et ass net sou, dass de Kontakt verluer gaangen ass. Mir hate och d'lescht Joer e ganz flotte Video gemaach, wou mer eise Partnerstied och geschéckt haten, net nëmme fir hinnen e schéint neit Joer ze wënschen, mee och fir se e bëssen ze ënnerstëtzen an och Courage ze wënschen, well eenzel Länner wéi Italien nach vill méi gepaakt waren deemools vum Covid wéi mir. An den neie Präsident ass kuerz drop agaangen, wat hie wëlles huet. A wa Covid eis net nach eng Kéier e Stréch duerch d'Rechnung mécht, dann hoffe mer datt mer dëst Joer do rëm kënnen lassleeën. Ech wënschen dann och deem neie Präsident vun där Kommissioun vill Freed a vill Spaass bei senger Aufgab. Dir hutt och vläicht gesinn datt de Moien an der Press den Appel à Candidatures fir d'Exploitatioun vun de Giten dra war, sou datt et och do wäert weidergoen.

Madamm Andrich, Dir fuerdert an engem Saz nei Aarbechtsplazen hei zu Diddeleng an am zweete Saz reegt Dir lech iwwert de Réckstau op. Wann natierlech ëmmer méi Leit op Diddeleng ugezu ginn an déi net onbedéngt wëllen oder kënnen mam ëffentlechen Transport kommen, da bäisst sech do d'Kaz an de Schwanz. Méi Leit bedeit automatesch och méi Verkéier. Well mer vill Grenzgänger hei hunn hu mer den Zuch, dee scho ganz laang vu Volmerange-les-Mines op Diddeleng fiert. Mir musse just nach kucken, dass ee méi Leit drop kritt. An Dir hutt och vläicht matkritt, dass de Bus 207 elo ab Volmerange-les-Mines wäert fueren. Wat och eng Do-leance war vun hirer Gemeng a wat och ganz gutt ass. Well Dir wësst vläicht, éier mir de Parking residentiell haten, si ganz vill Leit vun do eriwwee komm an hunn eis Stroosse verstoppt, fir kënnen op dee Bus do ëmzeklammen. Op konstruktiv Virschléi, Stéchstroossen, Tramsbunnen, déi Dir deemools an haut gemaach hutt ass de Buergermeeschter drop agaangen. Dir sot et, net nëmmen d'Propriétéitsverhältnesser stinn eis do am Wee, well déi vläicht aner Iddien hunn, och du muss een nach mat aneren Acteure schwätzen, z.B. mat de staatleche Stellen.

Zum Här Martini. Just eng kleng Remark um Rand am Sënn vun der Gläichstellung: Fraen, déi op Kanner oppassen a kache kënnen hoffentlech och Männer sinn, déi op Kanner oppassen a kachen.

Zum Parking residentiell. Wéi kënt en un? De Romain Molitor vu komobile, eise Verkéiersberoder, dee seet eis bei all Geleeënheet: Wann Dir iergend eppes ëmännert, da brauch de Bierger ëmmer Minimum ee Joer bis e sech iwwerhaupt emol un déi Situatioun gewinnt huet, datt eppes anescht ass. Dat heescht, virdru kënnen mer natierlech soen, deen een dee meckert, well e muss bezuelen an deen aneren, dee seet eis: Oh super, ech kréien elo endlech nees eng Parkplaz a menger Strooss. Jidderee gesäit dat e bëssen aus senger Vue a jidderee gesäit dat och vun do aus, wou e wunnt. Mee ech menge fir e Bilan elo schonn ze zéien ass e bësse fréi. Mir hunn den 18. Oktober, wa mech mäi Gediechtnes lo net am Stach léisst, domadder ugefaangen. Do musse mer einfach nach e bëssen Erfahrungswärter sammeln. Den Här Clement ass mengen ech do och schonn op viles agaangen.

Zu den Horodateuren. Och do ass den Här Clement op viles agaangen. Dofir brauch ech elo net méi all ze vill an den Detail ze goen. Et gëtt och e Plang, wéi déi Horodateure stinn. An déi sti keng 800 Meter auserneen, déi stinn 250 Meter auserneen. Och dat sinn déi Chiffreren, wou mer vun eise Expert kruten, a mir riichte jo lo nach no. Wat richtig ass mat den Horodateuren, virun allem wann s de net vun Diddeleng bass, da weess de net direkt, wou den Horodateur steet. Do hu mer lo mat Schëlter nogerëscht, well se endlech ukomm sinn. Och do hu mer ganz laang gewaart bis se do sinn. Sou dass d'Situatioun vun de Schëlter och besser ginn ass. Dee Plang kënnen mer lech och nach eng Kéier an der nächster Verkéierskommissioun weisen an och nach eng Kéier erklären. Da weess och jiddweree vu wat mer schwätzen a wou mer och wëllen norëschten, wou déi Plaze sinn, wou mer déi nei, wa se ukomm sinn, wëllen histellen. Dat huele mer einfach an déi nächst Verkéi-

erskommissioun an da weess jiddereen, wéi et ass. De Parking Samschdes gratis maachen. Jo, et kann een iwwer alles diskutéieren. Ech gesinn éischter de Problem do dass dann de Besuch awer keng Parkplaz kritt. Well dann hu mer jo rëm dat, wat mer eigentlech net wëllen. Wa mer den Zentrum payant loossen, fir dass d'Leit kënnen akafe kommen an eng Parkplaz kréien, da kommen d'Leit rëm Samschdes mam Auto a se parken eis Stroossen zou. Natierlech, een dee ganz wäit eraus wunnt, vläicht gi se net bei dee parken, mee all déi ronderëm, déi Leit déi Samschdes heihinner schaffe kommen, an där sinn et der awer nach ëmmer eng ganz Partie, déi wäerten da sécher erëm mam Auto kommen an dann hu mer u sech näischt geschafft.

D'Vëlosiwwergäng, Aménagement Passage cyclable heescht dat dann an der Route de Zoufftgen an an der Route de Luxembourg. Dat ass u sech näischt anescht, wéi dat wat mer d'lescht Joer am Januar an der Verkéierskommissioun virgestallt haten. Dat ass e Foussgängeriwwegank mat engem Vëlosiwwergank zesummen. Mir wëllen dat och 2022 realiséiert kréien. Ech verstoppen awer net, datt mer do eng Permission de Voirie vun der Ponts & Chaussées mussen hunn an datt mer do nach e puer Mol mussen hin an hir fueren, bis et komplett ass a bis mer de Go kréien. Et ass eng Kéier virgestallt ginn an der Verkéierskommissioun, mee mir huelen et einfach an déi nächst nach eng Kéier drop, fir och nach eng Kéier méi Detailer ze ginn, wéi dat soll ausgesinn a vläicht op engem Plang ze weisen, wou genau deen Iwwergang soll hikommen. Ech hat et zwar genannt, et ass op der Kräizung tëschent der Rue des Genêts an der Rue Kräizbiërg. An dat anert ass op der Kräizung tëschent der Rue Abbé Lemire an der Rue Jean Simon. Mee ech mengen et ass vläicht méi bildlech wa mer et och kënnen weisen.

D'Datumer vun der Circulatiounskommissioun. Mir hunn eis do eigentlech ëmmer un d'Reglement gehalen. Ech hunn och weiderginn, datt mer solle probéieren, vläicht 10 Deeg am virus den Datum erauszeginn. Da kann et awer ganz gutt sinn, dass mer eng Kéier mussen ofsoen, virun allem wa mer Gäscht hunn, déi an d'Kommissioun kommen, wann do deen een oder deen aneren net hei zu Lëtzebuerg ukënnt an de momentanen Zäiten, wann een eis ofseet, da kann et sinn, datt mer mussen en Datum verschiben. Mee wéi gesot, mir probéieren dann déi Datumer e bëssen éischter erauszeginn.

An dann hat Der de Wee beim Labo do nach ugeschwat. Vläicht kënnen mer dat d'nächste Kéier an der Verkéierskommissioun, wa mer souwisou beim Punkt Vëlo sinn, dat och nach eng Kéier widderhuelen, fir datt mer kucken ob a wéi mer do kënnen Remedur schafen.

Den Här Clement ass gréisstendeels op déi selwecht Saachen agaange wéi den Här Martini. Just mat engem bëssen aneren Tenor. Do brauch ech elo näischt weider méi dozou ze soen. Ech wëlt awer just eng Kéier Merci soen och fir déi léif Wieder, déi en eis Museksschoul adresséiert huet. Et waren nach aner Leit, déi och d'Museksschoul gelueft hunn. Dat deet deene Leit och gutt. An ech wëll nach eng Kéier widderhuelen, wat ech d'leschte Kéier scho sot: Ech menge wierklech, vu datt mer ëmmer méi Leit hunn, datt et ganz néideg ass,

datt mer fir eisen „neien“, et ass lo scho bal en alen, Danzressort eng nei Bleibe wäerte fannen.

Dat war lo alles dat, wat ech mer notéiert hat. An ech profitéieren dann och dovunner, fir nach jidderengem eng Kéier Merci ze soen a virun allem all deene Servicer, mat deenen ech am Alldag sou ze dinn hunn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Claudia och fir Deng Äntwert. Ech wollt nach eppes soen, wat ech virdru vergiess hat. Dat war nämlech déi Demande, dass, wa méi gréisser Projete sinn, da ee sech dat vun e puer Säiten ukucke soll. Ech mengen dass mer bái Projeten, déi eng gewësse Komplexitéit an Envergure hunn, sollen d'office en informelle Gemengerot maachen. Dat gëtt awer eng aner Méiglechkeet, fir de Projet ze diskutéieren, wou dann och ëmmer en Architektbüro dobäi ass oder e Bureau d'Etudes dobäi ass. Dat erliichtert herno d'Diskussioun am Gemengerot an erlaabt déi ganz Presentation nach eng Kéier am Gemengerot ze maachen. Da maache mer se éischter am Schnellverfahren. Ech wëll mech elo net festleeë beim Montant, well dat jo och eng Demande war. Mee dass een einfach d'office seet, wann et en Neibau ass, deen eng gewëssen Envergure huet, da gëtt en informelle Gemengerot gemaach. Do kann een dann och eng Finanzkommissioun mat bäizéien. Dat kann ee jo da sou kombinéieren. Bei deenen nächste Projeten déi eng gréisser Envergure a Komplexitéit hu wäerte mir dat dann am Virfeld sou maachen an dat erliichtert dann och den Ordre du Jour an d'Zäit vum offizielle Gemengerot.

Ech hu lo probéiert, op déi verschidde Stellungnamen anzegoen. Da si mer lo zum Schluss vun den Diskussiounen ukomm vum Gemengerot. Ass nach eng Fro? Ech wollt elo zum Vott iwwergoe vum Rectifié a vum Initial. Well mir mussen dat jo – nieft den Debaten – och ofschléissen. Ausser Dir wëlt gären e Statement virdru maachen?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter nach eng Kéier fir d'Wuert. Ganz kuerz. Mir hunn eis elo e bësse beroden a mir hunn alles nogelauschtert a mir haten natierlech am Virfeld och schonn diskutéiert, wéi dat sech an enger demokratescher Approche vun enger Fraktioun gehéiert. An et ass virdrun ugeklungen, wann ee sech an en Aarbechtsgrupp abréngt an och Iddie mat opgegraff ginn, dann ass dat jo och de Sënn vun der Participatioun bei engem Aarbechtsgrupp. A bei grouse Projeten, wéi z.B. beim PAG, ass et och logesch, dass da verschidde Fraktiounen net musse komplett mat deem Projet averstane sinn. A wann een dann eng aner Vue huet an de Projet net mat dréit, dann ass dat och keen Desavouement vun der Aarbecht, mee dat ass einfach demokratesch. A wann een de Projet, wéi Parking residentiell, mat stëmmt, dann heescht dat och net, dass een de Projet net méi dierf hannerfroen, dat heescht net, dass ee sech e Maulkuerf soll selwer undoen, wann een eng Kéier Jo zu engem Projet gesot huet. A mir sinn éischter der Meenung, dass een dann einfach d'Ae soll ophalen a verhalen, dass näischt a Stee gemeesselt ass.

Mir hunn déi Budgeten hei ganz akribesch gekuckt gehat. An och wa mir a verschiddenen Dossieren eng komplett aner Approche hunn – verschidden Dossiere ginn eis net schnell genuch, net wäit genuch, anerer ginn ze wäit, anerer sinn net komplett an eisen Aen – do erkenne mer awer trotzdeem ganz vill gutt Projeten an deem Budget vun 2022. A mir hunn och vill Projete vun 2021 matgedroen. An eise Wëllen, fir vu ganzem Häerze méi konstruktiv zesummenzeschaffen ënnersträiche mer, andeem mer eis dëst Joer enthale beim Vott vum Budget 2022. An dat soll och e Message ginn. Den Här Spina huet et och gesot.

E Message no baussen, datt Politik net nëmmen en dreckegt Geschäft ass, dass net nëmme lauter Loucher do setzen an dass mer awer och heibanne probéieren, eng Ekipp ze sinn. Vläch mat ënnerschiddlechen Approchen zu verschiddenen Themaen. Mee dass mer probéieren, zesummen dat Bescht fir Diddeleng op d'Schinnen ze setzen. An dofir wäert d'CSV dës Kéier net géint de Budget stëmmen, mee sech enthalen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Mir misste mam Budget rectifié 2021 ufänken.

Wien ass fir dee Budget rectifié?

Dat sinn d'Stëmme vun der LSAP.

Wien enthält sech?

Dat sinn déi Gréng an déi Lénk.

Wien ass dergéint?

D'CSV.

Dann de Budget initial 2022, wien ass do dofir?

D'LSAP.

Wien enthält sech?

Dat ass d'CSV.

A wien ass dergéint?

Dat sinn déi Gréng an déi Lénk.

MAI

14.05

NEISCHMELZ

Hall des Vestiaires & Wagonnage

Ouverture au public

12.05 -
15.05

CCRD OPDERSCHMELZ

Like A Jazz Machine

jazzXchange feat. Bojan Z, Thomas de Pourquery & Supersonic, Maxime Bender „Universal Sky“, Kenny Garrett & Sounds from the Ancestors, Émile Parisien Sextet feat. Theo Croker, The Minor Majors, Naïssam Jalal & Rhythms of Resistance

JUIN

11.06 -
12.06

NEISCHMELZ

Usina22 feat. Kings Of Leon

Festival Vitaines avec la participation de : Den Atelier, CCRD opderschmelz, De Gudde Wëllen, Aalt Stadhaus, De Läbbel, DKollektiv, Dudelage On Wheels, Itinerantes, Koll An Aktioun, Kulturfabrik, Rotondes, Rocklab, Schungfabrik...

18.06

CENTRE-VILLE

Fête de la Musique

Joris, Crash Test Dummies, The Coronas, Alex Henry Foster, Giirl, Wellbad, Maz, Little Hours...

19.06

CENTRE-VILLE

Zeltik

Red Cardell, Mänran, Paddy Goes To Holyhead...

AOÛT

01.08 -
28.08

RÉSERVE NATURELLE
HAARD

Acoustic Picnics

Krunnemécken & Roland Meyer, Julie Campiche, E roude Fuedem duerch de roude Buedem, Desire Lines, The Visit...

SEPTEMBRE

17.09 -
18.12

CENTRES D'ART DOMINIQUE
LANG & NEI LIICHT

Re-retour de Babel

Exposition et événements
sur les migrations

